



# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL  
DU 28.04.2023

#  
maville

DUDELANGE,  
ON DIRAIT  
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL

---



Dan Biancalana,  
bourgmestre LSAP



Loris Spina,  
échevin LSAP



René Manderscheid,  
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,  
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,  
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,  
conseillère LSAP



Romain Zuang,  
conseiller LSAP



Bob Claude,  
conseiller LSAP



Alain Clement,  
conseiller LSAP



Walter Berettini,  
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,  
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,  
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,  
conseiller CSV



Claude Martini,  
conseiller CSV



Françoise Kemp,  
conseillère CSV



Monique Heinen,  
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,  
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,  
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,  
conseiller indépendant

# SOMMAIRE



|                                                                                                                                                                                                                                                            |    |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|----|
| Rapport sommaire en français                                                                                                                                                                                                                               | 4  |
| <b>1. DÉSIGNATION DU CENTRE CULTUREL « OPDERSCHMELZ » COMME LOCAL PARTICULIER DE RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL POUR LA SÉANCE DU 28 AVRIL 2023</b>                                                                                                           | 5  |
| <b>2. CORRESPONDANCE</b>                                                                                                                                                                                                                                   | 5  |
| <b>3. CIRCULATION</b>                                                                                                                                                                                                                                      | 5  |
| Modifications à apporter au règlement général de la circulation<br>– règlementation de la route de Noertzange (CR164)                                                                                                                                      |    |
| <b>4. APPROBATION DU NOUVEAU PLAN D'ACTION COMMUNAL POUR L'ÉGALITÉ DES GENRES 2023 (PACE)</b>                                                                                                                                                              | 7  |
| <b>5. FINANCES COMMUNALES</b>                                                                                                                                                                                                                              | 16 |
| 5.1. Approbation de la nouvelle convention « Logis Hôtel-Restaurant Cottage », relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de demandeurs de protection temporaire entre l'ONA, l'Hôtel Cottage et la Ville de Dudelange |    |
| 5.2. Approbation du projet définitif (plans et devis) relatif à la construction et au réaménagement du hall « CAD/Tennis » situé au site du Stade John F. Kennedy                                                                                          |    |
| 5.3. Approbation d'un acte de vente avec Monsieur Jean Pierre Valerius et son épouse Madame Jeanne Berchem, terrains sis rue Pierre Krier                                                                                                                  |    |
| 5.4. Subside extraordinaire à allouer                                                                                                                                                                                                                      |    |
| <b>6. APPROBATION DE LA PROPOSITION DE MODIFICATION DU PLAN D'AMÉNAGEMENT PARTICULIER « RUE DOMINIQUE LANG »</b>                                                                                                                                           | 35 |
| <b>7. APPROBATION D'UNE MODIFICATION À APPORTER À LA COMPOSITION D'UNE COMMISSION COMMUNALE</b>                                                                                                                                                            | 35 |
| <b>8. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS</b>                                                                                                                                                                                                 | 36 |

# RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Monsieur Walter Berettini (à l'exception du point numéro 6 de l'ordre du jour) ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Monsieur Claude Martini (à l'exception du point numéro 6 de l'ordre du jour) et Romain Zuang (à l'exception du point numéro 7 de l'ordre du jour), conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance publique à 8.00 heures.

## 1 – LOCAL DE RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL

Le conseil communal marque son accord pour désigner les locaux du centre culturel « Opderschmelz » pour la tenue de la séance tenante du conseil communal.

## 2 – CORRESPONDANCE

Monsieur René Manderscheid porte les informations suivantes à la connaissance du conseil communal :

- en date du 31 mars 2023 a eu lieu la 11<sup>e</sup> édition de la Journée Pacte Climat sur le site du Domaine Thermal de Mondorf-les-Bains. Au courant de cette conférence, la Ville de Dudelange a reçu sa certification de niveau 70,1% (des points réalisables) du pacte Climat 2.0 ;
- la Ville de Dudelange met désormais gratuitement à disposition des protections périodiques dans des distributeurs installés dans les toilettes publiques. Les 10 premiers distributeurs seront déployés en avril. Au courant des mois et des années à venir, d'autres bâtiments communaux ainsi que des écoles primaires et des maisons relais seront équipés de ces distributeurs.

## 3 – CIRCULATION

Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification au règlement général de la circulation pour installer un passage pour piétons dans la route de Noertzange, à la hauteur de la maison numéro 58.

## 4 – PLAN D'ACTION COMMUNAL POUR L'ÉGALITÉ DES GENRES 2023

Le nouveau plan d'action communal pour l'égalité des genres 2023 pour la Ville de Dudelange est approuvé à l'unanimité. Ce plan d'action explique l'approche de l'égalité des genres à la base du travail communal en matière d'égalité, notamment par le service à l'égalité des chances. Le plan d'action communal pour l'égalité des genres 2023 contient 111 mesures pour le travail d'égalité à Dudelange. Certaines des mesures décrivent les travaux en cours et les projets éprouvés, notamment du service pour l'égalité des chances, mais aussi d'autres services communaux ainsi que des nouveaux projets et propositions de travail sur l'égalité des genres.

## 5 – FINANCES

5.1. la nouvelle convention « Logis Hôtel-Restaurant Cottage », relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de demandeurs de protection temporaire entre l'ONA, l'Hôtel Cottage et la Ville de Dudelange est approuvée à l'unanimité ;

5.2. le projet définitif (plans et devis) du 21 avril 2023, établi par le service d'architecture et des domaines, travaux neufs et le bureau BENG Architectes Associés d'Esch-sur-Alzette, pour un montant global de 17'380'000,- €, taxes et honoraires compris, relatif aux travaux de construction et de réaménagement du hall « CAD/Tennis » situé au site du Stade J-F Kennedy à Dudelange est approuvé avec 18 voix et une abstention ;

5.3. le conseil communal approuve l'acte de vente avec Monsieur Jean Pierre Valerius et son épouse Madame Jeanne Berchem, aux termes duquel les époux vendent à la Ville de Dudelange un terrain, au lieu-dit « Rue Pierre Krier », pré, contenant 12,60 ares pour le prix de 66'150,- € ;

5.4. unanimement est décidé d'allouer un subside extraordinaire de 750,- € à l'association « La Sécurité Routière » pour la soutenir dans ses actions.

## 6 – AMÉNAGEMENT

Unanimement, le conseil communal décide d'adopter la proposition de modification du Plan d'Aménagement Particulier « Rue Dominique Lang » concernant des fonds sis à Dudelange au lieu-dit « Rue Dominique Lang ». La modification ponctuelle du PAP a pour objectif principalement de transformer les carports prévus en garages.

## 7 – COMMISSIONS

Le conseil marque son accord pour la modification suivante dans la composition des commissions consultatives communales : Equipe Climat – Monsieur Daniel Hurt remplace Monsieur Patrick Hoss.

## 8 – QUESTIONS

Des questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « Déi Lénk » sur les logements dont la Ville est propriétaire. Il est répondu aux questions séance tenante. La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

# GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 28.04.2023

## I. BESTÄMMUNG VUM KULTUR- ZENTRUM „OPDERSCHMELZ“ ALS SPEZIELLE VERSAMMLUNGSRAUM DIR D'GEMENGEROTSSITZUNG VUM 28. APRILL 2023

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech géif lech proposéieren, dass mer ufänken, Schéine gudde Moien an häerzlech wëllkomm hei am Gemengerot, op enger anerer Plaz wéi op der gewinnter Plaz am Stadhaus. De Gemengerot ass a senger Kompositioun komplett - ech begrëssen och eis extern Gäscht - sou dass mer eise Gemengerot kënnen ofhalen haut hei am Centre culturel. Et ass laut den neie Bestëmmunge vum Gesetz virgesinn, dass mir dat awer formal mussen als Gemengerot guttheeschen an de Fait, dass mer de Gemengerot hei ofhalen, huet jo domat ze dinn, dass jo am Moment am Stadhaus a virum Stadhaus d'Organisatioun leeft ronderëm d'Promesse solennelle, déi de Mëtten stattfënnt, wou eis Servicer zesumme mat de Servicer vun der Arméi amgaange sinn, dat Ganzt organisatoresch a logistesche ze preparéieren, dofir si mir haut hei an dofir musse mir dat dann och an deem Sënn guttheeschen an och doriwwer ofstëmmen an dofir wollt ech froen, ob de Gemengerot mat deem Punkt hei averstanen ass, sou dass mer de Gemengerot hei kënnen ofhalen? **Dat ass unanime**, da soen ech lech do villmools Merci.

## 2. KORRESPONDENZ

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Da kënne mer elo richteg starten an op de Punkt „Korrespondenz“ iwwergoen an do géif de René Manderscheid e puer Wieder dozou soen.

**RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):** Jo, ech hunn do zwou Informatiounen, déi wëll ech lech net virenthalen. Den 31. März war dëst Joer nees zu Mondorf den nationale Klimapaktdag, an ech wëll lech soen, datt d'Gemeng Diddeleng och do nees eng Kéier zertifizéiert ginn ass. Mir leien elo bei 70,1%, Dir gesitt, datt d'Gemeng Diddeleng hir Ustrengungen am Kader vum Klimapakt 2.0., respektiv de Covenant of Mayors, respektiv eisen Nohaltegkeetsmasterplang seriö huelen an datt mer all déi Mesuren, déi mer eis virhuelen, och ëmsetzen. Dofir déi 70,1% an ech géif mer dann awer erlaben, enger anerer Partei hire Slogan ëmzeswitchen an ech géif soen „Rout wierkt“.

Dat zweet, wat ech wëll soen: An Zesummenaarbecht mat eisem Service à l'égalité des chances hu mer déi lescht Woch ugefaangen, eis ëffentlech Toilette mat Hygiènesprodujten fir ënner anerem och d'Dammen ze bestécken. Mir hunn ugefaangen elo am Hauptgebai um Rez-de-chaussée beim Accueil, respektiv d'ëffentlech Toilette am Niewegebai a mir wäerten dat elo pro-



gressiv weiderféieren, respektiv de Park Mayrisch, zum Beispill, an de Centre sportif René Hartmann, an och an den nächste Joer a Méint wäerte mer dann och all eis Schoulen a Maison Relais domat ausstatten, da wësst der Bescheed,

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Villmools Merci dem René Manderscheid fir déi doten Informatiounen. Huet een eppes dozou ze soen? Ech mengen net, da gi mer weider op d'Circulatioun.

## 3. VERKEIERSREGLEMENTER

**Ännerungen am allgemenge Verkeiersreglement -  
Reegelung vun der Näerzengerstrooss (CR164)**

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Elo komme mer zu eise Verkeiersreglementer an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Merci Här Buegermeeschter an Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, eng Rei Awunner an Awunnerinnen aus der Näerzengerstrooss sinn op eis duerkomm an hu gefrot fir bei hinnen en Zebrastreifen ze maachen. Eis Servicer hunn do Récksprooch mat eise Kolleeg vu Ponts et Chaussées geholl fir ze kucken, wou eng ideal Plaz wier a wou mer dann och den Accord krite, an zwar ass dat elo op der Héicht vum Haus Nummer 58, do wou et eriwuer geet an d'Soibelkaul. Deen Zebrastreife gëtt natierlech och konform gemaach zu de Recommandatiounen vun der ADAPT, dat heescht, datt all déi Leit mat engem Rollstull oder enger Poussette oder och déi Leit, déi net esou gt gesinn, hei gutt iwwer d'Strooss kommen. Dann nach eng Zousatzinformatioun am Kader vum Reamenagement vun der Butschebuenger Strooss. Do wäert dann och en Zebrastreife kommen op der Héicht vun der Rue Ribeschpout – Rue de la Chapelle an d'Näerzenger Strooss. Ech mengen, dat wier et zu deem klengen Punkt vu menger Säit. De Pit Demuth ass haut net hei, dofir hu mer de Steven Schaack vum Service Circulation hei, wann also nach Froen dozou sinn, dann ass eise Service vertrueden, Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Villmools Merci, Claudia Dall'Agnol, sinn nach Froen dozou? Här Martini.

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Villmools Merci, et ass och ganz flott, datt den Zebrastreifen elo dohinner kënnt. No Récksprooch mat e puer Leit, déi direkt do wunnen, do hunn ech eraushéieren, datt der vill e bësse

gezweifelt hunn, wat d'Sécherheet vun deem Zebrastreifen ugeet, dat heescht, datt dat de Leit vläit géing eng falsch Sécherheet ginn, virun den Autoen, déi vun ennen eropkommen. Ech wollt dee Message just eng Kéier kuerz weiderginn. Ech perséinlech sinn och frou, datt deen Zebrastreife wäert dohinner kommen a wäert och sécherlech dovunner profitéieren, awer et ass wouer, datt, wann en Zebrastreifen do ass, da ginn d'Leit éischer um Zebrastreifen iwwer d'Strooss. Gëtt iergendeppes do virdru gemaach fir d'Autofuerer ze sensibiliséieren, fir nach besser opzepassen a méi lues ze fueren? Well dat ass eng Plaz wou ee vun ausserhalb der Uertschaft an d'Uertschaft erakënnt a vill Leit hunn do leider Gottes e schwéiere Fouss um Gaspedall, wat kënne mer do maachen, fir dat e bësselchen ofzebremsen, fir datt do méi lues gefuer gëtt? Vläit déi Tafel, déi d'Geschwindegkeet ugëtt, éischer setzen? Ass do iergendeppes ugeduecht? Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci Här Martini, weider Froen dozou? Madamm Heinen.

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Merci fir d'Wuert, Här Buegermeeschter, ech war mer dat och ukucken, den Trëttoir ass schonns ofgesenkt, mee den Zebrastreifen ass nach net gemaach. Ech hu mer déi selwecht Fro och gestallt, well dat awer e bëssen – also, dat ass elo net direkt eng Kéier, mee d'Siicht ass awer net esou gutt wann een do vun Nærzeng eropkënnt, do kommen se oft schéi gerannt an ech hu mech wierklech gefrot ob et net besser wier fir do eng Luucht ze maachen, wou een drécke ka fir eriwwezegoen. An dann ass et jo och esou, do ass jo elo och guer näischt virgesi fir de Vëlo. Bon, d'Kanner kënne jo um Trëttoir fueren, déi wäerten dann och dovunner profitéieren, fir dann do eriwwer ze fueren. An op där anerer Säit, do ass esou e kleng Wee, o ass esouguer eng Ramp, wou ee mam Vëlo ka weiderfueren a Richtung dee Feldwee, deen hanne beim Laboratoire erauskënnt. Et wier vläit gutt, do och emol e klengt Schëld ze maachen, dass déi Méiglechkeet besteet. Ech fuere jo och vill mam Vëlo, mee ech wosst emol guer net, datt déi Ramp besteet an et ass am Fong geholl e bësse schued an dat kéint ee vläit e bësse méi visibel maachen, dass do awer eng Méiglechkeet besteet, fir do mam Vëlo erofzufueren. Merci

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci Madamm Heinen, gëtt et nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Merci fir Är Kommentaren. Den Här Martini huet gesot, et hätten him Leit aus der Strooss gesot, si wieren net iwwerzeegt, ob deen Zebrastreife gutt wier. Bon, wéi gesot, déi Strooss ass laang an déi Leit, déi op eis duerkomm sinn, fir den Zebrastreifen ze kréien, waren anscheinend anerer wéi déi, mat deenen Dir geschwat hutt. Ech hunn och am Virfeld, dat er hu misse kucke mat der Ponts et Chaussées, wou mer dee kéinte maachen, wou déi ideal Plaz wier. Dat doten ass eben déi, déi sech erausgeschielt huet, wou mer och den Accord kriten. Dir hutt gefrot ob e sécher ass, bon, mir hu schonns eng Blénklucht déi op där Plaz, déi uweist, datt een an d'Stad erakënnt an datt ee soll mat 50km fueren. Vill

méi, mengen ech, kënne mer awer net maachen. Ech widderhuelen dat, wat ech ëmmer soen: Mir kënnen d'Leit net erzéien, dat eenzeg wat d'Leit erzitt, ass wann d'Police méi dacks do steet an se mussen bezuelen. Dat ass dat wat bei deene meeschte Leit zumindest mol wierkt, leider awer nach net bei jidderengem.

Dann, d'Madamm Heinen huet gefrot, dat do e Schëld hikënt fir z'informéieren, datt do d'Vëlosramp erofgeet, dat schreift de Steven Schaack sech op an da maache mir dat. An dat anert, mir hu bewosst keng Vëlostraverse dohinner gemaach an dat hu mer och Vëlo Diddeleng schonns erkläert, déi am Service Circulation ugeruff haten. Dir hutt richteg gesot, Kanner ënner zéng Joer kënne weider iwwer den Trëttoir fueren an um Zebrastreifen iwwer d'Strooss fueren, dat ass konform zum Code de la route. D'Vëlofuerer komme vis-à-vis vun 63-65 Route de Noertzange aus der Soibelkaul, dat ass beim Haische vun der Ponts et Chaussées, an do géife mer dann eng Vëlosflucht maachen, da brauch keen sech iwwer dee schmuele Wee laanscht d'Hecken an d'Feld ze quetschen. Mir müssen allerdéngs nach Récksprooch mat der Ponts et Chaussées halen, fir gewuer ze ginn ob mer dofir eng Permission de voirie brauchen a wa mer eng brauchen, da froe mer déi un, a wa mer keng brauchen, da maache mer dat direkt. An den Zebrastreifen ass effektiv nach net gezechent well mer dat nach an de Gemengerot geholl hunn. Da kënnen eis Servicer dat méi spët zeechnen, déi nächst Woch.

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Jo, ech hunn awer och proposéiert gehat, firwat war net ugeduecht ginn, eng rout Luucht do ze maachen, wou ee kann drécken, well zum Beispill an der Kälstrooss, do ass jo och elo eng Luucht fir de Foussgänger an ech fannen, dat do awer d'Siicht nach besser ass wéi op där doter Plaz.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Also, ech ginn dervun aus, datt dat schonns ugeduecht ginn ass, mee datt mer dat net esou gestatt kruten. Ech weess net ob de Steven Schaack elo méi dozou weess? Wann net, da froe mer dat nach eng Kéier no.

**STEVEN SCHAACK (SERVICE CIRCULATION):** Elo net direkt dozou, mee si maachen dat ongären, datt wann een an eng Uertschaft erakënnt, direkt eng rout Luucht do installéiert ass, dat bremst dann direkt de Verkéier fir si aus. Deen Zebrastreifen ass jo accordéiert ginn ënnert gewësse Konditiounen, datt och d'Siichtverhältnisser gi sinn, wann d'Leit regulär géife fueren, mam Auto ebe mat 50km, do huet een e Siichtverhältnis vun ongeféier 50-60 Meter an et gesäit een den Zebrastreife vu béide Säiten. D'Hecke ginn och nach e bëssen zeréck geschnitten op där Plaz virum Zebrastreifen, fir datt d'Siichtverhältnisser besser ginn ewéi dat wat se elo am Moment sinn.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Nach weider Froen dozou? Dat ass net de Fall, da proposéieren ech, datt mir zum Vott iwwerginn: Wien ass mat dësem Verkéiersreglement averstanen? Dat ass unanime. Da soen ech lech Merci.

## 4. APPROBATION VUM NEIE KOMMUNALEN AKTIONSPLANG FIR D'GLÄICHSTELLUNG VUN DE GESCHLECHTER 2023 (PAGE)

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

A bei dësem Punkt geet et ëm de kommunalen Aktionsplang fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter an do géif ech hei eise zoustänneg Schaffen, dem René Manderscheid, d'Wuert ginn.

**RENÉ MANDERSCHIED (LSAP-SCHÄFFEN):** Merci, Här Buergermeeschter. Jo, Dir wësst, dass mer jo d'lescht Woch en informelle Gemengerot zu deem Thema haten, wou eise Service lech och alles erkläert huet, wat zu deem Thema néideg ass. Ech wëll awer nach eng Kéier rappeléieren, dass dee lokalen Aktionsplang keen Zoufallsprodukt ass, dass dat d'Aarbecht vu ronn zwanzeg Joer lokaler Gläichstellungsarbeit ass, an ech géif mer erlaben am Telegrammstil déi wichtegst Eckdaten nach eng Kéier ze erënneren. Dat heescht, mir hunn 2008 am November ugefaangen dermat, dass mer d'Charte d'européenne de l'égalité des femmes et hommes dans la vie locale ënnerschriwwen hunn, an déi beinhalt och, dass dann d'Gemeng muss e lokalen Aktionsplang op d'Bee setzen.

Mir sinn 2008 als Pilotprojet gestart mat engem Audit „Beruf und Familie“, wou mer och zertifizéiert gi sinn, respektiv mir hunn dee weidergefuert a mir sinn och 2012 fir eng familiebewusst Personalpolitik am Audit „Beruf und Familie“ ausgezeechent ginn. Duerno hu mer dann am November 2012 de lokalen Aktionsplang am Gemengerot virgestallt mat 55 Mesuren. Mir sinn dann och Member gi vun der Charte de la diversité Lëtzebuerg am September 2013. Duerno hu mer dann och am Kader vum Programme Action positive vum Ministère à l'égalité des chances am Joer 2014 déi Aarbechte weidergefuert. Am Joer 2015 si mer dann am Kader vum Projet national de la promotion de la diversité au Luxembourg och bäigetrueden an hunn och dorunner geschafft. An elo zum Schluss am Juli 2021 hu mer jo eis als Gemeng Diddeleng, als Zone de liberté pour les personnes LGBTIQ-Plus deklaréiert.

Dat sinn alles Mesuren, alles Aarbechten, déi och an eisen neie Plang agefloss sinn an ech géif da proposéieren, wéi d'lescht Kéier, dass d'Annabelle Laborier-Saffran eis dann eng Kéier kuerz duerch dee Programm féiert an dann herno nach fir Är Froen zur Verfügung steet. Merci

**ANNABELLE LABORIER-SAFFRAN (CHANCEGLÄICHHEITSSERVICE):** Jo, Merci, den Aktionsplang ass am Fong e Kader ronderëm d'Aarbecht vum Service à l'égalité des chances. Dëse Service gëtt et zanter Dezember 2003 a mir schaffe mat achtzeg Wochestonne mat dräi Persounen. Mir hunn eis Büroen am Annex vum Hôtel de Ville an deen neien Aktionsplang ass am Fong esou eng Neidefinioun vun deem wat mer schaffen, well sech awer an deenen 20 Joer munches verännert huet a puncto Approche vun der Aarbecht a mer och nach eng Kéier wollte redefinieren, wat eis Haaptentwécklungs-



punkte fir déi nächst Zäit sollte sinn. Also, de kommunalen Aktionsplang, dee gëtt publizéiert a Form vun enger Broschür, wou et Erklärungen zu der Approche vun der Gläichstellungsarbeit gëtt, wou d'Haaptentwécklungspunkten dra beschriwwen sinn a wou et och Recommendationen fir all Persoun gëtt, déi selwer e Bäitrag ka leeschten zur Gläichstellung am Alldag. Dazou gëtt et dann nach e PAC-Dokument, wou méi am Detail 111 Mesuren ausformuléiert sinn. Dat sinn zum groussen Deel Mesuren, déi schonn an Aarbecht sinn oder déi d'Aarbecht beschreiwen, déi de Chancegläichheitsservice mécht, zesumme mat anere Services.

Deelweis sinn et och Mesuren, déi aner Services ëmsetzen, an da si 45 Mesuren dovunner am Fong nei Virschléi, nei Usätz, déi do derbäi kommen oder déi ausgefuert solle ginn, fir eis Aarbecht einfach nach ze erweideren an nach anescht, jo, méi wäit ze bréngen. D'Evaluatioun vun deem kommunalen Aktionsplang, déi wäert alljoers gemaach ginn, an zwar ëmmer och am Zusammenhang mam Budget a mat der Programmplanung vun deem Joer duerno. Et ass bei eis relativ schwéier, elo op laang Siicht am Virus ze soen, wéi eng Mesure genau wéini wäert realiséiert ginn, well mer fir bal all Mesure mat engem anere Partner zesummeschaffen, also entweder engem anere Gemengeservice oder méi souguer oder och mat externe Partner an et ëmmer e bëssen dovunner ofhänkt, wéi déi funktionéieren a wéi deenen hir Programmer ausgesinn, sou dass mer wierkelech vu Joer zu Joer wäerte kucken, wéi enge Mesuren, besonnesch vun deenen neien, mer op de Leescht huelen, déi aner lafen eben weider wéi gewinnten en neien Aktionsplang wier da fir 2030 geplangt.

Wat ass elo méi nei un deem Plang? Dat ass einfach d'Konzept vun der Gläichstellung vun de Geschlechter, mat deem mer an Tëschenzäit schaffen. Dat huet sech weiterentwéckelt vun der Gläichstellung vu Fraen a Männer, hin zur Gläichstellung vun de Geschlechter, wou mer ebe fir all d'Mënsche wëllen opmaachen, och wësend, dass een haut vu méi Geschlechter wéi nëmmen deenen zwee Geschlechter - Fra a Mann - schwätzt. Dat heescht, et geet hei ëm d'Geschlechtsidentitéit vun alle Mënschen, et geet ëm d'sexuell an d'romantesch Orientéierung, ëm de Geschlechtsausdruck an ëm kiereperlech Geschlechtsmerkmaler opgrond vun deenen all d'Leit sollen gläichgestallt, ugehall an och behandelt ginn an och déi nämmlecht Méiglechkeeten an eiser Gesellschaft hunn, fir matzemaachen, fir sech perséinlech weiterentwéckelen. Eis Aarbechtsapproche huet verschidde Grondprinzipien, mat deenen se am Fong wierkt, dat ass d'Promotioun vun der Gläichstellung.

Et heescht wierklech ze weisen, wat ass Gläichstellung an an deene verschiddene Liewensaspekter, wéi spillt dat do an wat muss do gi sinn, fir dass wierklech eng Gläichstellung gelieft ka ginn, fir dass och verstane gëtt, dass et wierklech e Grondprinzip ass a praktesch allem, wat am aldeegeleche Liewen ofleeft an dass een an alle Beräicher och ëmmer mol muss hikucken a gesinn, wéi Geschlecht ka wierken a wat mer kënne maachen, fir eben ze ënnerstëtzen, dass all Mënsch déi nämmelecht Méiglechkeeten huet.

Dann ass et Antidiskriminéierungsarbecht, well natierlech gëtt et nach ëmmer bestoend Ongläichheeten. Mir hunn e gesetzleche Kader hei zu Lëtzebuerg, dee relativ gutt ass, mee dat heescht awer nach net, dass et an der Praxis ukomm ass, dass d'Gläichstellung wierklech gelieft gëtt, an do geet et drëm, festzustellen, wou sinn esou Ongläichheeten, wat ka gemaach ginn, fir déi ze léisen, fir se ofzebauen, fir se ze vermeiden an Zukunft an och vill Leit do virdrun ze schützen. Do schwätzen ech esouwuel vun direkten Diskriminéierung wéi indirekten, mee virun allem och strukturellen Diskriminéierungen, wat nach e bësse méi nei ass, dass een do wierklech versicht, erauszefannen, wou déi leien a wéi een do kann agraifen. Dat ass dacks vill méi subtil.

Dann, d'Promotioun vun der sozialer Gesondheet ass en Thema, wat eisem Service besonnesch um Häerz läit, well mer eng sozialpsychologesch Approche fir d'Gläichstellungsarbecht hunn. Sozial Gesondheet ass am Fong en Zousatz zur kierperlecher an zur psychescher Gesondheet, wou et nämmelech drëm geet, wéi gutt e Mënsch a soziale Kontexter zu sech selwer steet an och sech selwer kann ausliewen a wéi gutt een a Bezéiunge mat anere Mënsche ass. Well mer sozial Wiese sinn a sozial Bezéiunge brauchen, fir gutt ze liewen, ass also Bezéiungskompetenz do och e Schlëssel, grad esou wéi d'Selbstgefühl an de Selbstwäert vun enger Persoun. Dat heescht, mir denken, wa mer dat fërderen, dann huelen doduerch och d'Diskriminéierungstendenzen vun de Mënschen of, dat heescht, et huet een et net esou néideg, sech géint anerer ze profiléieren, fir sech gutt ze spieren, andeems een anerer erofmécht oder diskriminéiert, an et kann een einfach och méi fir sech selwer astoen an seng Positioun am Liewe gefestegt hunn an esou och besser dat liewen, wéi een sech selwer spiert.

An deem Ganze geet et natierlech drëm, d'Solidaritéit ze fërderen, Gläichstellung ass eng Saach, mir kënnen als Service viles proposéieren, mee mir kënnen net d'Gläichstellung am Alldag fir jidderee realiséieren. Dat ass wierklech eppes, wat d'Leit ënnerenee musse maachen. An et geet hei och drëms, dass déi Leit, déi privilegiert sinn, déi vuin de bestoende Muechtstrukturen an eiser Gesellschaft profitéieren bis elo, dat kënne gesinn an unerkennen an och gesinn, dass si déi sinn, déi Kraaft an Energie iwwereg hätten, fir anere Leit ze hëllef. , während déi leit, déi souwisou scho vulnerabel sinn an ënner Ongläichheeten an Diskriminéierungen leiden, dass si deene kéinten hëllef, amplaz dass een d'Verantwortung ëmmer bei déi Geschiedegt schiibt a seet, déi missten sech do këmmere, zu hirem ze kommen.

Dann d'Intersektionalitéit ass dobäi wichteg, dat heescht, dass d'Gläichstellung nach mat villen anerem

Diskriminéierungsmotiver zesummefalt an dass multipel Diskriminéierungen ëmsou méi komplex sinn, dass se vill méi schwéier nach ze detektéieren an och ze léise sinn, well eeben, zum Beispill, Frae mat Behënnerung ginn anescht diskriminéiert wéi Fraen un sech. Schwaarz Frae ginn anescht diskriminéiert wéi wäiss Fraen, well dat einfach an de Muechtsstrukturen vun eiser Gesellschaft läit. Dass mer do méi hikucken an dofir striewe mer och wierklech méi Zesummenaarbechten nach mat Spezialisten a Fachstellen aus anere Beräicher un. An dann ass d'Interkulturalitéit natierlech e grousst Thema hei zu Diddeleng. Mir sinn eng Cité interculturelle, dat heescht, dass een och wierklech versicht, en Dialog tëschent alle Leit, déi mat ënnerschiddlechen Hannergrënn en Zesummekommen ze fërderen, fir och do eng Entente ze fannen an och ee vun deem aneren ze léieren, wat d'Méiglechkeeten och fir Gläichstellung ze liewe sinn. A mir verstinn Interkulturalitéit esouwuel als d'Hierkonft vun enger Persoun, mee et gëtt do awer och vill Dimensionen, et ass net nëmme d'Nationalitéit oder d'Hautfaarf, d'ethnesch Originn, déi spillt, mä et ass och de Milieu, aus deem ee kënnt, d'Traditiounen vun enger Famill, et kann och d'Reliösitéit dobäi mat-spillen, also et ass och e ganz villdimensionaalt Konzept, mat deem mer do versiche mussen ëmzegoen.

Voilà. Wéi elo eis Gläichstellungsarbecht versicht en Impakt ze hunn, dat ass och duerch dräi verschidden Dimensionen. Dat heescht, et geet éischters ëm d'Bewosstmaachen an d'Sensibiliséierung. Mir wëllen also matdeelen, wat gëtt et fir Themen an deem Beräich a wat gëtt et fir Problematiken, mee och wat gëtt et fir Chancen, fir doduerch d'Eegen- a Matverantwortung vun all Persoun ze aktivéieren. Da wëlle mer méi am konkrete Kompetenzen vermëttelen an och d'Leit empoweren, fir eebe selwer handlungsfäeg ze sinn, fir fir sech selwer anzestoen oder och fir aktiv d'Gläichstellung ze fërderen. An e weidere Punkt ass dann d'Kohäsion an d'Solidaritéit, wou et eeben drëm geet, dass een och zesummen dru schafft, eppes ze errechen, an och eeben een deem aneren ze hëllef fir d'Gläichstellung eeben ze realiséieren am Alldag. Do geet et ëm d'Géigesäiteg- an d'Gemeinsamverantwortung dann, déi mer dofir alleguerten hunn.

Et gëtt elo an deem Aktionsplang 4 Hauptentwécklungspunkten, déi mer erausgegraff hunn aus deene ganze Mesuren, wou mer soen, dat si wierklech wichteg Themen, déi eis an deenen nächste Jore solle begleeten, déi mer am Fong esou den Haaptakzent wëlle leeën oder wou mer besonnesch wëllen drop uechten. Dat ass engersäits d'Bekanntheit vum Chancëgläichheitsservice. Mir stellen ëmmer rëm fest, dass, obwuel et de Service elo schonn zwanzeg Joer, mir begéinen ëmmer nees Leit, déi soen: Oh, gëtt et esou e Service hei? Oder: \_ Wat maacht Dir dann? Oder och aner Iddien hu vun deem wat mer maachen wéi dat wat mer wierklech maachen, an dofir ass et ëmmer nach wichteg, einfach ze erklären, wat eise Service ass, wat eis Aarbecht ass, wat mer kënnen ubidden, dass mer Informatiounen dozou gi, wat Gläichstellungsarbecht ass a wéi jiddereen dovu kann en Notzen zéien. Dat heescht mir wëllen och, ë, no bei de Bierger:innen schaffen, mir wëllen nach méi drop hiweisen, mir wëllen en neie Flyer erausbréngen, Hiwäisschëlde, dass mer eng LGBTIQ-Plus-frënd-

lech Gemeng sinn, an de Gemenge-Servicec ubréngen, well dat staark och iwwert d'Symbolik funktionéiert, dass d'Leit erkennen, hei sinn ech sécher an hei kann ech si wéi ech sinn an da Raum an Zäit fir Dialog ganz vill schafen och, well mer einfach mierken, wa mir am Service Saachen entwéckelen an net lauschteren, wat d'Leit soen, si mer heiansdo wäit fort, well mir ganz vill an deem Domän denken an och mat ganz komplexen Terminologien, zum Beispill, handeln. Mir misste méi no bei d'Leit kommen, fir wierklech dat accessibel ze maachen, wat mer eigentlech wëllen erreechen.

Dann, d'Gläichstellung als Aktualitéitsthema, also an deenen zwanzeg Joer huet sech ganz kloer gesellschaftlech eng Entwécklung erginn, dass vill méi vu Gläichstellungsthemen an Aspekter geschwat gëtt, en public, och op de soziale Medien ass do wierklech ganz vill, wat gedeelt gëtt dozou an dat huet natierlech och ëmmer Downsides, dass eebe vill Hallewësse verbreet gëtt, vill falsch Informatiounen, vill, ëmm, ongëschteg Interpretatiounen vun Informatiounen verbreet ginn, déi Leit einfach och notzen, fir hir Muechtstellung an der Gesellschaft am Fong ze festegen amplaz fir d'Gläichstellung anzetrieden. An do ass et ganz wichteg, dass mer weider thematesch Informatiounen ginn an och Campagnë maachen. Dir wësst, dass eist Joer ëmmer esou verschidde Stéchdatumer huet, un deene mer eis Programmation orientéieren, dat ass de Weltfraendag, an der Zwëschenzäit maache mer och ëmmer eppes zum Weltmännerdag, da gëtt et hei de Pride Month fir d'LGBTIQ-Plus-Rechter z'ënnerstëtzen, da gëtt et d'Orange Week géint Gewalt géint Fraen a Meedercher, dat sinn esou Stéchpunkten, wou mer natierlech ëmmer derzou schaffen an dotëschent siche mer nach aner Themen, fir aner Campagnen ze maachen.

Bei de Campagnen ass och wierklech net ëmmer nëmmen online sinn an net nëmmen iwwer Flyer mat QR-Code wäerte gemaach ginn, well mer denken, dass et awer och e groussen Deel vum Public gëtt, déi den Accès net hunn an dass mer dann och op analog Méiglechkeete wëllen zeréckgräifen an dofir en Infoblatt oder eng Mini-Ausstellung ze maachen, fir déi Informatiounen och un d'Leit ze bréngen. Mir entwéckele ganz vill selwer, Atelier a Methoden, a wëllen dat och, déi Methoden, déi mer entwéckelen oder déi Outillen, déi een do kann notzen, och ëmmer zougänglech maache fir aner Saachen, fir aner Leit, fir aner Workshoppen, dass aner Leit dat weider kënne notzen. Mir halen dat net ënner Verschloss bei eis, well mer fannen, mir missten dat och weiderginn, wat am Fong gutt Moyene sinn, déi mir fonnt hunn. Do gehéiert zum Beispill eis Zäitlinnspill derbäi, wat mer elo wäerte méi professionell opzéien, fir et da wierklech kënne ze verléinen, wou et drëm geet, am Fong d'hystoresch Entwécklung zu Lëtzebuerg vun der Gläichstellung kënne kennenzeléieren.

Dann, nei a verstärkt Kooperatiounen, et entstinn och ëmmer méi Servicec a verschiddenen Themeberäicher, déi sech och ëm Gläichstellung këmmen a mat deene siche mer natierlech och verstärkt Kooperatiounen, well mir och net vun all Aspekt den Expert sinn, et sinn der einfach ze vill an do bitt et sech un, da Kooperatiounen anzegoen. Zwee weider Themen nach, d'Gläichstellung, Gläichstellung als gemeinsam Aufgab, mir stelle

fest, dass et ëmmer rëm d'Attitüd gëtt, dofir hu mer jo e Service, déi kënne dat jo da maachen, a mir kënne eeben net alles maachen, well et hänkt u jidderengem selwer an och intern an der Gemeng ass et an all Service, an all Persoun hir Aufgab, d'Gläichstellung an der Zesummenaarbecht an och an den Offeren, déi d'Gemeng mécht, wierklech matzedroen. An dofir hu mer intern eng Rei Mesurë virgesinn, déi relativ substanzuell sinn. Dat heescht, mir wëllen zum Beispill Analysen iwwer eis Personalstruktur elo eng Kéier maachen an da kucken, wat kënne mer mat Astellungen nach maachen, fir d'Diversitéit wierklech ofzesécheren an eise Servicec. Mir wëlle Formatiounen aféieren, déi verpflicht sinn, virun allem fir Führungspersonal, zum Beispill zu Sozialkompetenzen an Genderkompetenzen, mee och am Diversity Management, an da wëlle mer nach méi ausbauen an och méi un d'Leit bréngen am Fong, eis Berodung zur Ëmsetzung vun der Gläichstellung an deene verschiddenen Aarbechtsberäicher. Mir sinn e Service-Ressource fir aner Servicec an et sinn der nach wéineg, déi op eis zeréckgräifen, fir ze soen, hei mir hunn do en Thema oder mir wëlte gär eng Kéier kucken, wat mir nach kënne maachen, an dass mer dat eeben nach verstärken.

An dann ass nach e Punkt, deen natierlech weiderhi wichteg ass, dat ass d'Berodung, d'Berodung vu Leit, engersäits, déi sech fir Gläichstellung wëllen setzen, anerersäits fir Leit, déi sech opgrond vun hirem Geschlecht diskriminéiert oder benodelegt fillen an dass mer déi och nach eng Kéier stärken. Dass mer d'nach eng Kéier kloer maachen, fir wat een sech kann un eis wenden, an dass mer och eis nach méi ausrichten op de Besoin vu vläicht Jugendlechen, déi nach op der Sich och no hire eegener Identitéit e bësse sinn, fir do kënne ze ënnerstëtzen an, speziell och fir LGBTIQ Plus-Persounen, eis Berodungsoffer wierklech explizitt opzemaachen, well et do wéineg Berodungsoffer och am ganze Land eigentlech bis elo gëtt. An dann ass do wichteg de Peer-to-Peer-Austausch, dat heescht mir wëll Raim kreéieren, wou Leit, déi änlech Thematen hunn, sech ënnerenee kënne austauschen, well einfach dat Solidaritéit fërdert, den Austausch mat Leit, déi engem änlech sinn, déi fërdert och einfach e Wuelbefannen an eben och, dass een eege Léisunge ka generéieren, déi bei ee selwer passen an dofir ass et eis wichteg, do Safe-spacen ze kreéieren, wou mer Gruppenaarbecht maachen.

An dann natierlech d'Präventioun am Beräich vun der sozialer Gesondheet, also weider dorun ze schaffen, dass Kanner a Jugendlecher schonn an hirem Selbstbewusstsein kënne gefërdert ginn a gestärkt ginn an dass och d'Bezéiungskompetenz weider ausgebaut gëtt, souwuel bei eise Personal wéi awer och bei der Populatioun, dass mer do Offere maachen, wou een sech kann drop aloossen, wat kann ech selwer maachen, fir meng sozial Gesondheet eebe weider ze stärken. Voilà. Dat ass also a Kuerzfaassung de kommunalen Aktiounsplang 2023 vun der Stad Diddeleng fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**  
Ech wëlt dem Annabel Laborier-Saffran Merci soen, fir déi dote Presentatioun an nach eng Kéier Erklärungen, wat eisen kommunalen Aktiounsplang ugeet.

Wëll de René Manderscheid nach eppes bäifügen? Neen, dann ass d'Diskussioun op, da kënnen déi verschidde Fraktiounen natierlech Stellung dozou huelen, wann se wëllen. Madame Kayser:

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo, Merci Här Burgermeeschter. Annabelle, e grousst Luef un Dech an un Deng ganz Mannschaft. Du has eis, in extenso, schonn dain, de kommunalen Aktiounsplang virgestallt. Dat war immens léierräich, mir hu vill Terminologie nei kennegeléiert an dat weist am Fong och, wéi wichteg et ass, ëmmer erëm nozehaken, och fir e Public, entre guillemets, un peu plus averti, soe mer mol esou, ass et awer ëmmer erëm interessant, ze kucken, och wéi déi ganz Diskussioun sech weiterentwéckelt an „il y a du pain sur la planche“ ee vun Dengem Haaptwierder huet gesot, mir haken do nach no, mir verstärken eis Aktivitéiten. Dat heescht, dat ass net ginn. Wann een eng Kéier weess, Gläichstellung ass am Fong e Grondprinzip, dann ass dat net eng Selbstverständlechkeet an dofir ee grousse Merci dir an dengen, ë, Mataarbechterinnen, dir mat eng super Aarbecht. An ech denken, dass et wichteg ass, eebe virun allem och déi Visibilitéit, wat s Du gesot hues, dat ass eppes, wou Dir vläicht nach musst e bëssen nohaken, och um kommunale Plang.

Et si vill Leit, déi net wëssen, dass si och vu bausse kënnen un lech erunrieden, ech mengen, wat och eebe flott ass, dat ass, dass Dir ëmmer bei all deenen Aktiounen - Du hues et nach gesot - sief et Orange Week oder Männerdag, Fraendag, dass Dir do och matschafft, fir Är Visibilitéit ze verbessern. Dat ass eppes, wat ganz luewenswäert ass an ech denken och, d'Leit soen ëmmer, oh Flyeren, Flyeren, mee heiandsou brauch een e Flyer fir eppes an der Hand ze hunn, fir dann elo eng Kéier nozekucken, hei lauschter, do ass esou ee Service. An, wann ech kucken, wéi Dir lech entwéckelt hutt an deene Joren, also, de René Manderscheid huet et gesot, säit 2003 oder Du hues et gesot, hu mer e „Service à l'égalité des chances“ - esou huet et deemools geheescht - a wann ech elo kucken, Égalité des genres, dat ass jo och schonn eng Entwécklung, déi iwwert déi Jore komm ass.

Wat och net ze negligéieren ass a virun allem, wat ech interessant fonnt hunn, dat ass déi Diversitéit vun Ärer Aarbecht. Et geet net nëmmen ëm Gendering, et geet awer och ganz vill ëm Sensibilitéit zu aneren Themen. Mir haten, et ass virdru gesot ginn, och déi Resolutioun ugeholl, 2021, dass mer d'Stad Diddeleng eng Fräiheitszon sinn fir LGBTIQ Plus Persounen. Unanime ass dat hei ugeholl ginn an ech denken, dat ass eng Selbstverständlechkeet, fir déi Leit hei bannen, mee dat ass net iwwerall op der Welt selbstverständlech an och déi Entwécklungen, déi een an anere Länner gesäit, dat ass ëmmer nach dramatesch. Ech hat deemools drop higewisen, wéi et a Polen dee Moment ganz, ganz enk gi war, wou eng riets, konservativ Partei, d'PiS-Partei, Zonen ausgewisen huet, Stied, déi eng LGBTIQ-fräi Zon waren. Dat sinn dramatesch Entwécklungen. 2020 war dat an do vläicht awer just eng Kéier kuerz nozehaken, dass eng Sensibilitéit awer net nëmmen hei bei eis ass, mee awer och europäesch gesinn, dass mer eis alleguerte fir déi Gläichstellungswärter asetzen. Dunn huet d'EU och reagiert an och verschidde Subsidien, u Polen

notamment, ech schwätzen hei vu Polen, zeréckgezunn, well se eeben déi Anti-LGBTIQ Plus Resolutioun ugeholl hunn an dat huet och gewierkt. Do si ganz vill Stied a Gemengen, déi doropshin hir LGBTIQ-fräi Zonen erëm zeréckgeholl hunn, dat heescht, do ass awer schonn eppes geschitt. Mat Drock geschitt eppes, dat ass leider esou, mee, dat ass eppes, wat awer wichteg ass, dass een ëmmer muss derhannert bleiwen an ëmmer muss sensibel bleiwen, wéi d'Diskriminatiounen op verschiddebenen Ebenen ebe sinn. Voilà. Ech wollt hei just soen, wat mer immens opgefall hat, also wat mech touchéiert huet, dat ass och virun allem och déi Promotioun vun der sozialer Gesondheet, dass Dir do och en immense Wäert drop leet, dass Dir de Selbstwäert stäerkt vu betraffene Persounen, déi diskriminéiert ginn.

Wat ech, wat mer guer net esou bewusst war, dat war deen Term vun der Intersektionalitéit, vun der Diskriminatioun, et ass wéi s Du gesot hues, dass dat vill méi eng komplex Situatioun ass, dass zum Beispill eng Fra diskriminéiert gëtt, zum Beispill eng behënnert Fra, am Fong en duebele Risk huet fir diskriminéiert ze ginn, eng behënnert, faarweg Fra, nach erëm en anere Risk huet, ech mengen, dat ass eppes wat een sech mol muss bewusst maachen, wéi komplex déi ganz Situatioun ass an ech fannen, dat ass flott wéi s Du eis dat e bësselche erkläert hues, wéi dat funktionéiert. E ganz wichtige Punkt fannen ech d'Interkulturalitéit hei zu Diddeleng haaptsächlech. Mir si wierklech eng Stad, wou an deene leschte Joren eng immens Migratioun ass an wann s de duerch Diddeleng gees, mir hu wierklech ganz vill Kulturen, déi hei zesumme kommen, vill Nationalitéiten a wat richtig ass an dat steet och am Artikel 57 vun Äre Moossnamen, wat wichteg ass, dat do ganz vill Leit aus Länner kommen, déi eng komplett aner Perceptioun vun der Gläichstellung hunn. Ech schwätze elo notament vun der Fra, ech gesinn dat och a mengem Alldag, an do fannen ech et flott, dass Dir do drageschriwwen hutt, en „Angebot für zugewanderte Frauen“. Dat, denken ech, ass och ganz wichteg, dass ee mat deene Fraen och schafft, dass mir aner eng aner Perceptioun hunn vun deem, wat eng Fra dierf.

Ech mierken et ganz konkret a menger Praxis. Ech hunn, wéi elo mat Corona an esou weider, war et ëmmer nëmme sou, dass wann eng Fra mat engem Puppelche komm ass, an et huet ëmmer nëmmen een dierfe mat dragoen, dann huet de Mann gesot „Hatt kann net schwätzen, ech gi mat eran“, an da war et oft esou, ma dee Mann, deen huet dee Puppelchen nach ni ausgedoen, dee war total iwwerfuerdert mat engem Neigebuerenen, dann huet en d'Fra awer erakomme gelooss an dann ass hien erëm erausgaangen an dann ass en ëm d'Bezuele gaangen, wat ganz interessant ass, ëm d'Rechnung bezuelen. Déi Fraen, déi hu kee Geld, déi Frae kréie keng Bancomatskaart, näischt, déi wëssen de Code net, dat sinn alles Saachen, da so mir ëmmer, Dir hutt och d'Recht, Äert Geld ze hunn an Dir hutt och d'Recht, hei ze schwätzen an do ass ganz ganz vill „pain sur la planche“, do musse mer nach ganz vill schaffen, dat ass kee schlechte Wëllen, mee déi Leit kommen aus engem anere Kulturkrees einfach an déi Fraen waren dann och ëmmer e bësse genéiert, mee ech hu gesot gehat, hei ass dat esou, jiddwereen ass d'selwecht.

Da musse mer och kucken, dass mer awer mat deene Fraen och vläicht schaffen, well dat sinn och d'Mamme vun deene Kanner, do ass et dann och erëm wichtig, dass do net d'Kanner och déi klassesch Rolleverdeelung iwwerhuelen, de Mann ass de Chef an d'Fra ass ennergeuerdent, do ass nach ganz vill Aarbecht, an dat ass eppes wat sécher ganz wichtig ass, och an de Schoulen, fir an déi Richtung sech weider z'entwéckelen.

Wat och ganz interessant ass, dat ass, mir haten den Gender-Pay-Gap, dee kennt jiddereen, vum Auserneendrifte vun de Paien tëschent Männer a Fraen, a wat ganz interessant ass, Dir hutt dat och hei erwänt am Artikel 25, den Gender-Care-Gap, och dat ass och eppes wat een awer ëmmer erëm mierkt, dass do och nach ganz vill Aarbecht ass, a mir haten dat och scho beim Audit „Beruf und Familie“ gesot gehat, och an der gemeng muss een do nach e bëssen Aarbecht maachen, fir dass d'Männer och hire Congé parental huelen, de Congé familial huelen, dass sech och méi ëm d'Kanner gekëmmert gëtt, do ass och nach sécher eng Sensibiliséierungsarbeit wichtig. Wat och interessant ass, dat ass dass Är Aarbecht och sech op aner Ebenen ausweit, zum Beispill och, wat ganz interessant ass, dass Dir schreift, dass ee muss zum Beispill, wa Versammlung sinn an der Gemeng, Mehrsprachigkeit der Veranstaltung, leicht verständliche Sprache, do muss een och kucken, och do kann eng gewëssen Diskriminatioun kommen, wann s de net versteet, ëm wat et geet an déi leicht verständliche Sprache, dat ass eppes, wat ganz, ganz wichtig ass, och fir eng Inklusioun vu Leit, déi eeben net esou fäeg sinn, sech gutt auszudrécken oder vläicht och Léierproblemer hunn oder Analphabetismus, dat gëtt et och nach bei eis, dat si Saachen, déi och ganz wichtig sinn, dass een do nawell ëmmer nohakt.

Wat hunn ech mer nach hei opgeschriwwen. Et steet och hei, dass mer eng gender-neutral Toilette wëllen opriichten, dat ass och alles ganz schéin a gutt, mee do muss een natierlech eng Sensibiliséierungsarbeit maachen, hei, well dat ass och eppes, wat net jiddweree versteet, gell. Also, do muss een dann awer kucken, dass een dat awer och esou mécht, dass een, dass een d'Leit net widder de Kapp stéisst, dat ass och wichtig, et muss een dat och respektéieren, dass d'Leit awer vläit sech onwuel fillen, wann awer déi zwee Geschlechter an déi selwecht Toilette ginn, dat ass eppes, vläit e klengen Detail, mee dat ass awer eppes, wou een awer och da muss eng gutt Sensibiliséierungsarbeit maachen. Ganz wichtig oder och gutt hunn ech fonnt, dass mer eis och am Personalmanagement intern Prozedure wëlle gi fir Belästigungsfäll an intern Prozeduren, fir Hate Speech, och grad haut am Zäitalter vun de soziale Medien ass dat jo eppes, wat och ganz, ganz wichtig ass, dass mer do och drop aginn an och dat sensibiliséieren an och den Artikel 70 fannen ech ganz interessant, geschlechtersensibel a geschlechterdivers Einstellungspolitik an ech hunn - dat gouf mer zougedroen - dass zum Beispill de LIST, wann deen eng Ausschreibung mécht, dee schreift dat explizitt och dran, ech zitieren „LIST is an equal opportunity employer and is committed to hiring and retaining diverse personnel. We value all applicants and will consider all competent candidates for employment without regard to national

origin, race, colour, gender, sexual orientation, gender identity, marital status, religion, age or disability.“ Dat ass e klenge Saz, mee dat ass awer eppes, wat ganz wichtig ass.

Ech menge, mir hunn elo och héieren, dass verschidde Leit, dat ass och duerch d'Medie gaangen, op e Poste postuliert hunn, soe mer mol, colored people, an déi sinn et ugeholl ginn an dann hunn se déi selwecht Demande gemaach mat enger wäisser Foto an da kruten se déi Plazen. Dat ass keng Geschichten, dat ass einfach hautzudaags leider nach ëmmer eng Tatsaach. Ma schwätzen och natierlech vun där selwechter Problematik, wann s de eng Wunneng wëlls ulounen, ech mengen mir haten doriwwer och scho rieds, wéi schwéier et ass, Bierger, déi net europäesch ausgesinn, an eng Wunneng ze vermëttelen, dat sinn och Tatsaache, wou een och sécher muss nach e bësse schaffen. Wéi gesot, il y a du pain sur la planche. Villmools Merci fir Äert Engagement, fir Är divers Approchen och zu verschiddenen Themen, vun Diskriminatioun a bon courage an, wéi gesot, mir ënnerstëtzen dat hei natierlech honnert Prozent a villmools Merci fir Är valoréiser Aarbecht.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER):** Merci Madamm Kaiser, sinn nach weider Stellungnahmen?

**MONIQUE HEINEN – DÉI GRÉNG) :** Merci fir d'Wuert. Merci dem Service à l'égalité des chances, mir schléissen eis deem Luef vun der Madamm Kaiser un, an och Merci fir d'Explikatiounen am informellen Gemengerot. Fir déi Gréng war an ass d'Gendergläichstellung e wichtegt an zentraalt Thema a mir begreifen ausdrécklech deen neien Aktiounsplan. Menger Virgängerin, der Madamm Colette Kутten, waren d'Gläichheet tëscht Fraen a Männer, d'Bekämpfe vu Stereotypen, ëmmer e grousst Uleies. Si war Matbegrënnerin vum CID Femmes an ass och nach ëmmer aktiv an och Member vum Conseil national des femmes. Si huet hiert Engagement an hiert Wësse während laange Joren an der Diddelenger Chancëgläichheetskommisioun mat abruucht, a mir denken, wa mir haut en engagéierten a kompetente Chancëgläichheitsservice hunn, an déi esou eng virbildlech Aarbecht maachen, ass dat awer och e bëssen hire Verdéngscht an ech schéissen de Ball elo mol zeréck: Gréng wierkt dann och an der Oppositioun.

D'Madamm Annabelle Laborier-Saffran huet den uechtzénften Abrëll eppes Interessantes gesot, wat mer hänke bliwwen ass an si huet et haut och nach eng Kéier gesot, dass et dröms geet, och déi méi staark Mënschen, déi méi privilegiert Mënschen, déi sech kënnen engagéieren, fir Schwaachen ze hëllefen, Schwaachen, déi Diskriminéierungen an Ongerechtekteen erliewen, fir grad déi och ze encouragéieren an ze ënnerstëtzen. Déi Gréng begreifen ausdrécklech déi 111 Moossnamen. Eis aktuell Vertrieederin an der Chancëgläichheetskommisioun huet de Plang genee analyséiert an si huet och Froe schonn eraginn an déi goufe berücksichtegt. Merci dofir: Mir hunn eis haut e puer Moossnamen erausgepickt, besonnesch d'Nummer 30 gefält eis ganz gutt, dat huet den Här Manderscheid hei jo och schonn elo de Moie gesot, déi gratis Periodeproduiten op ëffentleche Plazen a besonnesch och an de Schoulen,

an de Grondschoolen, an d'Maison Relais, ass dat och wichteg, fir och deen Tabuthema ze brieche.

Dann, d'Madamm Kaiser huet et och elo scho gesot, d'Nummer 25, d'Sensibiliséierung fir den Gender-Care-Gap, hei geet et ëm déi Aarbecht, déi net esou siichtbar ass, net bezuelt gëtt a gréisstendeels - dat ass awer haut och nach ëmmer esou, et muss ee leider soen - vu Frae gemaach gëtt, nämlech sech ëm d'Kanner an den Haushalt ze këmmere, am Berufsliewen zeréckzetrieden, hallefdaags ze schaffen, a wann d'Kanner aus dem Haus sinn, dat gëtt och heiandsdo vergiess, sech ëm d'Elteren ze këmmere, well d'Leit ginn haut ëmmer méi al an da ginn se fleegebedierfteg an da kuckt een dann no deenen oft, wat och ganz oft zäitintensiv ass. Den Nummer 40 ass och nei, dat ass d'Sensibiliséierung bei de Sportsveräiner an, jo, ech weess net u wat et läit, mee ech perséinlech fannen et e bësse schued, datt den F91 keng Dammenekipp huet a mir hoffen, dass vläit déi Measure 40 do vläicht e bësse kann den F91 encouragéieren, vläit dann och mol eng Dammenekipp hei zu Diddeleng ze hunn. Nei sinn och d'Mesuren 64 bis 69 betreffend d'Personalmanagement, dat fanne mir och ganz wichteg an dat ënnersteet jo dann och dem Schäferot. Voilà, dat ass vun eiser Säit. Mir stëmmen deen Aktiounsplang ganz gäre mat.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci Madamm Heinen, D'Wuert geet un d'Madamm Erpelding.

**THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK):** Jo, Merci fir d'Wuert, also ech ka mech eigentlech nëmme menge Virriednerinnen uschléissen an ech wëll dann och net alles widerhuelen. Villmools Merci nach eng Kéier fir d'Presentatioun. Ech konnt leider net am informelle Gemengerot derbäi sinn, dat ass dann awer flott, dass ech elo nach eng Kéier alles détailléiert kritt hunn. Ech hat de Plang, ech konnt e kucken. Villmools Merci och dem Service an all deene Leit, déi dorunner geschafft hunn, well wann een esou en Dokument liest, da mengt een, jo, et ass e bësse geschriwwen, dat sinn e puer Säiten, mä do stécht eng onheemlech Aarbecht dran. Ech selwer hu jo och an esou engem Service eng kuerz Zäit an enger anerer Gemeng geschafft an ech hunn dann och matkritt, wat do alles hannendru stécht un Zäit an Aarbecht fir all déi Mesuren do auszeschaffen an och auszebauen deelweis.

D'Annabelle huet eis dat ganz gutt erkläert, ëm wat et geet, och déi verschidde Kapiteln. Et ass wierklech un immens viles geduecht ginn an och u Saachen, déi ee villäicht net esou direkt mat deem Sujet a Verbindung bréngt. Ech mengen och d'Michèle Kayser ass op do op verschidde Saachen agaangen. Den Titel, deen een op der éischter Säit gesäit vun deem Dokument „Eng Welt, eng Mënschheet“, eigentlech seet dat alles oder misst et alles soen, an awer si mer leider ganz oft, wäit ewech dovunner, et héiert een am Kontext vun de verschiddene Geschlechter an och der sexueller Astellung, oft Aussoen, Bemerkungen, Witzer, déi awer vläicht net ëmmer onbedéngt vu schlechtem Wëlle sinn. Et huet deelweis mat Ignoranz ze dinn, dass d'Leit net méi wëssen, sech net mam Thema beschäftegen, et huet och mat eiser Erzéiung ze dinn. Ech mengen, mir sinn

haut op engem Punkt, wou mer virun 20-30 Joer sécher nach net waren a nach méi wäit zeréck an et ass net ëmmer de bësse Wëllen, mä et ass awer wichteg, dass een d'Leit opmierksam drop mécht an se sensibiliséiert an och informéiert, wou mer dru sinn a wat wierklech eng richteg Chancëgläichheet ass.

Ech mengen, et ass net einfach ee Wuert an et muss ëmmer rëm thematiséiert ginn, et muss ënner d'Leit bruecht ginn, et muss sensibiliséiert ginn, et ass näischt, wou een eng Kéier esou en Dokument schreift oder eng Broschür verdeelt an, voilà, da war et dat. Ech mengen, dat ass och dat, wat d'Annabelle jo och gesot huet.

An deem Plang si ganz vill Aktiounen, nei Aktiounen opgezillt, awer och Aktiounen, déi et scho méi laang gëtt, Aktiounen, déi weidergefouert ginn oder déi rëm nei lancéiert ginn, ech ginn elo net an all Detail do an, mee et gesäit een awer, dass dat en Thema ass an och dat ass gesot ginn, dee Service gëtt et schonns 20 Joer laang, dat ass also elo net nei hei zu Diddeleng an dass an deem Beräich scho ganz vill geschafft ginn ass. Dat Dokument mat deenen 111 Mesuren ass eigentlech ganz gutt opgestallt, ganz kloer strukturéiert, sou dass een och eppes erëmfënnt. Voilà, et ass wierklech alles gutt erkläert, ech mengen, dat hu meng Virriedner och scho gesot.

Vläicht just e puer kleng Remarken, dat soll awer net als Kritik ubruecht ginn. Et si Formatiounen ugesot beim Personal an - ausser ech hätt elo eng iwwersinn, mee ech hunn alles am Detail gekuckt - et kéint ee vläicht awer och envisagéieren, eng reegelméisseg allgemeng Formatioun unzbidden iwwer Chancëgläichheet, also wou sou e bëssen dat Ganzt ofdeckt an déi dann och fir dat ganzt Personal obligatoresch wär, wéinstens eemol, well et sinn einfach Saachen, wéi ech scho gesot hunn, wou een einfach net weess sou a wou ech mengen awer schonn, dass een d'Personal kéint do - ënner Gänseféisercher - zwéngen, dat eng Kéier nozelauschteren. Beim Kapitel „Lokale Akteure“, do vermësse mer déi lokal Betriber, déi zwar herno kommen, an enger anerer Measure ginn déi genannt, mee vläicht kéint een do déi och mat abannen iwwer Delegatiounsverrieder eventuell. Ech weess et net, dat ass just eng Propos. Si gi bei der Moossnam 43 zwar genannt, mee dat ass e bëssen eng aner Form.

Dann, just zu de Stroossennimm, natierlech ënnerstëtze mer déi Measure an do steet just dran, et kéint een och op national an international Fraennimm zeréckgräifen, wann déi lokal ausgeschöpft sinn. Also, ech mengen, dat ass vläicht och esou geduecht, dass een einfach d'office méi Stroossen a Plazen no Frae benennen, well et gëtt jo awer do e ganz grousst Ongläichgewicht an, ech mengen, et zielt dat och ze reduzéieren. Vläicht e puer kleng Saachen, déi awer och dozou gehéieren, bei der Inklusioun zum Beispill, bei der Nummer 60, do si vläicht Klenggekeeten, wou d'Gemeng awer och nach kéint verbesseren, déi ech elo net am Dokument fonnt hunn, zum Beispill e Livestream vum Gemengerot, zum Beispill d'App an den Internetsite vun der Gemeng, déi si just op Franséisch, dass een dat vläicht och envisagéiert méisproocheg ze maachen, de Site eventuell och - zumindest verschidde Kapiteln - a leichter Sprache, fir

dass d'Leit eens ginn domadder. Dat sinn awer éischer Klenggekeiten.

Dann hunn ech just nach eng Fro, ë, wat ech och net fonnt hunn. Ech ka mech erënneren, dat muss 2017 oder dat ass schonn eng Rei Joren hier, do war mol vu Reglementer, interne Reglementer vun der Gemeng geschwat ginn. Et war am Kader vun der Schoukommissioun, wou gesot ginn ass, ab elo maache mer Reglementer wa mer se nei maachen, mir ginn se net änneren, mä wa mer se nei maachen, da gendere mer se awer, den Enseignant, den Direkter an esou. Ech weess, dass d'Madamm Di Bartolomeo dat gesot hat, deemools an der Schoukommissioun, do war sech och beméit ginn, dat Reglement sou unzepassen. Kuerz dono ass och dat vun der Museksschoul, dat internt, ass och dono net méi geännert ginn, dat heescht, dat misst och sou sinn. Ech wollt einfach froen, ob dat esou weidergeet, ob dat envisagéiert ass, wéi gesot, net elo ännere wat do ass dowéinst, mee wann se modifizéiert ginn, dass een dat da vläicht och kéint berücksichtegen.

Ech hunn zwar elo nach de Moien iergendwou gelies, an iergendengem Artikel an der Zeitung, dass staark Fraen duerchaus kéinte verdroen a wëssen, dass wa vun engem männleche Begrëff geschwat gëtt, dass si och domadder gemengt sinn. Ah, ech hunn dee Saz e bëssen ... dee war natierlech vun engem Mann geschriwwen ... ech hunn dee Saz wierklech net gutt fonnt, dat heescht, schwaach Fraen, déi brauchen eng genderlike Sprooch a staark Fraen - wat ass eng staark Fra? Wéi definéiere mer eng staark Fra? - déi wëssen, dass, dass se bei Männer einfach mat gemengt sinn. Bon, ech menge mir sinn eis all heibannen eens, dass dat e komesche Saz ass. Wat vläit just feelt am Dokument, ech weess net ob dat néideg ass, mä do kommen e ganze Koup Begrëffer vir, déi d'Leit eigentlech net esou kennen, ob dat elo LGBTIQ-Plus ass, dat - mengen ech - wëssen déi meescht Leit, BIPOC, Peer-Kontakt, STEM/MINT ob et net vläicht sénnvoll wier, do eng Säit bäizesetzen, wou net am Detail, mee vläit ganz kuerz déi Saachen erläutert ginn, fir datt d'Leit dat net nosiche mussen, wann se d'Dokument liesen. Dat ass just eng Suggestioun.

Also, fir op de Schluss ze kommen, et ass op alle Fall en usprochsvolle Programm wou do gesat ginn ass fir déi nächst Joren an et fält, sécherlech vill Aarbecht un, fir dee Service, well ech mengen d'Annabelle huet et gesot, mat ville verschiddenen Acteuren. Also, do wäert lech d'Zäit net langweileg ginn. Et ass virgesinn, um Enn vun all Joer, steet am Dokument, eng Bilanz ze zéien, an do wär et flott - mee et ass vläicht souwisou envisagéiert - déi dann och ëmmer am Gemengerot ze presentéieren, wou sti mer, wat ass gemaach, wou si mer weiderkomm, vläicht och, wou hu mer Problemer begéint oder Hindernisser, dat wär flott, wann dat och kéint ëmmer am Gemengerot thematiséier ginn. Voilà, déi Léink fannen dësen Aktiounsplang ganz gutt an natierlech stëmme mir dee mat.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, Madamm Erpelding. Här Clement.

**ALAIN CLEMENT (LSAP):** Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Ge-

mengerot, fir d'éischt wëll ech och vun der LSAP aus deem Dreiergespann Isabelle, Sandrine a Michèle aus dem Chancëgläichheetsservice Merci soen. Wann ech kucke, wat eisen Service ëmmer rëm opweises huet, an där mat nëmmen achtzeg Aarbechtsstonne pro Woch, da kann ech nëmme soen „Chapeau“. Et ass jo wierklech vun der personeller Besetzung hier e ganz kleng Service, mee ee wou richteg geschafft gëtt, dat weist och dëse Plan d'action. Et huet een den Androck, et wieren der e puer méi oft do um Wierk, et ass e Service mat enger grousser Oppenheet an deene verschidden Themeberäicher an dofir kommen och ëmmer erëm ganz flott Kollaboratiounen mat vill Acteuren zustanen, déi op dee Service duerkommen. Haut stëmme iwwert den neie Plan d'action communal pour l'égalité des genres of, a wann een sech e bëssen dermat befaasst huet, a just nëmmen de Fakt ervirhieft, dass dësen Aktiounsplang 111 Moosnamen ëmfaaßt, da weess een ouni laang mussen nozedenken, dass do eng riseg Aarbecht am Virfeld huet musse geleescht ginn, fir esou e vasten a kompletten Aktiounsplang op d'Been ze stellen.

Et ass dem Service net drëms gaang, esou vill wéi méiglech Usätz do zesammenzestéieren, mee déi hu sech einfach iwwert d'Erstellungszäit vun deem ganze Projet erausgeschéit an och iwwert déi zwanzeg Joer, wou dëse Service besteet. All déi Moosnamen weisen eis awer och, wéi breetgefächert dat Thema Gläichstellung ass. Ech soen lech ganz éierlech, wéi ech President gi sinn vun dëser Kommissioun, war ech der Meenung beim Thema Gläichstellung, dass et just ëm d'Gläichstellung vu Mann a Fra géing goen, wat Beruff, Verdéngscht a Carrière ubelaangt, an dann hätt et sech, awer schonns nom éischte Gespréich, wat ech mat dem Service gefouert hunn, sinn ech mat engem weesentlech méi groussen, Horizont iwwer dëst Thema erëm heemgaangen. Ech mus soen, ech war platt a wann ech elo kucken wat fir en Aktiounsplang dëse Service op d'Bee gestallt huet, da war dat, wat ech iwwer dëst Thema an der éischer Versammlung gewuer gouf, nëmmen e Brochdeel vun deem, wat een an dësem Plang ermëfent. Aus der Presentatioun vum informelle Gemengerot an och aus der haiteger geet kloer ervir, dass de Service ganz villsäiteg a sengen Angeboter ass, dass e probéiert, eng Rei vu verschiddenen Zilgruppen ofzedecken, fir dass fir jiddereen och eppes derbäi ass. Déi ganz Panoplie u Moosnamen, déi mer hei am neie Plang, Plan d'action ermëfannen, ass emol dat eent. Ech ginn och dovun aus, dass dësem Aktiounsplang eng grouss Majoritéit heibannen zoustëmmt, och dat ass emol dat eent.

Dass dëse Plang an Zukunft awer an eiser Gesellschaft seng Friichte soll a muss droen, dat ass dat anert. Elo geet et drëms, de Service z'ënnerstëtzen, dass seng Aarbecht a seng Themen nach méi no bausse kënnen gedroe ginn, soudass eis Bierger aus deene verschiddenen Zilgruppen zukünfteg nach méi op d'Erfaarung, déi eisen Service huet, an op déi Moosnamen, déi aus dësem Plang ervirginn, kann zeréckgräifen. Dat ass jo och eent vun den Hauptleiessen, déi de Service huet an e bréngt dat jo och an der Broschür zum Ausdrock kënnt. E weidert Haaptthema ass fir d'Gläichstellung méi staark nach als Aktualitéitsthema ervirzestärchen. Hei versicht de Service, sech virrangeg gemengenintern staark ze

engagéieren, fir mat enger interner Wäertecharta fir d'Zesummenaarbecht a Féierung, fir nëmmen eng vu ville Moosnamen ze nennen. Da sief och d'Gläichstellung als gemeinsam Aufgab, als Haaptpillier ernimmt, a bei dësem Thema ass de Wäert vum Wuert gemeinsam grad esou wichteg wéi dat vun der Gläichstellung. Domat ass net nëmme gemengt, dass de Service gemeinsam mat betroune Persounen, déi sech eeben op iergendeng Aart a Weis net als gläichberechtigt erliewen an et och oft net sinn, no Léisunge sicht, mee dass dat gemeinsam jidder Bierger vun eiser Gesellschaft betrëfft. Eréischt dann, wa jidder Mënsch dëst wichtegt Thema zu sengem Thema gemaach huet a sech bereet erkläert huet, d'Responsabilitéit ze iwwerhuelen, ob ee selwer ënnerdréckt ass oder net, kann eis Gesellschaft sech an dësem Sujet e gutt Stéck weider no vir entwéckelen.

E wichtegen a groussen Usaz heifir sinn d'Projeten, wou eis Kanner an eis Jugendlecher Gläichstellung an Anti-Diskriminéierung vermëttelt kréien, well si jo net nëmmen haut déi jonk Generatioun duerstellen, mee och déi vu muer wäerte bilden. An als leschte Pilier sief d'Berodung nach erwänt, bei där een eeben nach emol muss betounen, dass et äusserst wichteg ass, dass dem Service säi Bekanntheetsgrad an d'Luucht geet, well Hëllef kann ee sech schlussendlech nëmmen do si- che goen, wou ee weess, wou een se fënnt. Et geet u sech net duer, dass mer haut dësen Aktiounsplang unhuelen, e muss ëmgesat ginn, e muss ëmmer méi vun eis gelieft ginn. Ech soen lech Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci Här Clement, gëtt et nach weider Stellungna- men? Dat ass net de Fall, da kann d'Annabelle Laborier- Saffran nach eppes dozou soen, respektiv de René Man- derscheid an da géif ech och nach puer Wieder soen.

**ANNABELLE LABORIER-SAFFRAN (CHANCÉGLÄICH- HEETSSERVICE):** Jo Merci, ech gi kuerz drop an, also Dir hutt e puer flott Saachen nach gesot, déi ech mer nach notéiert hunn, ech schreiwen elo net séier den Aktiounsplang frësch, mee huelen awer e puer Saache mat op. Also, ech denken, de Glossar mat den Erklä- rungen zu verschiddene Begrëffer oder esou, mir hate virgesinn, deen op d' Websäit vum Service ze setzen, mee tatsächlech, vu datt d'Mesuredokument jo online just wäert disponibel sinn, do kënne mer nach eng Säit mat drasetzen oder zwou Säiten, wou mer dann nach Begrëffer erklären. Ech kann dat elo net garantéieren, dass dat fir direkt direkt ass, mee dass mer dann ier- gendwann eeben en neit Dokument opspillen, wou mer dat mat drasetzen.

An da war elo nach d'Fro mat deene Reglementer, déi intern Reglementer zur Schoulorganisatioun an zur Organisatioun vun der Museksschoul, déi si gegendert ginn tatsächlech. Et ass esou, dass d'gendersensibel an d'genderinklusiv Sprooch sech och e bësse weide- rentwéckelt an et do och an Tëschenzäit och nach nei Unhaltspunkte gëtt, wéi een dat elo am beschte mécht. Dat sinn ëmmer nëmme Recommandatiounen, wéi een dat maache soll, et gëtt kee Gesetz, mee et ass op alle Fall esou, dass d'Dokumenter oder d'Texter, déi mer eng Kéier gegendert hunn, dass mer déi och esou wëllen ha-

len, an déi sou solle bleiwen an eventuell dann eng Kéier iwwerschaft ginn, wéi eng Form mer dofir huele wëllen.

Et gëtt an Tëschenzäit dozou Guiden, souwuel vum CET wéi och d'Stad Esch huet e Guide ausgeschafft iwwer genderdivers an gendersensibel Formuléierungen an och d'Schrëftweis, a mir hunn an Tëschenzäit dann eng Form fonnt, wéi mir et och gängeg bei eis am Service maachen an halen dat bäi an et sinn eng Rei aner Servi- cer, déi et och scho versichen, eis reegelméisseg froen, wéi kënne mer dat bei där heiter Saach maachen? Mir stinn do zur Verfügung a mir hellen, awer mir hëllefen esou, dass mir d'Leit am Fong empowere fir et an Zu- kunft selwer kënnen ze maachen. Et ass elo net, dass all Mënsch eis seng Texter gëtt a mir iwwerschaften déi all nach eng Kéier, well dat wär eng Aarbecht, déi net ze leeschte wär, awer et ass en Angebot, wat mer hunn an do gräifen ëmmer méi Leit dorop zeréck tatsächlech.

Voilà. Dann, Merci fir déi nei Iddi, fir vläicht mat den De- legatiounen aus lokale Betriber Kontakt opzehuelen an eemol ze kucken, ob et do Ënnerstëtzungsméiglechke- te gëtt. Dat ass e gudden Usazpunkt, un deen ech tat- sächlech nach net geduecht hat, Ech huelen dat mat, ëëë, fir ze kucken, wat een an déi Richtung ka maachen. An dann, d'Chancégläichheet als eng Formatioun fir alleguerten obligatoresch ze maachen. Also, et wäert Formatiounen a reegelméisseg Ofstänn ginn. Mir hu gesot, et ass verpflichtend fir Führungspersonal, fir a gewëssenen Ofstänn esou eng Formatioun matzema- chen, et ass awer esou, dass déi Formatiounen och dem ganze Personal wäerten oppestoen. Et ass eebe just, dass mer elo gesot hu beim Führungspersonal kontrolléiere mer dann och a soen och wierklech, dass se et mussen a gewëssenen Ofstänn jeeweils eng dovou gemaach hunn, woubäi se der dann och verschiddener mat verschiddenen Aspekter zur Auswiel wäerten hunn. Ob een et wierklech fir all Mënsch elo obligatoresch mécht? Also, dat wat mer wollte maache mat der Char- te interne, un där mer schaffen, fir d'Wärter vun der Zesummenaarbecht an och vun de Servicer, déi d'Ge- meng ubitt, an och zur Führung, do soll et wierklech mol eng Formatioun fir all Mataarbechter an all Mataar- bechterin dann dozou ginn, wat déi Wäerter sinn, an zu deene Wäerter gehéiert natierlech och d'Gläichstellung an och de Respekt vun der Diversitéit, sou dass mer et do scho wäerten dran hunn dann. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci dem Annabelle Laborier-Saffran, ech wollt dann och nach e puer Punkte bäifügen. Engersäits Merci soen, datt alleguerten d'Vertreider, déi hei d'Wuert er- graff hunn, dass mer do zesummen an déi selwecht Richtung zéien an et soll ee jo och wëssen, dass dëse kommunalen Aktiounsplang sech jo och dran aschreift, wat méi generell um nationale Plang leeft. Et gëtt jo och en nationalen Aktiounsplang, net méi spéit wéi vi- run zwou Wochen gouf dee jo um nationale Plang dis- kutéiert an deen huet eng Rei och Prioritéiten, deen e sech setzt. An eng vun deene Prioritéiten ass och den Apport vun de Gemengen um Niveau effektiv vun de Mesuren, déi se kënnen huelen. An dat, wat mir haut de Mueren hei presentéiert hunn, diskutéiert hunn, ass den Apport vun der Stad Diddeleng am Kader vum na- tionalen Aktiounsplang, wou och dann d'Stad Diddeleng

hei hir Responsabilitéit hält fir konkret dann och um Terrain, iwwert déi dote Mesuren dann och zur Gläichstellung bäizedroen, wëssend, dass den nationalen Aktiounsplang natierlech 7 politesch Prioritéiten huet, 48 Mesuren an 99 Aktiounen, a mir mat eisen 111 Mesuren an Aktiounen toppen also den nationalen Aktiounsplang, dat ass ganz, ganz gutt.

Et ass och gutt, dass mer de Mueren ausgibeg heiriwwer diskutéieren, well – ech maache ganz kuerz eng Klamm op an och erëm ganz schnell zou – wéi mer virun zwou Wochen op enger anerer Plaz iwwert den nationalen Aktiounsplang geschwat hunn, hu mer dat owes um sechs Auer gemeet an d'Duerstellung vun där ganzer Diskussioun an der Press, wat jo och deem Ganzen eng gewësse Visibilitéit gëtt, déi war natierlech ëm déi Auerzäit an och déi Deeg duerno ganz minim, an ech mengen och, dass generell och dat heite no baussen nieft den Aktivitéiten, déi d'Parteien maachen, déi eisen Service mécht, ass et och wichteg, dass d'Medien déi Aarbecht, déi op dem Niveau vun der Gläichstellung gemeet gëtt, och no baussen och droen. Ech mengen, dat ass och e ganz, ganz wichtigen Aspekt.

En anere Punkt, deem ech nach wollt erwänen, ass, dass dat heite, wat mer hei maachen, natierlech och dozou ka bäidroen, am gesamte Verbond, dass natierlech eisen humblen Apport, dass den Egalitéitsindex och weider wiisst, well ech mengen, dat si jo Daten, déi effektiv dann och disponibel sinn. Deen Egalitéitsindex 2022 läit hei zu Lëtzebuerg bei 73,5 Prozent, bon, den Maximum, dat ass honnert. Do ass nach natierlech de But, no uewen, fir dorunner ze schaffen, och wann ee weess, dass déi lescht Joren um nationale Plang do eng Rei Efforte gemeet goufen. Dat wat mir hei konkret um Terrain maachen, léisst fir sech schwätzen. A wou ech awer och nach wollt reagéieren, par rapport zu deem, wat d'Madamm Kayser gesot huet par rapport zum Congé parental, dass do nach Sputt no uewe wär.

Dat wëll ech awer revidéieren, well vun do un wou de Congé parental reforméiert gouf, an och méi flexibel gestalt gouf, weess een unhand vun den Ufroen, déi gestalt goufen an och vun de Chifferen, déi statistesch virleien, dass am Fong deem zu fofzeg-fofzeg genotzt gëtt, wat jo och ganz gutt ass, dass am Fong dann och béid Partner sech där Responsabilitéit net entzéien an och de Congé parental och notzen, mee et ass absolut och richteg, dass um Niveau vun der Käraarbecht dee Gap nach besteet an dee Gap ass och méi grouss ginn während der Covid-Pandemie, mee dat huet natierlech och domadder ze dinn an och dat kann ee statistesch noliessen an och natierlech kucken, wéi kann een um lokale Plang natierlech och nach Ureizer ginn, dass natierlech méi Fraen an Deelzäitaarbecht schaffen wéi Männer, ergo natierlech och dee Gap bei der Käraarbecht och natierlech méi grouss gëtt.

Do gëtt et eng ganz Rei Usätz, wou een nieft dem nationalen Aktiounsplang och als lokalen Acteur kann eng Rei Mesuren huelen an ech mengen, dat wat mer haut hei diskutéiert a presentéiert hunn an elo wäerten ofstëmmen, och dozou ka bäidroen. Dëst gesot, war jo och d'Iddi nieft de Diskussioun och dat heiten ofzestëmmen a wann de Bilan gezu gëtt, wat d'Madamm Erpelding

gesot huet, mengen ech, sollt ee virun allem och emol an der Kommissioun dann de Bilan zéien éier et dann hei an de Gemengerot kënnt. Ech mengen, datt een déi zoustänneg Kommissioun dann och soll mat abannen an abezéien.

**JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV):** Jo Monique, dat mat der Fraenekipp, ech hat net direkt d'Äntwert, soss hätt ech der se gesot. Ech wosst nämlech, dass eppes am Lafe wier, an ech hunn net méi spéit wéi elo de Gerry Schintgen, de President vum F91 gefrot. Fir d'nächst Joer ass eng Jugendekipp geplangt, dass se déi maachen, an et ass och esou, dass se vun der UEFA aus müssen eppes maachen, well si hunn e Reglement, wa se wëllen eng UEFA-Lizenz kréien, da müssen se och eng Fraenekipp hunn a wéi gesot, d'nächst Joer maachen se eng Jugendekipp an et ass och geplangt, fir eng Fraenekipp an Zukunft ze maachen. Voilà, dat wollt ech jo just soen, ech konnt net direkt reagéieren, well ech d'Äntwert vum Gerry Schintgen net hat. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Ma Merci fir déi dote Prezisioun. Da géife mer zum Vott iwwergoen. Ass de Gemengerot mat deem Aktiounsplang, sou wéi deem hei presentéiert an diskutéiert gouf, averstanen? Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools Merci. An ech soen och dem Annabel Merci fir seng Presenz an och seng Presentatioun an d'Diskussioun.



## 5. GEMENGEFINANZEN

### 5.1 Approbatioun vun der neier Konventioun „Logis Hôtel-Restaurant Cottage» iwwer d'Bereetstellung vun enger Struktur fir dat provisoirescht Ënnerbréngen vum Demandeur-de-protection-provisoiren tëscht dem ONA, dem Hôtel Cottage an der Stad Diddeleng.

#### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Den éischte Punkt, dat ass d'Approbatioun vun enger neier Konventioun tëscht dem ONA an dem Hotel Cottage a mat der Stad Diddeleng. Am Fong wollt ech do elo weider net op de Contenu agoen, well dat heizen de selwechte Contenu as, iwwer dee gouf am leschte Gemengerot huet jo och diskutéiert, wat d'Prise en charge ugeet par rapport zu den ukrainesche Flüchtlingen, déi hei zu Diddeleng sinn an déi am Hotel Cottage sinn. Do hält jo den ONA en Deel en charge, an och d'Stad Diddeleng dat am leschte Gemengerot iwwer en Avenant gereegelt. Elo ass et awer esou, dass de Contrôleur financier, dat ass jo ëmmer e Beamte vum Finanzministère, deen an deem jeeweilege Ministère sëtzt, dass de Contrôleur financier vum ONA hei gesot huet, dass een net weider iwwer en Avenant soll verfuehren, mee eng komplett nei Konventioun maachen, sou dass am Fong dee leschten Avenant integral eriwuer geholl gouf an eng nei Konventioun. Dat heescht, vum Contenu hier huet näischt geännert, et ass ebe just eng nei Form an déi nei Form ass eng nei Konventioun, wou am Fong de Fong dee selwechten ass par Rapport zum leschten Avenant a wat do da par rapport zu eiser Solidaritéit vis-à-vis vun den ukrainesche Flüchtlingen, wéi gesot, nach ëmmer nach eng Kéier weider ënners-träicht. Dat ass am Fong dat, wat ech nach vun Erklärungen zu dëser Konventioun hei wollt ginn.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) :** Jo, Merci, ë, d'Diskussioun vum Fong, wéi gesot, brauche mer net méi hei nach eng Kéier unzefänken. Et ass just eppes opgefall beim Montant des frais pris en charge, do ass awer eng Ännerung vum 1. Januar bis den 31. Januar steet do, dass d'Stad Diddeleng, d'Restauration-déjeuner iwwerhëlt an ab Februar steet do Petit-déjeuner, déjeuner, dîner pour un nombre maximal de quarante-deux personnes, ass do eng Ännerung? Ech ka mech net méi erënneren, ech weess, dass mir gesot hunn, dass mir eng Molrecht géifen iwwerhuelen an elo ass eeben d'Fro: War dat nach ëmmer esou, dass mer alles iwwerholl hunn, dass mir awer d'lessen integral iwwerholl hunn? Et war awer eng Fro och trotzdeem opkomm, wéi mer dat an eise Komitee diskutéiert hunn: Et ass jo esou, bei den ukrainesche Bierger, et ass jo haaptsäch-

lech geduecht oder esou just geduecht fir ukrainesch Flüchtlingen hei opzehuelen, do ass eben d'Fro, wéi de Statut vun der Protection internationale leeft bei deene Persounen, déi mir bei eis hebergéieren.

Mir wësse jo, et gëtt jo den Ënnerscheed tëscht Demandeur de protection internationale a Bénéficiaire de protection internationale, do ass et esou, déi Leit, déi eng Aarbecht fonnt hunn, déi bei der ADEM ageschriwwen sinn, déi kréie jo hire Statut verlängert. Do ass d'Fro: Wéi ass et bei eis mat deene Leit, déi mir hebergéieren, hu mir do en Abléck, wéi vill Leit eben um Aarbechtsmaart awer Fouss gefaasst hunn, bezéiungsweise bei der ADEM vläit eng Formatioun maachen, a wéi ass den Turnover? Ech hat dat d'lescht Kéier scho gefrot, hu mir do en Abléck, wéi do den Turnover ass, hu mer scho Leit, déi awer d'Chance haten, fir anerwärts logéiert ze ginn, well et ass jo luewenswäert, dass mir dat proposéieren, an et ass och luewenswäert, dass de Cottage mat op dee Wee geet, mee et ass jo awer keng optimal Situatioun, wann s de ëmmer an engem Hotel wunns. Dofir ass meng Fro: Kënne mir dozou eppes soen oder wësse mer, gi mir do informéiert, wéi do den Turnover ass, wéi vill Leit si scho fortgaangen, hunn sech anerwärts niddergelooss an, wéi gesot, och wéi ass et mat dem Statut vun deenen?

#### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Madamm Kayser, sinn nach weider Froen dozou? Dat ass net de Fall. Ma ech mengen, wat de Statut vun de Leit ugeet, do gëtt et jo eng europäesch Regelung, do huet jo d'Stad Diddeleng en tant que telle keng Kompetenz, do ass jo den Ausseministère, deen iwwert déi dote Saache statuëiert, respektiv dann an Zesummenaarbecht mam ONA, an et ass jo awer och déi europäesch Ausseministesch, déi do jo e ganz kloer Status agefouert huet, fir dass se alleguerten de Statut och kréien. Ech mengen, dat ass de Volet vum BPI op den DPI. Bon, wat dann natierlech herno de Volet betrëfft a puncto Aarbecht a Wunneng, do weess ech, dass verschiddener schaffen an aner net, an ech mengen do ass et d'Croix rouge, déi jo sur place ass an och deen néidegen Encadrement assuréiert an och probéiert, do mat deene staatlechen Acteuren zesummen ze schaffen fir datt déi Leit eng Aarbecht och fannen. Do sinn si als sozialen Acteur an et ass jo och gutt, dass do e sozialen Engagement besteet vun der Croix rouge fir trotz alle Schwieeregkeeten um Aarbechtsmaart do awer och Perspektiven ze bidden.

Wéi gesot, d'Changement par rapport zum lessen, dat wat, bis den 1. Februar hu mer am Fong d'Mëttegiessen iwwerholl an ab dem 1. Februar dann eeben och mueres dann de Kaffi, d'Mëttegiessen an d'Owesiesen, dat bis maximal 150.000 Euro, ech mengen, dat ass och dat, wat mer jo am Budget stoen hunn, dat huet elo par rapport zum leschten Avenant, dee mer am leschte Gemengerot haten, net geännert. An dat ass jo och Bestanddeel hei op der Sait 5 vun der neier Konventioun, do ass dat jo nach eng Kéier opgeléicht, wat d'Prise en charge war, am Januar 2023, a wat ab 1. Februar 2023 leeft. An dat ass och eng Diskussioun, déi mer hate mam ONA virdrun, fir eis hei effektiv op deen heite Volet ze eenegen.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) :** Also, ech wollt nach eng Kéier nofroen, dat heescht mir hu guer keng Ahnung, wéi den Turnover ass, wéi vill Leit erausginn an eraginn, well déi Leit gi jo awer och bei eis op der Gemeng ugemellt, do misst een do vläicht eng Kéier... do wësse mer awer:

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Dach, mer wëssen et, mee quantitativ kann ech dat elo net soen, ech kann et awer ganz gären nokucken an noschéissen.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) :** Jo, well dat wier interessant.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Jo, et si Leit, déi effektiv schonn eng Zäitche do sinn, et sinn awer och anerer, déi effektiv, wann se eppes fannen, ginn, quantitativ kann ech dat ganz gären nach eng Kéier noschéissen, ganz gär.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) :** Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Jo Mir kucken dat mat eisem Populationsbüro, wou mer lech dann Informatiounen zoukomme loossen, keen Thema. Soss nach weider Froen oder Stellungnamen?

**ROMAIN ZUANG (LSAP):** Jo, ech wollt preziséieren, dass d'nächst Woch déi véier Zëmmeren op dem 37, rue du Commerce an och d'Appartement, dass déi vun do u besat ginn. D'Remise des clés ass de Méinden.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Jo, Merci, da géif ech proposéieren, wa keng weider Stellungname méi sinn, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dëser neier Konventioun averstanen.  
**Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

## **5.2. Approbatioun vum definitive Projet (Pläng an Devis) fir de Bau an d'Neigestaltung vun der Hal „CAD/Tennis» um Terrain vum Stadium John F. Kennedy.**

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Dann kommen mer zur Presentatioun hei am Gemengerot an de Vott fir den Neibau ronderëm de Stade John F. Kennedy, fir eng nei Infrastruktur, wou et a Richtung Indoor-Liichtathletikhall geet an awer och, nei Tennisteraine baussen a bannen. Dofir begréissen ech awer hei an eiser Ronn och eng ei Leit, déi un deem Projet matgeschafft hunn. Dat ass engersäits den Architektbüro Beng, den Nico Engel an de Jean-Bernard Laport, alles wat d'Statik ugeet vun INCA den Här Joao Figueiredo an alles wat den technesche Volet ugeet, vum Büro Felgen, den Här Genco, dann natierlech awer och vu säitens der Gemeng, vun eisem Service Architecture et Domaines d'Eva Gottschalk, de René Tessaro an de Pierre Glesener an ech mengen, ech hätt elo kee vergiess. Voilà, lech häerzlech wellkomm.

Ech mengen, si wäerten och hei de Complexe sportif John F. Kennedy presentéieren. Virop wëll ech e bëssen awer de Kader setzen an da wäert sécherlech och nach de Loris Spina als Sportsschäffen op e puer Punkten agoen, dass mer hei am Fong e Projet ëmsetzen, wou

mer 2016 vum Liichtathletikveräin saisiert goufen, vum CAD, fir effektiv an déi Richtung ze goen, fir esou e Komplex ze bauen. Et muss een och wëssen, dass deen aktuelle Bau e puer Joer um Bockel huet, dee gouf 1954 ageweit. An der Tëschenzäit goufen natierlech e puer Punkte renovéiert, ob dat elo Tribüne waren, nei Tartanpisten, respektiv e Paddle-Tennis, deen dobäi komm ass, mee wat ee virun allem muss soen, dat ass dass dat, wat mer lech haut hei presentéieren, jo och an enker Zesummenaarbecht mat de Veräiner gemeet gëtt an och hei hir Besoinen agefloss sinn. Mir haten och eng Aarbechtssitzung, wou mer dem Gemengerot dat hei jo och presentéiert haten an net méi spéit wéi gëschter Owend mer och mat den Arainer eng Diskussioun, respektiv eng Presentatioun, gemaach hunn a virun allem dat, wat mer hei presentéieren, do wäerte mer jo e bëssen am Detail nach eng Kéier drop agoen, wat dee Projet alles hei beinhalt, dat ass ganz kloer awer e moderne Bau, dee funktionell ass, zukunftsorientéiert ass an natierlech nieft der Notzung, déi d'Veräiner wäerten hunn awer och d'Diddelenger Communautéit, sief dat d'Kanner aus dem Fondamental, awer och den Diddelenger Lycée. Ech mengen, och si sollen dovunner kënne profitéieren.

Wat ech awer och nach hei wëll soen, ass, dass dat heiten e Projet ass an Dir hutt jo och den Devis virleie vu 17,4 Milliounen Euro, wat dat doten eis kascht. Mir waren natierlech och an de Sportsministère fir ze kucken, wat vu Subside méiglech ass, well dat heiten ass jo net e Projet, deen d'Gemeng zu 100% aleng soll droen mä och statlech Subside kommen. Dat wat sécher ass a wat och garantéiert ass, ass datt mer 35% staatlech Subside kréien. Mir sinn awer amgaangen ze diskutéieren., do sinn nach eng Rei Pisten., Déi mer auslote wëllen, dass mer e regionale Subsid wëllen an och frou wiere fir deen ze kréien an dat wären da fofzeg Prozent Subsid par rapport zu deem dote Montant. Wat och ganz kloer schonn de Fall ass, ass, dass dëse Projet am Fënnef-Jores-Plang dran ass vum Sportsministère, esou mengen ech, dass och dann déi staatlech Gelder garantéiert si vis-à-vis vun der Gemeng, wat am Fong dann och d'Ëmsetzung vun deem heite Projet och ugeet an, mengen ech, mer och hei a Richtung vun enger flotter, moderner, pragmatescher an, wéi gesot, dann och ganz spezifischer Sportsinfrastruktur higinn.

Dëst als méi generell d'Aleedung, an da géif ech hei nach dem Loris Spina d'Wuert ginn an dann dem Nico Engel, fir nach eng Kéier de Projet awer e bësse méi am Detail ze presentéieren.

**LORIS SPINA (LSAP-SCHÄFFEN):** Merci, Här Buergermeeschter, léif Frënn aus dem Schäffen- a Gemengerot, jo, dat war fir all déi Concernéiert, déi de Buergermeeschter elo genannt huet, eis intern Servicer an déi dräi verschidde Büroen, wéi gesot, e ganz wichtege Aspekt hei, dass mer am reegelméissegem Austausch mat de Veräiner waren an och an deene verschiddenen Tëschenetappen hu mer ëmmer rëm den Dialog gesicht, fir do eeben dat richteg herno hei ze presentéieren. Virun allem geet et drëm, fir dee ganz laang Wanter sportlech ze iwwerbrécken, fir dass och do qualitativ d'Sportlerinnen a Sportler kënne besser virukommen. Et muss ee soen, dass mer elo hei en extreem flot-

ten, innovativen an awer pragmatischen, einfachen a funktionelle Projet presentéiert kréien, deen a puncto Energieklass ganz nohalteg an energietechnesch op deem héchste Standard ass. Engersäits notze mer déi Grondfläch vill méi a besser, vill méi rationell, ë, dass se zesummeleeën an d'Optimiséierung vun deenen eenzele Flächen, sou wéi mer se do virfannen, an och vun de Raim an den Depoten an dat alles geplangt op der nammlecher Plaz wéi de Bestand.

Gemeinsamt Notze vu verschiddene Raim ass sécherlech och hei vu Virdeel an an der Evolutioun vum Projet ass dat esou entstanen, an ech denken do un d'Vestiairen oder awer och un déi flott Buvette, déi e bëssen esou ausgeriicht ass wéi am Centre sportif René Hartmann, well mer domadder gutt Erfarunge gemaach hunn, dass een am Fong geholl Vue op de Sport huet. D'Raimlechkeeten, an d'Vestiaire waren am Fong geholl och hei ganz flott. Déi Vestiaire sinn elo net engem Veräin zougeschriwwen ginn, mee déi ginn, jee no Besoine, gebraucht, an och hei ass et natierlech esou, e Laangstreckeleefen, soen ech elo mol, dee brauch e bësse manner Plaz am Vestiaire wéi een aus dem American Football, dee ganz breet Schëlleren an nach méi breet Rüstunge ronderëm sech dréit. Flott ass et och, dass mer d'Infrastrukturen natierlech d'ganz Joer kënnen notzen. Engersäits d'Sportsveräiner, awer och, d'Ecole fondamentale an och de Lycée wäerte kënnen dovunner profitéieren. D'Daachfläche ginn natierlech benotzt fir Fotovoltaik ze maachen an déi aner Säite vum Kennedy gëtt Bauland fräigemaach fir soziale Projeten.

De Paddle, wat jo an de leschte Jore richteg geboomt huet, gëtt deplacéiert, et kommen awer zwee Terrainen a wichteg ass et och hei, ze wëssen, dass en Deckel drop kënnt, soudass d'Noperschaft e bësse manner dovunner matkritt an dass de Paddle dann och manner en Impakt a punkto Akustik op d'Noperschaft huet. Wéi gesot, d'Buvette ass hei och e flotten Atout, dass d'Veräinslieden dovunner ka gestärkt ginn an och dovunner ka profitéieren. Wat ee vläicht hei nach ka soen, dat ass, dass probéiert ginn ass, de Besoine vun de Veräiner gerecht ze ginn, ech mengen, den Här Engel geet herno nach drop an, alles wat ronderëm den Athletismus ass. Natierlech hu mer déi flott, 60-Meter-Pist, Héichsprong, Stafhéichsprong, Triple-Sprong, Wäitsprong ass hei vertrueden, dat ass ganz flott fir kënnen déi laang Wintersaison ze iwwerbrécken a weiderhin u senger Qualitéit als Sportler ze profitéieren an ze bauen. De Stockage ass verbessert ginn, lokal den Nettoyage an och d'Entretien ass ganz wichteg, och do ware mer en Austausch mat eisen internen Services, dass déi kënnen och hir Aarbecht korrekt maachen. Natierlech ass Plaz gelooss gi fir d'Urgence-Services.

Innovativ ass natierlech, dass mer hei den Tennis op d'Hale setzen, dat ass relativ spektakulär an domadder hunn eis Kolleegen aus dem Tennis net nëmme véier extern Terrainen, esou dass se kënnen hiert Championnat weider do spillen, awer si kréien nach eng zweet Hal Indoor dobäi, wat sécherlech och zur Attraktivitéit vum Diddelenger Veräin wäert bäidroen. Déi aktuell Tribün kënnt jo fort an eng ronn 170 Plaze wäerten herno nach do erëmfanne sinn. An och de ganze Sall ronderëm d'Arbiteren an d'Jugen an och de Stadionssprecher,

wëll ech deen elo mol nennen, dee kënnt och op der Héicht vun der Ligne d'arrivée, natierlech, dass een alles esou am Bléck huet, wéi een et och muss hunn. Den Aklang mat dem Voisinage ass natierlech en Challenge gewiescht, ech muss awer elo soen, dass dee Baukomplex, sou wéi mer hei schonn op der Foto entdecken, dee ganz lëfteg a flott a modern eriwwe kënnt. Dat ass net méi dee groe Block, wéi mer e virdrun haten. Mir hunn och probéiert, maximal mat den Distanzen ze schaffen, dass een esou wäit ewech vun den Noperen hire Gäert ass, dass déi och do kënnen esou mann wéi méiglech eeben e gréisseren Impakt hunn.

Ech géif einfach soen, et ass e lëftege Block, dee manner imposant an aggressiv ass, mat ganz villen Naturelementer an enger ganz animéierter a verspillter Fassad. Jo, d'Volume sinn am Fong geholl esou kleng wéi méiglech an awer esou grouss wéi néideg. Deementspreechend sinn ech mol gespaant op d'Reckmeldunge vun de Conseillere hei. A fir d'éischt awer den Experten d'Wuert. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, den Nico Engel huet d'Wuert.

**NICO ENGEL (ARCHITEKTENBÜRO BENG):** Jo, Merci fir d'Wuert. Majo dat ganz kuerz. Et ass schonn, am groussen Deel, zimmlech vill gesot ginn. Ech géing dann op d'Presentatioun do zeréckkommen. Dat, wat elo och wichteg ass, datt Dir elo nach eng Kéier d'Verortung hutt dovun, do ass de bestoenden Tennisterrain, do ass d'Haaptstrooss mat der Rue du Stade an der Rue J. F. Kennedy, an hei ass dann den Tennis an do ass dann d'Haaptentrée, dat heescht, do ännert sech weider näischt, do stinn am Moment dann déi zwee Hauptgebäuer, hei eng Kéier d'Situatioun mat der Tribün a mat de Büroen niewendrun, an dann déi bestoend Tennishal, déi am Moment hei fort ass.

Wichteg ass ze soen, datt deen heiten Terrain mat an dee ganze Projet integréiert ginn ass an datt mer elo hei wirklech eng Trennung hunn tëschent de Foussgänger an de Benotzer an alles wat dann den Entretien, vun der Gemeng, deen dann hei éischter ass, dat heescht, mir hunn och do d'Gefierer getrennt, et ass och net méi sou, datt do sollen Autoe iwwert dee Site fueren, et ass och net méi esou, datt do Privatleit sollen hir Autoe parken, et ass esou wirklech geduecht, datt de Leit hir Autoen aus dem Site eraus bleiwen, d'Services getrennt si vun de Visiteuren oder vun den Sportler an datt déi Saachen och getrennt solle sinn. Dat heescht, mir hu véier Clubben, déi mer ënner Dag hunn, ënner engem Dag hunn, dat ass ganz wichteg an dat war net esou einfach fir déi véier Clubben ënnereneen ze organiséieren, ze strukturéieren an dat war och e bëssen den Challenge vum Projet an dat huet och sai Wee gebraucht, fir bis dohinner ze kommen. Dat war e laange Wee, wou mer da vill réck- an zeréckgaange sinn an awer elo op engem Resultat sinn, wou sech awer jiddereen domadder erëmfënnt, dat ass e bëssen esou den Challenge gewiescht.

Och den zweeten Challenge ass natierlech, den Terrain ass laang an net grouss, mir hunn do wirklech eng optimal Notzung vun der Fläch gemeet, dat heescht mir

hu wierklech gekuckt, datt mer hei de Wee belangen, datt mer net ze no un de Leit hir Gäert kommen, dat si fënnef Meter, wat och dann dem Bautereglement entsprécht, an déi fënnef Meter sinn och dofir do, datt d'Pompjeeë kënne vun enger Säit op déi aner Säit ouni Weideres derlaanscht kommen an och um Gebai iwwerall undocke kënnen. Dann ass weider en anere Wee, dee fënnef Meter huet, dee geet vun hei laanscht, et ass u sech déi ganz Bespillung vun de Vestiaren plus den Accès vun den Depoten, all déi Saachen, déi sinn da vun dëser Säit. Och do d'Geräuschkuliss ass natierlech e wichtege Punkt, dass u sech keng Aktivitéite weider op dëser Säit sinn, all d'Aktivitéiten, déi u sech mat de Leit a mat de Vestiaren ze dinn hunn a mat dem Material, wat eran- an erausgeholl gëtt, mat dem Sport a mam Kaméidi, alles dat ass déi aner Säit zum Terrain zou.

Gutt, do hu mer dann déi zwee Baussenterrainen, dat heescht déi zwee gehal, déi zwee nei, déi hei no bäikommen an dann de Paddle, deen op dëser Plaz ass. Da géing ech dann op den Haaptplang zeréckkommen, do gesitt Dir dann, wann ech vir ufänken, wann Dir hei ukommt, dann huet Dir hei d'Buvette, déi ass esou virgesinn, datt een do direkt eng Vue op de Sport hei huet an op den Tennis huet. An hannendrun hu mer esou eng kleng Kitchenette, ech géif dat keng Kichen nenne, mee eppes wou ee ka Snacke maachen a Wierschtercher grillen an och fir e puer Fritte kënnen ze maachen an déi hei kënnen direkt no baussen ze verkafen. Ee Block mat de Sanitaires, deen u sech fir dee ganze Komplex ass, deen ass grad esou gutt fir d'Buvette, d'Vestiaires, dat ass fir de Sport no baussen, dat heescht et ass e Block, deen u sech och getrennt ka benotzt ginn, mat enger getrennter Entrée, ouni datt mer do ze vill problematesch Saachen hunn.

De Block mat de Vestiaren, dat sinn allkéiers dräi verschidde Gréisste vu Vestiaren, eng méi grouss, eng e bësse méi kleng an eng mëttelgrouss. Dat heescht, och par rapport zu deene verschiddene Funktiounen vun de Leit, déi mer hunn, wa mer elo Tennis hunn, dann hu mer véier Leit, maximal sechs Leit, déi maximal am Vestiaire sinn, wa mer dann awer de Futtball hunn, déi sinn zu uechtzeng. Dat heescht, dat ass e bëssen en Ënnerscheid, dofir hu mer déi verschidde Gréisste vu Vestiaren. Och wann da Meetinge sinn oder wann aner Saache sinn, da gi méi grouss Vestiaire benotzt a gebraucht. E wichtege Raum ass dann och d'Technik, do hu mer probéiert an do wäert den Olivier Genco vun der Entreprise Felgen nach drop kommen, wéi déi ganz Situatioun ass, wou mir drop opgepasst fir déi maximal energieetesche beschte Situatioun hei ze fannen, well mir wëssen, dass mer déi energieetesche Situatioun hautdesdaags méi mussen duerchkucken an och oppassen - do wäert den Olivier Genco ech nach do puer Wieder derzou soen - dat heescht, déi ganz Technikraum si mat ageplangt.

Hei niewendrun ass dann de Muskulationsraum, wou een dann direkt d'Vue huet op d'Hal vun der Liichtathletik an dat dote sinn déi zwee Depoten, dat ass fir den American Football, an dat dote sinn d'Raimdepote fir de Rugby, déi direkt dann op den Terrain erausginn. Hei e klengen interne Büro fir d'Liichtathletik an dann hu

mer dann d'Liichtathletikshal als solch, déi besteet aus enger Lafpist vu sechzeg Meter, Wäitsprong an Dräisprong a mat der Sandkëscht. Op där aner Säit eng Plaz, wou d'Bomm kann opgestallt ginn, fir d'Training ze maachen an dann den Héichsprong an den Stabhéichsprong. Do zum Schluss direkt am Kontakt mat der Hal a mat baussen, déi Depoten, déi u sech da vun der Liichtathletik benotzt ginn, fir datt déi och Dreck vun hei kënnen do - well déi mussen och vill Saachen no bausse mat eraushuelen - dat heescht, déi brauchen net op de ganze Site an dofir sinn déi esou ugeluecht, datt déi vun hannen direkt do bäikommen. Dann nach de Raum fir d'Gemeng selwer, wou mer e puer Produit-dangereuxen hunn an dann hu mer op där anerer Säit nach d'Gefrierer, also fir den Trakter, d'Méimaschinn an esou weider do ënner Dag ze kréien. Dat ass et dann u sech fir dee ganze Plang vum Rez-de-chaussée. An dann ass hei nach ze kucken, dat heescht mir hunn zwou Entréeë wéinst der Sécurité, datt do d'Sortie-de-secoursen ugeduecht gi sinn, an an der Mëtt hu mer dann e Lift mat enger Trap, déi dann hei eropgeet.

Ganz wichteg, mir hunn och eng kleng Portiersloge, d'Infirmierie a mir hunn natierlech och e Bain-froid, an deen ass do an dat ass u sech fir Regeneratioun ze maachen nom Sport. Da gi mer erop, dat heescht do hu mer dann d'Trap, déi do erauskënnt, déi geet lénks a riets, do hu mer eng Vue op de déi bannescht Terrainen, déi dann iwwerdeckt sinn, do hu mer dann nach Technikraum an dann awer nach Vuen op den Terrain. Dobäi ze soen ass, dass déi Terraine Moossen hunn, dass se vun der Gréisst hir der Lëtzebuerger Federatioun no fir all Kompetitiounen kënne benotzt ginn, fir d'Lëtzebuerger Championnat, an dat sinn awer elo net international Moossen. Dat heescht mir hu just déi international Moossen, dat sinn déi besteeënd baussen, déi dann och fir international Kompetitiounen sinn, an déi sinn ëmmer nëmme baussen. Dofir ass dat och mam Club ofgeschwat ginn, mam Tennisclub, wat si genau brauchen, an dann och d'Dimensiounen, well dat si ganz definitiv fest Moossen an do dru kënne mer net réckele goen, do gëtt et net elo e Meter méi oder manner, do ass d'Tennisfederatioun ganz strikt dran.

Gutt, dat ass dann, wat ech elo zum Rameprogramm ka soen, wichteg ass dann nach eng Kéier déi Flächen, déi mer kënne benotzen, dat sinn déi Flächen, wou mer d'Fotovoltaik hunn, déi aner Säit d'Panneau-solaires, wou den Olivier Genco lech nach méi am Detail wäert erzielen. An dann e puer Wieder, datt mer gekuckt hunn, wann een elo déi heite Coupe kuckt mat deene Formen, mer hu probéiert esou mann wéi méiglech Volumen ze verbauen, fir den Impakt vum Gebai esou kleng wéi méiglech ze halen am Quartier. Dat heescht, allkéiers wann iergendwéi eng Excroissance ass, dann huet dat och eng Ursaach. Dat heescht, déi heite geet an d'Luucht, well do ass de Stabhéichsprong drënner, dee brauch méi Héicht wéi dat. Wa mer elo déi hätte kéinten déi Linn ganz duerchzéien, dann hätte mer natierlech esou vill Meterkibb méi gebaut, mee esou vill méi Volume gebaut an da wier natierlech den Impakt op de Quartier méi grouss ginn. Hei ass et d'selwecht, dat hei ass den Tennisterrain selwer. Mir hunn do gekuckt, datt mer sou mann wéi méiglech just do d'Plaz, wou mer se brauchen, och huelen, an eis eng Konstruktioun erausgewielt

hunn, datt och den Impakt esou kleng wéi méiglech ass op den Environnement, an awer, datt mer awer dann, ganz kloer, déi Dimensionne mussen anhalen, déi den Tennis freet. Dofir dat sinn dat déi zwou Expansiounen, déi Dir hei um Daach do gesitt an déi sinn natierlech hei, wou gespillt gëtt, am héchsten an op der Säit, do wou d'Bäll ukommen, do gi mer natierlech erof. Dat ass et dann e bëssen zu der Architektur. Wichteg, ech hat nach d'Gradine vergiess, mee ech mengen, déi hat Dir gesinn, ech weisen se vläicht nach eng Kéier kuerz, do sinn dann d'Gradinen, déi sinn u sech och esou ugeduecht, datt do de Stadionsspriecher - nenne mer dat elo mol esou - mat der ganzer Vue op déi Honnertmeterlinn ass, dat ass e ganz wichtege Punkt vum ganze Projet gewiescht an och déi dote Sëtzer, déi sechs Sëtzer, dat sinn déi Leit, wann se keng automatesch Zäitmossung hunn, dann hunn se eng Mossung mat der Stoppauer. Da sëtzen déi néng oder aacht Stéck dann do an der Rei, fir dann ze stoppen, wann een iwwer d'Zillinn leeft. Dat sinn esou kleng Spitzfindegekeete vum Projet.

An dann zu der Architektur géing ech dann nach e puer Wuert soen. Hei gesitt Dir dann u sech d'Iddi, déi mer haten, datt déi Faarfgestaltung esou ass, datt déi sech mam Himmel vermëscht. Mir hunn och scho bei anere Projekte probéiert, an déi Richtung ze goen, an dat ass u sech flott, datt den Impakt doduerch, datt et faarflech esou ass, datt et sech mam Himmel vermëscht - dat gesitt Dir och hei ganz gutt mat de Faarwen - datt deen Impakt net e grouse feste schwéiere Volume gëtt, mee deen ass lëfteg an deem Sënn, datt déi Faarf sech mam Himmel verbënnt, ech hunn elo hei e bloen Himmel geholl, mee am groe funktionéiert dat hei nach besser, do gesitt Dir scho bal den Daach net méi, dofir ass dat och intressant. De Rescht, dat sinn d'Panneauen aus Metall, an déi aner Reschtfassad, do hu mer probéiert, esou natierlech wéi méiglech ze bleiwen, fir och deen natierleche Charakter vum Gebai ze halen. Dat ass eng hëlze Fassad, dat heescht, déi ass vitrifiéiert, déi ass gro vitrifiéiert, dat ass Holz, an do hu mer dann op där Säit vun der Südsäit net nëmme probéiert, Fotovoltaik um Daach ze benotzen, mee natierlech och an der Fassad, an dat sinn dann déi Panneauen, déi Dir hei gesitt, dat Spill, wat u sech déi Fassad hannelaanscht rhythméiert an animéiert. Hei gesitt Dir dann nach eng Kéier d'Bild, d'Cafeteria, do hutt Dir de Stadionsspriecher an dann hei déi Gradinen, déi hu mer just do, wou mer se brauchen a wou se och néideg sinn, dat heescht op der Arrivée.

Ech soen och nach e puer Wieder vu bannen éier ech dem Joao Figueiredo d'Wuert ginn, vun der Konstruktioun hier, dat ass nach just dës Vue, also, et ass wéi gesot en industrielle Projet fir eis, e soll ganz einfach si vu senger Ausleeung a vu sengem Charakter hier, mir probéieren, et zimmlech einfach ze halen, et ass alles wäiss, ausser dem Buedem, deen huet seng Faarf, fir déi beschte Liichtqualitéit bannen ze hunn. An dann d'Buvette, do musse mer nach kucken, wéi mer dat mat der Belichtung maachen, mee just fir lech eng Iddi ze ginn, vum Raum hier, et ass en héije Raum, et ass e flotte Raum, deen natierlech dann och fir aner Saache ka benotzt gi wéi nëmme fir Buvette, also fir Reuniounen, fir Versammlungen an dat, wat eben dann um Site gebraucht gëtt. Ech géif soen, dat wier elo vu menger

Säit aus, elo hu mer dee laange de Programm ganz duerch, an da géif dech dem Joao Figueiredo d'Wuert weider ginn, fir de Rez-de-chaussée ze presentéieren. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, de Joao Figueiredo huet d'Wuert.

**JOAO FIGUEIREDO (INCA INGÉNIEURS CONSEILS ASSOCIÉS SÀRL):** Ganz kuerz, zwee, dräi Wieder zu der Struktur vum Gebai an zwar d'Statik. Dee ganzen Deel hei mat der Buvette, Vestiaire, Muskulatioun, wier am Bëtong, am traditionelle Bëtongsbau, dat selwecht fir hei deen Deel Stockage. Hei hu mer dann ebe vill méi Méiglechkeete fir d'Droelementer an hei dann normal kënnen ze bauen. D'Hal, do ass dann eng komplett aner Saach, do brauche mer dann eben déi Spannweite hei, déi mer hunn, ouni Droelementer dotëscht. Do géife mer dann hei op e Stolbau iwwergoen an zwar e Verbundbau, dat heescht e Mix tëschent Stol a Bëtong, fir déi grouss Portéee kënnen ze iwwerbrécken. Dat wier dann dee ganzen Deel hei vun der Sportsha. Um Stack hu mer dann, wéi mer gesinn, déi zwee Tennisterrainen an hei hu mer och, soen ech elo mol, dde selwechte Problem vun der Portée, dat géif am Bëtong net méi esou gutt funktionéieren, hu mer eis dann hei esou gesot, zwee Deckelen op deenen zwee Sportsterrainen, och am Stol, dat gesäit een dann och am beschten an deene Vuen vun der Hal. Kucke mer déi schéi Vuen. Voilà, hei gesäit een dann de Sportsterrain mat där stolen Decken, soen ech ëmmer, drop. An hei och eng Vue vun der Hal mat deene grouse Portéeeën. Also, et ass wierkelech nëmme allkéiers esou eng Rumm, an dotëscht kommen dann, vun der Architektur hier, hëlzen Elementer fir dat Ganzt dann zouzemaachen. Voilà, dat wier eigentlech de Resumé, statesch gesinn, vum Projet.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, den Olivier Genco huet d'Wuert.

**OLIVIER GENCO (FELGEN ET ASSOCIÉS ENGINEERING S.A.):** Villmools Merci fir d'Wuert. Jo, ech mengen, et ass gesot ginn, d'Energie gëtt ëmmer méi interessant, bezéiungsweise si kritt ëmmer méi ee grouse Stellwäert an och hei hu mer probéiert, dat Beschit fir de Projet eigentlech erauszehuelen. Wat hu mer gemaach? Mir hunn hei effektiv e puer Varianten, eng, zwou, sechs Varianten hu mer elo bësse betruecht, fir ze kucken, wat ass fir eise Projet dat Beschit oder wat oder wat kréie mer eigentlech aus der Ëmgéigend eraus, fir eist Gebai ze heizen. D'Spezialitéit vun dësem Gebai ass effektiv, dass net d'Heizung elo dat grousst Thema ass, mee dass et eise Warmwaasserbedarf ass, dat heescht, vu dass mer hei ee Sportsveräin hunn oder vill Sportsveräiner an dass vill geduscht gëtt an ech fir d'Duschen halt eng héich Temperatur brauch, fir meng Hygiène anzehalen, hu mer missen elo kucken, wéi kréie mer déi Energie hin. Engersäits fir ze heizen, op Niddertemperatur an anerersäits fir et op Héichtemperatur ze kréien, fir effektiv eise Waarmwaasserbedarf ze deckelen. Wat hu mer elo gemaach? Déi éischt Variant hei ass eis Referenz, aléso effektiv säit dësem Januar ass et esou, dass d'Referenzgebai eng Loftwärmepompe huet, fir d'Gebai ze heizen. Dowéinst hu mer och déi Variant hei betruecht, wou mer och gesinn, dass mer

gesot hunn, OK, mir kréien et gehëtzt, awer wéisou si mer hei net esou gutt, well mer effektiv en héije Waarmwaasserverbrauch hunn, de Rescht Temperatur gëtt da mat Stroom nogehëtzt.

Dat ass elo déi éischt Variant. Déi zweet Variant, do sote mer, OK, mir maachen eng Loftwärmepompel, vu dass mer awer vill Waarmwaasser brauchen, sote mer, mir maachen op der zweeter Variant einfach eng Solarthermie drop, fir effektiv am Summer esou mann wéi méiglech Stroom ze verbrauchen. Dann ass jo gesot ginn, dass mir um Site selwer, also momentan hunn déi besteeënd Halen, also zumindest emol d'Vestiairen, e Fernwärmeschloss drun. Et muss een et esou soen, dat besteeënd Fernwärmenetz gëtt momentan mat Holz bedriwwen, dat heescht, mir hunn do schonn eng erneierbar Quell, déi mer notze kënnen, wou mer da soten, OK, da versiche mer, déi Systemer ze trennen. Mir soen, fir Waarmwaasser notze mer d'Fernwärme. Et muss ee wëssen, dass déi momentan iwwer 70 Grad lafen, dat heescht, mir hätten do dee Problem net, fir Waarmwaasser ze produzéieren, a mir géifen de Rescht vum Gebai mat Niddertemperatur virgesinn an awer nach e bësse Solarthermie ze kucken. Dat ass elo eng Variant, wou mer einfach déi Systemer mol getrennt hunn. Dann hu mer elo einfach gesot, wat geschitt, wa mer alles op Fernwärme hunn? Nach eng Kéier, dat bestoend Netz vu Fernwärme ass mat Holz bedriwwen, dat heescht, energeetesch gesinn, leie mer do net esou schlecht. An do war de Gedankegang, ze soen, da komme mer probéieren, och do dann e gewëssen Undeel am Summer reng iwwert d'Sonn ze produzéieren, also wat d'Waarmwaasser betrëfft.

An da si mer hei an der leschter Variant, e bëssen an den Extrem gaangen, effektiv krute mer elo vum der Agence de l'eau eigentlech de mëndleche Go, fir ze soen, mir kéinten do Buerunge setzen, fir mat enger Sonn-Waasser-Wärmepompel ze funktionéieren. Dat war elo déi lescht Variant. Un de Faarwen, ganz kuerz, erkennt een, wou mer energeetesch elo effektiv leien. Dat heescht hei ass, energeetesch gesinn, déi schlechtest Variant eng reng Wärmepompel an déi bescht Variant ass effektiv elo déi Äerdbuerungepompel. Hei ënnen drënner, dat ass elo ongeféier d'Annuitéiten, wat eis och déi Anlag am Joer géif kaschten, an do ass et jo selbsterklärend, bezéiungsweis, et gesäit een, dass halt effektiv déi Buerungen einfach enorm deier sinn, wat, déi Buerunge betrëfft. Dowéinst hu mer hei vum de Käschtchen hier de maximale Präis. Wat elo hei ideal ass, ass zum Beispill d'Fernwärme, dat heescht et ass effektiv esou, wa mer eis géingen un déi bestoend Fernwärme uschléissen, dann hätte mer hei vum de Joreskäschtchen minimal Käschtchen. Wéisou ass et esou? Mir hunn hei effektiv keng Wartungskäschtchen virzegesinn, also aleng fir d'Produktioun, an d'Annuitéiten hätte mer och net, well mer eigentlech kee Méiinvest hätten. Dofir si mir elo zu der Conclusioun komm, dass mer eigentlech déi Kombinatioun hei an deem Projet duerchsetzen, dat heescht, mir hunn effektiv e Fernwärmeschloss, wou mir – nach eng Kéier – net-fossile Brennstoff verwenden, awer mir wëllen effektiv de ganze Summer probéieren, esoubal d'Sonn schéngt, déi Energie ze sammelen vum der Sonn, fir eist Waarmwaasser ze produzéieren.

Zu der Fotovoltaik muss ech kuerz eppes soen. Also, d'Fotovoltaikanlag ass momentan hei mat 43 Kilowatt Peak, awer déi ass fir all Anlag d'selwecht, dat heescht, den Afloss u sech gëtt einfach op Null gesat, well ech einfach iwwerall, an dat war einfach elo eise Wëllen, déi selwecht Fotovoltaikanlag hisetzen, dat heescht, den Afloss spillt an dëser Bilanzéierung keng Roll, well iwwerall déi selwecht Energie ass, also wat vum der Fotovoltaikanlag zeréckkënn. Dowéinst, ganz kuerz fir d'nächst Bild, dat heescht, ganz schematesch elo duergestallt, esou wäert eis Anlage ausgesinn, déi mer elo ageplangt hunn, dat heescht, mir hunn hei vum der Fernwärme hu mer eng Iwwergangsstatioun, mir ginn hei op e Verdeeler, vum Verdeeler gi mer eis Lüftungsgeräter sonnesch bestécken, plus all eis Heizkörper a Foussbiedern a Platten, do kommen ech herno nach drop zeréck. An hei ass elo déi ganz Wärmwaasserproduktioun, dat heescht, mir komme vum Waarmwaasser, gi mer hei effektiv direkt vum der Fernwärme, awer primär ass eist Zil, d'Solarenergie ze notzen, fir halt déi Ballonen hei mat Hëtzt ze fëllen an hei iwwer eng Frischwärmestatioun eist Waarmwaasser ze produzéieren. Dat ass graff gesot dat wat techesch an deem Haus do geschitt.

Wat hu mer op deem dote Bild? Mir hunn effektiv och am Gebai zwou grouss Lüftungsanlagen, also eng Kéier fir déi ganz Sportshal plus Vestiaire vum Opbau, mir schwätzen hei vum zéngtausend Kubikmeter an der Spëtzt. Dat heescht, vum Opbau hier ass hei e Schalldämpfer, mir hunn hei Filteren, Ventilatoren, eng Wärmeréckgewënnung, et muss ee soen, momentan kréie mer 80 Prozent vum der Réckgewënnung zeréck, dat heescht, 80 Prozent vum der Ofloft, déi mer hei kréien, kréie mer dann ëmgesat hei an der Zouloft, dat heescht, dass mir halt energeetesch hei ëm déi zwanzeg Prozent mussen nospeisen, fir eis Temperaturen ze halen. Dat selwecht gëlt fir d'Kichen. D'Kichen ass effektiv esou, also mir hunn et Kiche genannt, et ass eigentlech fir de Bistro. Also, mir hunn do eng separat Kichen, well éischtens ass et esou, dass mer do eng aner Lafzäit hunn, dat heescht ech wollt déi net kopelen, well dann hätte mer mat der Reegelung Schwierigkeiten an d'Ufuerderungen um Gerät selwer sinn e bëssen aneschtens an engem Entlüftungsgrill fir Kichen wéi an enger Risenhal. An hei gesäit een elo eigentlech ganz plakativ, wat d'Haustechnik mëttlerweil an esou enger Hal mécht, dat heescht hei ass momentan, wou ee gesäit, dass effektiv déi ganz Haustechnik elo dimensionéiert gouf, ouni Architektur. Hei kënn Dir erkennen, wéi mer eigentlech hei fueren.

Dat ass elo den Daach, wou den Nico Engel an de Joao Figueiredo soten, wéi mer momentan och déi Hal do hëtzten, dat heescht mir hunn hei ënnert dem Dasch, also ënnert de Putteren, Metallputteren, hu mer Heizstäbe als Deckenstahlplatte leien, hei gesäit een, wéi mer Zouloft hunn an hei am Eck ass d'Ofloft, dat heescht, déi Hal erkennt een. Et gesäit een och, obwuel mer hei vum enger Hal schwätzen, déi Ufuerderungen, déi momentan eist Energiepassgesetz eis gëtt, wéi opweneg mëttlerweil eis ganz Haustechnik ginn ass. Vum der anerer Säit gesi mer einfach, wéi mer halt déi eenzel Elementer all bestécken. Hei gesäit een d'Lüftungsgeräter. Hei ass dee vun der Haapthal, deen eis effektiv

komplett d'Hal bestéckt, plus d'Vestiairen. An hei um Eck gesäit een d'Lüftungsgerät fir eise Bistro, deen eis effektiv do de Bistro plus déi Kitchenette - wou de Nico Engel virdru sot - aspeist. Dat war et elo vun eis vun der Haustechnik hier. Wann Dir dozou nach Froen hutt, kënnt Dior déi gäre stellen. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Villmools Merci lech dräi, nach eng Kéier fir d'Presentatioun an och d'Erklärungen. Ech mengen, dat weist nieft der Wichtigkeet vum Projet awer och déi ganz Komplexitéit, nieft der Kompaktheit effektiv vun der Ëmsetzung vum Projet. Ech wollt nach vun dëser Plaz aus zousätzlech ergänzen, dass mer am Kader vun der Iwwergangsphas jo och geplangt hunn, Container unzeschaffen, déi dann als Vestiaire, respektiv als Dusch sollen déngen, fir déi véier Veräiner, nieft dem besteeënde Vestiaire, dem fréiere Portiershaus, deen och nach weider ka genotzt ginn. Et ass e puer Mol d'Wuert gefallen, Bistro, ech wëll dat e bësse klären, dass dat jo éischer eng Buvette ass, mee natierlech kann een eppes iessen an drénken, wat och zu der Geselligkeet vun de Veräiner, vun den Eventer bäidréit, mee et ass wéi gesot eng Buvette, déi de Veräiner zur Verfügung steet an déi elo net en Externe soll kréien, wou da permanente Betrib soll sinn, mee ech mengen, voilà, Bistro oder Buvette, d'Ausrichtung ass kloer, dass d'Veräiner solle kënne, wéi gesot, dann déi Buvette verwalten. Wat ech och nach wëll präziséieren, well dat e Bestandteil vun der Diskussioun haut ass bei der Virstellung vum Projet haut am Gemengerot, dass fir deen dote Projet ëmzesetzen, mir jo och den Akt nach hei virleien hunn, wou mer mat der Famill Valerius-Berchem wëllen zoustëmmen fir deen Terrain – den Nico Engel weist lech do den Terrain - deen och eng Acquisitioun wäert ginn, fir natierlech och dee Projet hei ëmzesetzen.

An natierlech awer och d'Iwwerleeung, ech mengen, dass muss agaange ginn op dee ganze Volet vun der Energiegewinnung, dass mer engersäits natierlech un d'Fernwärmenetz üschléissen, net méi spéit wéi d'lescht Woch hate mer jo d'Aweigung vun der Cogeneratioun am Centre René Hartmann, wou mer jo vum Gas op Pellets komplett ëmgewechselt sinn, wat jo och en Invest vu méi wéi enger Millioun Euro war an d'Iwwerleeung war hei och, sech un de Pelletsystem unzeschléissen. A wat dee Volet vun der Fotovoltaik ugeet, wollt ech hei nach präziséieren, dass een sech jo natierlech kann iwwerleeën - sou wéi mir dat och bei anere Sportinfrastrukture gemaach hunn – notament am Stade Aloyse Meyer, ob een dat net soll ausschreiwen, do muss een nach kucken a wéi enger Form, fir datt och Bierger sech kënne bedeelegen am Kader vun der Fotovoltaik.

Ech mengen, datt dat heite jo e komplett neie Projet ass an ech mengen, dat brauche mer haut hei net ze decidéieren, mee ech mengen, vun der Ausrichtung hier awer soll een dee Wee kënne goen, ob dat elo déi direkt, d'Anrainer sinn oder aner Diddelenger Bierger. Ech mengen, dass een dee Prinzip, wéi mer och beim Stade Aloyse Meyer deemools gemeet hunn, deen jo och ganz gutt funktionéiert huet, datt een dat mat engem Partner zesumme mécht an effektiv dann och deementspreechend ëmsetzt. Ech wollt dëst nach hei eng Kéier

kuerz undiskutéieren an, mengen ech, datt dat heite jo och dann awer insgesamt, dat kann een och esou gesinn, e Projet ass, deen sech urbanisteschesch, awer och an de Quartieren, wéi gesot, dann deementspreechend och areit. Dëst gesot, d'Diskussioun ass op, Madamm Kayser.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo, Merci, Här Buegermeeschter. Merci un déi Häre vun de Büroe Beng, Inca a Felgen, fir déi exzellente Presentatioun an och fir dee ganz flotte Projet. De Projet gefält eis ganz gutt, ech denken, datt Dir op deem klengen Terrain, wou Der gesot hutt, eng flott Aarbecht gemaach hutt, et ass eppes Innovatives, et ass flott, och vum Gabarit hier, och dat mat deenen zwee Domen, dat fannen ech ganz flott. Wat virun allem wichtig war och, dass Dir am Dialog bliwwen sidd mat de Veräiner. Ech mengen, ech hat do nach eng Kéier nogefrot bei der Presidentin vum CAD, si si ganz frou... Ganz frou wier eise Jang Lorang, ech muss awer kuerz soen, et deet mir immens leed, dass de Jang dat do net méi erlieft, dat wär fir hien eng immens Satisfaktioun gewiescht, well dat war jo ëmmer säin Dadda. Wéi gesot, de Jang, dee kuckt vun uewen erof an ass bestëmmt happy, dass endlech elo säin Dram mat senger Sportshal elo Wierklechkeet gëtt.

Ech hunn e puer konkret Froen an herno wollt ech nach e kuerzen allgemenge Statement maachen. Den CAD hat jo och gefrot, fir de Muskulationsraum bäizebehalen an och dat Äisbecken, dat hat ech déi éischt Kéier net gesinn, mee Dir hat et awer elo gewisen, dat ass awer Partie intégrante an dat ass ganz gutt. Dat war eng Demande vun hinnen. Ech krut nach zougedroen, beim Paddle, wann een dat richteg gesäit, ass dat esou wéi e Glaskontéiner, ass dat richteg? Jo. Do ass eben d'Fro: Déi Leit, déi Paddle spillen, déi wëssen, dass et do onmoosseg waarm gëtt a mer hate jo och de Problem gehat, dass de Buedem sech jo och gehuewen hat bei deem ale Paddle-Terrain, wann dat esou e Block gëtt, gëtt dat dann awer gekillt, well soss falen se jo do ëm, well dat läit jo awer do matzen an der Pampa a wann do dann d'Sonn drop knallt...

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Madamm Kayser, ech géing virschloen, datt Dir allegueren Är Froe stellt an datt dann duerno en bloc drop geäntwert gëtt.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo d'accord. Also, wéi gesot, dat ass eng Fro, well déi Leit hu gesot, et ass scho waarm esou a wa mer och nach en Daach drop hunn, da gëtt dat awer net esou lusteg. Dann, nach eng Fro, déi eis opgefall ass, mat de Gradinen, also, do hu mer eis gefrot, ob do den CAD oder esou, ob si awer zefridde sinn esou wéi déi Gradine geplangt sinn, well, wann ee kuckt, déi si jo awer e bësselchen iwwerdaacht an och d'Säite si Maueren, du hues de jo am Fong keng immens Vue op dee ganze Circuit, du hues am Fong just d'Vue vun de Gradinen direkt erof op d'Zillinn. Zum Beispill, wann elo e Match ass vun de Stealers oder esou, do gesäis de vun der Tribün net vill, well s de lénks a riets awer eng Mauer hues. Ass dat dann net en Inconvenient, huet keen dat monéiert? Ech weess och net, wéi Dir et hätt sollen anescht maachen, well déi ass jo encastréiert do an déi ganz Konstruktioun. Et war

just eng lwwerleeung, ob d'Leit awer domadder zefridde sinn. Da kommen ech natierlech, et bleift net aus, awer emol iwwert d'Fraisien ze schwätzen. Also hei hu mer e Projet, deen awer substantiell ass vu 17.380.000 Euro. Et ass gesot ginn, d'Demande koum 2016 eran.

Ech hunn e bëssen nogekuckt, am Plan pluriannuel si mer am Januar 2020 nach vun zwou Halen ausgaangen: Hal CAD 3 Milliounen Euro, Centre de tennis 2,5 Milliounen Euro, dat ware 5,5 Milliounen Euro. Dunn, am Plan pluriannuel 2021 stoung do op eng Kéier dran Hal CAD, ee Centre de tennis, Stade John F. Kennedy an do ware mer op 10 Milliounen Euro. Den 9. Februar 2022 am PPF stounge mer och nach bei 10 Milliounen Euro. An kokasserweis war am Plan pluriannuel, dee mer am Februar 2023 virgestallt kruten, guer keng Chifferen dran. Ech hat an der Diskussioun iwwert de PPF drop higewisen, dass dat verluer gi war oder vergiess gi war. An ech denken, wann een da kuckt, wéi eng Depense-extraordinären, Investor, déi iwwer 5 Joer solle gemaach ginn, déi am PPF opgezielt waren, da ware mer bei 250 Milliounen Euro an elo kommen déi heiten awer nach derbäi. Dat ass jo awer net nëmme Peanuts, an dat ass awer en Oubli, dee mer awer wierklech net gutt fannen, dass dat net schonn ugeduecht war. Oder waart Dir selwer erschreckt, Dir Hären an Dammen aus dem Schäfferot, dass esou eng substantiell Hausse vu vir-drun 10 Milliounen Euro op 17 Milliounen Euro hätt missen ageschriwwen ginn, dass lech de Bic aus der Hand gefall ass wéi Dir dat sollt notéieren.

Kokasserweis steet awer bei de Recetten den Hall CAD Centre de Tennis mat Subside vu maximum 33 bis 55 Prozent dran.

Bon, wéi gesot, dat ass e bëssen eng Intransparenz, déi mer absolut net gutt fannen an natierlech muss Dir eis och elo e bëssen erzielen, wéi komme mer vun 10 Milliounen op 17,5 Milliounen Euro innerhalb vun engem Joer? Et war gesot gi bei der Presentatioun, jo, et wär eng Hausse vun drësseg Prozent an deene leschte Joeren an der Deierecht vun 2020 op 2023. Wann ech elo hei norechnen, also vun 10 Milliounen Euro drësseg Prozent, dat ass nach ëmmer dräi Milliounen Euro, da wäre mer op 13 Milliounen Euro, mee mir sinn awer elo hei op 17 Milliounen Euro. Dat ass schonn en haarde Batz an do musse mer och eng Kéier schlécken, wa mer dat liesen. Natierlech ass och gesot ginn, et kommen och Subsidien derbäi. Den Här Buergermeeschter huet gesot 35 Prozent ass dat, wat de Sportsministère normalerweis gëtt, et ass wéi Dir gesot hutt, mir sinn och an de Plan quinquennal mat opgeholl ginn, matt de Projekte vun den Infrastructure-sportiven. Elo ass d'Fro och, Dir hutt gesot, mir géingen eventuell op 50 Prozent goen, well mer eng regional Offer maachen.

Wann ech elo kucken, de Paddle, dee steet elo witzegerweis hei international, Paddle international, do kéint ee da vläit esouguer 70 Prozent, esouwäit ech weess, ufroen, wann s de e Projet d'intérêt international hues, do kéint een op 70 Prozent goen. Ech weess mol, dass en Avant-projet ënnerwee ass vum Gouvernement, fir de Subventionnement och nach e bëssen anescht ze staffelen, mee ech mengen dat Gesetz ass jo awer eréischt am Avant-projet. Bon, wéi gesot, sécher ass et wichteg, dass mer do alles erauszéien, wat mer kënnen

erauszéien. Den Här Bob Claude hat och d'Fro gestallt eben ob de Lycée an d'Schoulen och géifen dervu profitéieren, dat ass jo och elo nach eng Kéier bejot ginn. Ech mengen, do kritt een duerno och nach eng Kéier e Subsid, wann ee Sportinfrastructure fir Kanner a Jugendlecher opriicht, dat ass natierlech och nach eng Fro. Wéi gesot, mir schlécken awer ganz ferm bei deem Chiffer.

Ganz kokass ass och déi Klausel, déi hei och drasteet „dans le contexte de la crise sanitaire – also an dem Devis, dat lescht Kleingedrucktes, hein – dans le contexte de la crise sanitaire, de la pénurie des matériaux et de la saturation actuelle du marché de la construction, des augmentations significatives sur les prix des matériaux peuvent être appliquées notamment sur les matériaux suivants, bois, béton, acier isolant. Pour information, nous avons constaté des augmentations de 10 à 40% suivant les matériaux.“ An elo kënnt dee witzege Saz, dee mer awer mussen am Hannerkapp behalen, mee esou witzeg ass en iwwerhaupt net : „Ces fluctuations incertaines et indépendantes de notre volonté ne sont pas intégrées dans notre devis. Le devis est indexé à l'indice inscrit en pied de page.“ Bon, ech denken, dat ass e bëssen, wann een elo ganz béis géif soen, et wär also e bëssen e Fräifaartsschäin, ma jo, da kënnt nach eng Hausse derbäi. Mir wëssen, wéi mer an deene leschte Gemengeréit ëmmer hu missen neschéissen, notament zum Beispill eis Struktur vum Centre polyvalent, dee mer beim Kierfecht opriichten, do hu mer och eng substantiell Hausse missen nosterëmmen, an do huet et och geheescht, et ass alles méi deier ginn.

Ech maachen awer nach eng Kéier de Rappel, dat ënnersteet dann herno zwar deem nächste Schäfferot, dass et einfach wichteg ass, dass een eng gewësse Rigueur huet a bei der Kontroll vun de Präisser, vun den Devisen an dass een net einfach alles duerchwénkt. Dat ass eppes wat eis immens um Häerz läit, et kann een och emol eng Kéier Nee soen, wann d'Büroen net kënnen dann nowiesen, hei lauschtert, dat do ass dat, esouvill hu mer dat kaaft, souvill hate mer dat virdu gesat, do muss ee vill méi eng Rigueur un den Dag leeën, dat ass eppes, wat mir ëmmer soen. Net dass et esou geet wéi, ech soen elo nach eng Kéier d'Beispill, well ech hunn et scho zwanzegmol gesot, wann eng Toilette méi deier gëtt, obwuel et genau déi selwecht Toilette ass vu 40.000 op 130.000 Euro an ech froen den Architect, ma firwat ass dat dann esou deier, an hie seet, jo, dat weess ech och net, dat ass ëmmer en Zeechen, jo, dann ass och d'Surveillance vun eis als Gemeng a vun eise Servicer an och vum Schäfferot, déi finalement d'Entscheidungskraaft hunn, net richtig gemaach ginn, dass ee bei de Präisser awer e bësse méi streng kontrolléiert.

Bon, wéi gesot, dat hei ass elo 17.000 Euro, wann ech da kucken hei, Haussé si méiglech vun 10 bis 40 Prozent, da kënnt sécher nach e Batz op eis duer, well mer wësse jo och, dass dat net haut a muer ugeet, dee ganze Bau, mer mussen dat jo elo mol ausschreiwen, dann ziehen wieder einige Monate ins Land, da gëtt schonns erëm alles méi deier. En plus ass et jo och sou, dass mer net nëmme déi 17.380.000 Euro investéieren,

mir kafen och nach deen Terrain fir 66.150 Euro, dat ass virdru gesot ginn, mir lounen oder kafe Containeren, dat kascht jo och nach, also da si mer herno sécher bei zwanzeg Milliounen Euro. Wéi gesot, de Projet ass gutt, mee den Appell ass effektiv och, dass eng certaine Rigueur och muss si vum Schäfferot vun der Kontroll vun den Depensen, well et si schliisslech Suen, déi allen Diddelenger gehéieren.

Dann awer eppes wat eis awer e bësse komesch virkomm ass, et ass op eng Kéier gesot ginn, majo mir halen déi zwee Terrainen, déi déi aner Sait sinn, déi elo benotzt ginn, d'Tennisterrainen. Et ass awer elo esou, mir hunn awer op deem Areal e Schéma-directeur, dat hu mer am PAG festgehalten, dass do e PAP, Nouveau Quartier Schéma-directeur Nummer 18 ass, do steet awer eendeiteg dran, dass déi ganz Surface vun deenen Terrainen ëmgewidmet gëtt „développer des logements locatifs sociaux.“ Do ass awer elo meng Fro: Hypothekéiere mer elo dee Projet, maache mer do nëmmen d'Hallschent, wa mer dem Tennis versprochen, dass hinnen nach zwee Terrainen erhalte bleiwen? Ëmmerhin ass dat jo net näischt. Dat ass e Schéma-directeur, wou e BEPPS drop läit (Bâtiments et Equipements Publics-Projets Sociaux) an do war virgesinn, dass 26 Logementer sollte kommen, Logement unifamilial 40%, Logement plurifamilial 60%. Elo ass awer meng Fro: Wéini ass do decidéiert ginn, dass mer do am Fong dann deen Areal nëmmen zur Hallschent bebauen? Wuelverstanen, dass mer en immense Besoin hu vu Logement-locatifs sociaux. War den Drock esou grouss, dass mer gesot hunn, jo, mir maachen elo nëmmen d'Hallschent vun där Surface, déi bebaue mer da fir sozial Wunnengen oder Logement-locatifs sociaux a mir halen awer déi zwee Tennisterrainen?

Ech denken, dass een do awer muss och kloer dobausse soll kommunizéieren, a wéi eng Richtung een als Schäfferot wëll goen. Opfere mer do carrément Bauterrainen, wou Logement-sociauxe sollen hkommen fir zwee Tennisterrainen ze maachen? Ech stellen et just als Fro an de Raum an ech wëll och do eng kloer Äntwert. Ech mengen, dat ass och eppes, wat d'Leit dobaussen awer interesséiert. Voilà, dat waren e puer allgemeng Feststellungen, virun allem zu de Präisser a virun allem interesséiert eis, wéi Der lech dat virstellt mat deem Areal, deen awer eng komplett aner Widmung huet, wou Dir awer elo zwee Tennisterrainen erhaalt an net déi véier Terrainen ëmwidmet a Logementer.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

Merci, ech géif vläit weiderdréine mat de Froen oder wëll ee vläit op déi technesch Froen agoen? Ech mengen, déi politesch Froen huele mer zum Schluss. Nico Engel, wëlls Du vläit iwwer de Paddle schwätzen?

**NICO ENGEL (ARCHITEKTEBÜRO BENG):** Ganz kuerz zur Paddle-Situatioun. De Paddle ass esou, datt en oppen ass, et ass keng zoue Struktur. Dat heescht, déi ass duerchlëft, ënnen an uewen ass se duerchlëft, du hues Panneauen eben wou s de schéiss derwidder, déi sinn zou, awer an der Mëtt, wou de Ball net ass, do ass e Grillage. An wann s de elo am Paddle natierlech den Deckel drop hues, ass et besser, well nämlech da keng direkt Sonnenastralung ass. Dat heescht, un sech, wann

s de ënnert dem Daach da bass, wann en zou ass, ass u sech déi direkt Sonnenastralung net méi do an duerfir ass et dann och nach vill manner waarm, wéi wann keen Deckel drop ass.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Et gëtt awer kee Glasdeckel, well hei ass et esou wéi wann et eng gliese Cloche wier.

**NICO ENGEL (ARCHITEKTEBÜRO BENG):** Neen, neen, dat gëtt eng Struktur, déi driwwer kënnt a esou weider.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Ah OK, gutt, Merci.

**NICO ENGEL (ARCHITEKTEBÜRO BENG):** Da war nach déi aner Fro zu de Gradinen, dozou géing ech nach eng Kéier soen, datt wat wichteg ass, natierlech déi heiten Ausrichtung ass déi gréisst, well wéi mer verstannen hunn, sti beim American Football d'Leit éischer ronderëm den Terrain wéi onbedéngt op enger Plaz, wéi mer dat mol matkritt hunn, wéi mer dat och erkläert kritt hunn, an datt si déi Gradinen nëmme benotzen am Fall, wann elo wierklech Schloreen ass, also am grouse Ganzen ass et och esou, datt déi Gradinen ausgeriicht sinn op den CAD, do wou et da wichteg ass, wann d'Arrivée ass. An dann, soll ech eppes zu de Präisser soen, vläicht elo direkt?

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Jo, jo.

**NICO ENGEL (ARCHITEKTEBÜRO BENG):** Dat kann ech vläicht direkt soen, a virhuelen, well ech hat lech dat och no der leschter Reunioun gesot, datt mer eng ganz kloer Präissteigerung hu vun 30%. Ech hat lech do just zwee Chiffere gesot, eng Kéier 2020 an eng Kéier 2022, an et ass esou, datt mer am Moment e Bauindex hunn, deen u sech drësseg Prozent geklommen ass an iwwer zweeanhallef Joer. An do läit natierlech eng Dynamik dran, déi mir elo net kënnen ophalen. Dir musst och elo wëssen, datt mer elo op engem Pic ukomm sinn am Moment, well wann een e bëssen héiert, wat d'Ambiance dobaussen op dem Bau, um Maart ass, dat ass net méi esou positiv a mir kréie well vill méi Offeren zréck vun de Soumissiounen, wat mer soss ni haten. Do mengen ech, ech wëll elo net elo soen, datt ech elo hei an herno an de Prisong kommen, mee awer vum Prinzip hier mengen ech, datt ech grad mat guddem Gewësse soen, datt mer deen heite Präis ganz sécher wäerten anhalen. Mir hunn eis natierlech bedeckt gehal, well ech weess net, wann nach e Krich kënnt oder nach eng Kris dobäi kënnt, dat wësse mer net, mee esou wéi d'Situatioun elo war, wéi se elo evaluéiert an d'Baulag, wéi se dobaussen um Maart ass, ass et ganz kloer, fir mech kloer, datt d'Präisser erofginn an dat ass schonn amgang.

De Moment, dee Secteur, deen u sech betraff ass, dat ass de Bau, dat ass d'Entrepreneuren an dee Secteur, deen elo dann nokënnt, dat ass u sech déi ganz Fassad, d'Fënsteren. Och do gesi mer nees, datt d'Situatioun ganz, ganz staark evoluéiert. Natierlech, déi 30%, déi op eis duerkomm sinn, déi sinn natierlech néierens age-rechent gewiescht, dat ass natierlech kloer an all déi Architekten, déi elo mat deene Projeten do ronderëm

mussen eens ginn, dat ass fir eis net witzeg a fir keen ass dat flott. Mee dat sinn eben d'Contrainte-majeuren, déi erauskommen aus enger Covidzäit an engem Krich dobäi, an dat kënnt elo nach eng Kéier.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Ech wollt just nach eng Kéier nohaken, mee de Projet, dee mir als lescht chiffréiert kritt haten, dee war op 10 Milliounen Euro, wat ass dann elo nei derbäi komm?

**NICO ENGEL (ARCHITEKTEBÜRO BENG):** Dat sinn déi 30%, do musst Dir elo e bëssen oppassen, dee Projet ass jo kontinuéierlech an enger Evolutioun gewiescht, ne. An déi Zäit, wou mer deen ee Präis ausgerechent haten, dat sinn elo plus minus zwee Joer schonn hier. An, an deem Moment hate mer dee Präis vun 10 Milliounen Euro avancéiert, ne. Dat war en APS, dee mer déi Zäit gemaach haten, op der Basis vum APS a wann Dir elo drësseg Prozent do derbäirechent, da si mer net méi wäit vun deene 17 Milliounen Euro ewech. Elo kënnt d'Diskussioun nach derbäi, datt mer elo Saachen, déi mer hei dann integréiert hunn, déi jo missten erausgeholl gi sinn, déi jo sech, wann s de eng Fotovoltaikanlag dra méchs, déi kascht awer, déi ass elo hei am Präis mat dran, déi huet elo e Budget vu 400.000 Euro, 440.000 Euro a wann do nach d'TVA an d'Honoraren derbäi kommen, da si mer bei 700.000 Euro. Dat heescht, do si vill Saachen, déi nach do dra sinn, déi missten u sech erausgeholl ginn, déi näischt direkt mam Projet als solchen ze dinn hunn.

Dofir mengen ech och, do musst Dir oppassen, hei ass dee ganze Package, alles ass mat dran, dat war jo e Wonsch vum Schäfferot a vun eis, datt mer alles mat drasetzen an och déi Situatioun ass kloer fir eis, datt mer, wann Dir elo wierklech vun 10 Milliounen mat drësseg Prozent méi héich kommt an nach eng Kéier derbäi déi Saachen, déi Dir ewechrechent, da si mer net méi wäit ewech vum deem, wat ech als Bauindex hat, an deem, wat ech elo dee Moment hunn. Effektiv, datt mer elo tëschent deenen zwee Joer geschafft hunn tëschent engem APS an engem APD, dann nach dee Budget do stoung vun deenen 10 Milliounen an deem Dokument, dat Dir do hat, dat ass jo normal, well deen neie Budget jo nach net do war. Also, dofir mengen ech schonn, datt mer do awer elo net elo als Architekten eis domm an dämlech gelunn hunn, ne, an ech mengen, datt mer och do net probéieren ..., dat ass och net eis Aart a Weis vun eis aus, vun de Büroen aus, datt mer lech elo probéieren eppes ze versprieche an herno soen, jo, nee, et ass net duergaangen. Ech mengen, esou professionell si mer a wëllen eis och net do huele loossen an, also, esou Saachen sinn eis scho geschitt, mee déi sinn awer ganz rar. Ech wëll net soen, datt ech nach ni Dommheete gemaach hunn. All déi Saache sinn dran, alles wat mer brauchen, och dee Provisorium ass mat dran, all déi Geschichte si mat dra virgesinn, dat ass e Gesamtbudget. Do mengen ech, datt elo nach net gefuerdert ginn ass an deene ganze Zäiten, fir de Budget klengzehalen an nach eng Kéier, wéi gesot, zwee Joer Ausschaffen, zwee an en halleft Joer Ausschaffen, dat ass u sech schonn e wichtege Punkt.

**OLIVIER GENCO (FELGEN ET ASSOCIÉS ENGINEERING S.A.):** Ech mengen och, dat neit Energiepassgesetz

ass jo 2021 op de Marché komm, an déi Contrainten, déi do drastinn, déi si jo, déi waren net virauszegesinn. Also, engersäits fannen ech gutt, wat Lëtzebuerg do fir Contrainten do dragesat huet, fir dass mir effektiv all funktionaalt Gebai am Passivhausbau musse bauen, dat kascht och e puer Euro. Dat kascht, an dat war 2021 net esou kloer a grad elo, wou 2023 elo dat Gesetz zu honnert Prozent muss ëmgesat ginn, dat kascht Plaz an dat kascht och Euroen. Dat ass, dat konnte mer och net virauszegesinn elo viru fënnef Joer, wat do effektiv fir eng Gesetzgebung kënnt.

**NICO ENGEL (ARCHITEKTEBÜRO BENG):** Dat waren all déi technesch Froen, do hu mer jo elo Äntwert drop ginn. Merci och.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen dozou? D'Madamm Ahmedova an d'Madamm Heinen, wie vun lech zwee? Fir d'éischt déi eng an dann dréine mer.

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Ech hu just eng kleng Fro, an d'Madamm Ahmedova mécht dann d'Stellungnam. Mir maache jo d'Acquisitioun vun deem Terrain an dee grenzt jo dann un de Vëloswee. An, bon, mir hate jo den informelle Gemengerot, wou mer scho konnte Froe stellen, Merci dofir, mee, et hat mech awer do eng kleng Ausso irritéiert, nämlech, dass den Accès iwwert de Vëloswee géif goen. Do wollt ech awer nach eng Kéier nofroen, ob ech dat richteg esou héieren hat, well, also alles, wat Service-techniquen ass, Livraisoun, Pompjeeën, déi hunn awer den Accès gemoolt an der Verlängerung vun der Rue Norbert-Metz, vun do kënnt ee jo eigentlech och op deen Terrain. Well ech hu mech gefrot, wann awer elo deen Accès iwwert de Vëloswee do fiert, an do ass och nach e kleng Parking niewendrun - ech weess och net, ass dat der Residenz hire Parking, ass dee privat - net dass op eemol wa Manifestatiounen sinn an d'Leit do ufänken, op de Vëloswee eranzefueren, fir eng Parkplaz ze sichen, also dat huet mech e bëssen irritéiert, dat wollt ech do awer nach eng Kéier nofroen.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, de René Tessaro gëtt d'Erklärung.

**RENÉ TESSARO (SERVICE TRAVAUX NEUFS - BÂTIMENTS COMMUNAUX):** De Vëloswee, dat war emol nach eng Kéier eng Iddi viru fënnef-sechs Joer, wou iwwer Vëlosweeër geschwat ginn ass, dat hu mer awer fale gelooss. Ech mengen dee Site soll als geschlossene Site fir de Sport um Terrain benotzt ginn. Also, dat war geduet fir iwwer dee ganze Site ze fueren, dat ass fale gelooss ginn. Nee, do gi mer jo guer net drun, alles wat d'Diddelenger Baach betrëfft, do gi mer net drun, gell.

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Nee, meng Fro war, den Accès fir d'Service-techniquen an esou, do war en Dënschde gesot ginn, wéi wann dat géif iwwert de Vëloswee do eragoen, ass dat esou, hunn ech dat dann falsch verstanen? Also den Accès fir d'Service-techniquen, Pompjeeën an esou, geet iwwert d'Verlängerung vun der Rue Norbert Metz, dee geet net iwwert de Vëloswee.

**RENÉ TESSARO (SERVICE TRAVAUX NEUFS - BÂTIMENTS COMMUNAUX):** Den Accès ass do laanscht de Parking. Jo. Fir dat kuerzt Stéck, jo.

**NICO ENGEL (ARCHITEKTEBÜRO BENG):** Also, Dir musst lech jo net virstellen, datt mer do elo andauernd mat engem Camion all zwou Minutten driwwerfueren, dat ass jo ... wéi vill mol kënnt do eppes vir. Ech mengen schonn, dass déi Kompatibilitéit vun engem Véloswee zesumme mat enger Afaart, déi u sech benotzt gëtt fir d'Service-techniquen, dat ass eng Camionnette, déi driwwer fiert, déi fiert vläit eemol oder zweemol am Dag driwwer, et ass net esou, datt do elo wierklech eng Beliwwerungskette do misst hannendru lafen an esou weider, datt do moies do den Provençalescamion dräimol erop- an eroffiert, ne, dat ass et jo net, et ass reng Entretien. Wochelaang fiert guer keen do eran an eraus, ne, well hir Gefierer si souwisou hei ënnen an hir Hauptplaz, wou se schaffen a wou d'Aktivitéite sinn, sinn do, an effektiv, dee Wee do, dee gëtt benotzt dann och, fir do mat der Camionnette iwwert dee Wee ze fieren, jo. An ech mengen, dat ass jo elo net onbedéngt esou, also, de Vélo ass jo elo net esou helleg, dass net eng Kéier eng Camionnette kann do laanscht fieren. Also, ech soen, dat ass jo net fir all Dag, zwar.

A wann een dat elo wierklech wëilt op d'Spëtzt dreiwen, kéint ech mir virstellen, datt mer de Wee nach géifen derlaanscht leeën, mee dat war elo net d'Volontéit vun eis, fir déi Benotzung mengen ech, datt ass et awer elo net, also do kann ee jo awer vläit eng Mëschung virgesinn, mir probéieren ëmmer vu Shared Space ze schwätzen an schwätzen ëmmer méi vu Shared Elementer, sou datt mer alles vermëschen, datt mer Camionen, Bussen, Foussgänger, Véloen, alles op eng Plaz Shared Space setzen. Elo wäerte mer net ufänken, elo hei wierklech wéinst enger Camionnette, déi pro Dag leeft, do e getrennte Wee ze maache wéinst engem Vélo, well eng Camionnette do fiert. Bon, dat ass meng Meinung, also ech soen elo léiwer meng eege Meinung an ech géif léiwer ... mir sinn iwwerall op Shared Space, do gi mer hin, mir probéieren, all eis Zentren op Shared Space ze maachen, wou awer wierklech eng Vermëschtung kënnt, an elo géing ech dat heiten awer net onbedéngt da wënschen, datt mer op deem Deel eng getrennt Afaart maache fir d'Veloen an eng getrennt Afaart maache fir déi zwou Camionnetten, déi do erafueren, also, dat ass meng Meinung elo hei. Pardon.

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Also, ech wëll elo hei net de Vélo verhellegen, um Gottes Willen, nee, meng Fro ass jo, et gëtt jo schonn eng Afaart, do steet jo och, dass d'Pompjeeën do därfe fieren, am Fong kéinten d'Service-techniquen jo och déi Afaart benotzen. An da war jo nach d'Fro, do ass e kleng Parking awer och, a meng Angscht ass eeben einfach, dass d'Leit do ufänken, eranzefueren op dee Véloswee do, fir eng Parkplaz ze sichen. Ech hunn näischt dergéint, wann do heiansdo e Service technique iwwert de Véloswee fiert, mee d'Fro ass einfach, et gëtt jo schonn eng Afaart, firwat gëtt déi net benotzt?

**NICO ENGEL (ARCHITEKTEBÜRO BENG):** Dat war elo wierklech just, fir de Vélo an de Foussgänger dat benotzen ze loossen, fir do net mat der Camionnette er-

anzefueren an net mam Dénge eranzefueren, well och d'Manöveren do hannendrunn ass an de Gäert, an esou weider, a mer schwätze vun drësseg Meter hei. Drësseg Meter ass jo net, dass mer elo eng riseg Pist do hunn. A wéi gesot, mir probéieren all, méi op de Shared Space eriwuerzegen an hei géife mer elo nees ufänken ze trennen. Ech fannen dat, also ech géing dat elo iwwerdriwwer fannen, wa mir géifen hei elo zwee getrennten Agäng maachen.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Ok, Merci. Madamm Mamirow, hielt Dir elo d'Stellung fir déi Gréng? Et ass gutt wann Dir elo ofschléisst, da kënne mer weiderdréinen.

**SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG):** Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci nach eng Kéier natierlech fir déi Presentatioun. An, jo, wat ee ka soen, ass, Diddeleng ass natierlech eng Stad, wou vill Veräiner sinn a Sport ass net nëmme Leeschtung, mee och Integratioun, sozialen Zesummenhalt a Gesondheet, an dofir brauche mer natierlech gutt a genuch Infrastrukturen, fir dat kënne och weider esou z'ënnerstëtzen. Grad am Beräich vun der Liichtathletik stellt sech eraus, datt awer d'Trainingskonditiounen net ëmmer optimal sinn, virun allem am Wanter, wou vill Trainingsgruppen, dorënner vill Kanner, mussen a kleng Sportshale vu Schoule Sport maachen an hunn net ëmmer genuch Plagen zur Verfügung. Onofhängeg dovunner, datt een natierlech muss permanent hin- an hierfueren, fir an deene kleng Strukturen kënne Sport ze maachen. Wann ee vu Leeschtung schwätzt, an do muss ee soen, Diddeleng ass op der zweeter Plaz, wann ech richtig informéiert sinn - um nationalen Niveau, da muss een och déi néideg technesch Bedingungen hunn, fir all Disziplinne kënne ze trainéieren. Lafen geet natierlech iwwerall, mee Liichtathletik besteet awer net just aus Lafen, mir hunn nach technesch Disziplinen, déi just da kënne trainéiert ginn, wann een eng gewëss Temperatur, also dobaussen eng gewëss Temperatur huet, wéi zum Beispill Héichsprong, Wäitsprong, Kugelstossen, an dofir ass et gutt, datt mer déi Saache kënne elo ënnerdaach kréien. Dofir ass et och, an deem Sënn, mat där Hal droe mer dozou bäi, datt d'Leeschtung gefërdert gëtt. Natierlech geet et hei net nëmme just ëm den CAD, mee och ëm d'Schoulen, wéi Der scho virdru gesot hutt, an och de Lycée, all déi Strukturen, déi ronderëm sinn, kënne natierlech hei gutt dovunner profitéieren.

Ech hat e puer Froen: Wann ech richtig verstinn, während de Schoulzäiten kann een net an där Hal trainéieren, ass dat richtig? De Projet, wéi Dir och scho virdru gesot hutt, schreift sech an dem Plan quinquennal Sport an, dat heescht, dat huet souzesoen e regionalen Interêt. Vun de Subventiounen hu mer scho geschwat, dofir, déi Fro ass vläit ze vill, mee wéi reegele mer dat um regionalen Niveau? Wien huet dee Moment Virrang, wat d'Notzung ugeet? Wien huet do Prioritéit? Well wéi gesot, aleng fir Diddeleng - mengen ech - ass dat scho ganz interessant mat all deene Schoulen, déi mer hunn, mee dat bedeit awer och, datt mer u sech déi Hal optimal wäerten notzen a fir dee Budget ass dat och gutt, wa mer déi Hal kënne optimal benotzen. Wat d'Detailer ugeet, mir begrëssen natierlech déi Zesummenaarbecht, déi Dir gemaach hutt, och mat de Veräiner, ech

mengen, dat sinn och Fachleit, a wann een um Terrain selwer ass, weess een, wou den Hoke läit, an ech soen elo mol, och wann een Architect ass a villes weess, ass et net ëmmer dat selwecht, wéi wann een um Terrain selwer muss lafen.

Dofir ass dat wierklech eng ganz gutt Initiativ gewiescht, fir mat hinnen zesummenzeschaffen, a mir géifen natierlech och begréissen, well dat ass elo den Ufank vum Projet, wann déi Zesummenaarbecht mat hinne géif natierlech och weidergefouert ginn. Nohaltekeetscheck, ass dat eventuell och fir d'Materialie virgesinn? Ass dat gemaach ginn? Ass dat och virgesinn? Ech gesinn schonn d'Äntwert. Eng aner Fro, wou ech net konnt erausliesen, ass, wéi vill Zuschauer sinn elo virgesinn? Ah, honnertsechsiwwenzeg Zuschauer, OK, Merci villmools. A wat de Phasage ugeet, wéi ass dat agedeelt a wéini ass et realistesch, datt mer fäerdeg ginn? Ech soe realistesch, well et huet een ëmmer esou déi theoretesch Zäit an déi realistesch Zäit. Eng kleng Saach, ech wäert do net vill an den Detail goen, do krute mer scho méi Detailer, mir hunn och schonn driiwer geschwat am informelle Gemengerot, wat de Choix vun der Anlag ugeet, fanne mir Gréng, ass dat wierklech déi bescht Solutioun, déi Dir proposéiert hutt, dat ass eben nohalteg an optimal. Et ass natierlech ze begréissen, dass mer wierklech eng grouss Fotovoltaikanlag – ech mengen, mir si bei ronn 40 kW Peak – a fir eis wier et natierlech och immens wichteg, datt mer do zukünfteg Kooperativen opbauen, fir datt d'Leit sech kënnen do och matbedeelegen an dat war och eng grouss Demande um Klimadag.

Zu der Architektur, ech fannen, war dat wierklech en Challenge, fir op esou enger Plaz, e Bestand, deen zimmlech enk ass, fir do eng gutt Léisung kënnen ze fannen a mir fannen, Dir hutt dat wierklech immens gutt gemaach, Dir hutt wierklech eng gutt Propos gemaach, eng flott Léisung ugebueden, dat ass natierlech ze begréissen, an - och wéi Dir sot virdrun - déi kohärent Integratioun am Tissu urbain ass immens wichteg an deem Quartier, well et ass awer trotzdem e Wunnquartier. An och de Choix vum Daach mat de Faarwe fanne mir och immens flott, well dat eben och nach eng Kéier dozou bäidréit, fir eng harmonesch Integratioun an deem Ganzen ze schafen. Als Conclusioun soen ech, ass et fir eis immens gutt, datt mer dëse Projet maachen, well mir gesinn dat éischter als en Invest an de Mënsch an et ass fir eis och kee Luxusprojet. Mir begréissen natierlech och, wat Dir virdru gesot huet an och am informelle Gemengerot, datt mer ongeféier kënne mat deem Budget rechnen a bei deem Budget verbleiwen, dat heescht, dass eng gewësse Marge virgesinn, ginn ech dovunner aus. An nach eng Kéier - wéi gesot - mir investéieren an de Mënsch an an den Diddelenger Bierger, an dat begréisst mir wierklech ausdrécklech.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci villmools fir déi dote Stellungnam.

**FRANÇOISE KEMP (CSV):** Merci fir d'Wuert a merci fir d'Presentatioun. Am Devis estimatif, deen ech opmierksam duerchgeliess hunn, sinn eis Posten opgefall, wou Prix-unitaire festgehalen goufen, allerdéngs beim Montant steet „en option“. Doropshin hu mir eis d'Fro ge-

stallt, ob dat dann ëmgesat gëtt oder net, an ebe ganz besonnesch, ob et wierklech méiglech ass, trotz deem „en option“, de Budget anzehalen?

**NICO ENGEL (ARCHITEKTEBÜRO BENG):** Also, „en option“, wat heescht dat? Dat ass ech just dofir geduecht, datt wann eng, elo, mir schwätzen hei -, mengen ech – vun de falsche Plaffongen, ass dat déi Positioun?

**FRANÇOISE KEMP (CSV):** Jo, déi falsch Plaffongen, an et ass och Lasur an et ass och Peinture an och fir d'Gerätschkuliss vum Tennis erofzemaachen.

**NICO ENGEL (ARCHITEKTEBÜRO BENG):** Jo, also wéi gesot, dat sinn esou Optiounen, déi mer ëmmer drastellen, fir datt mer wëssen, wa mer déi brauchen. Also, mir hu wëlles gehat wierklech vum Prinzip hir, datt mer keng falsch Plaffonge maachen, an duerfir ass dat e ganz wichtige Punkt, mir hunn se awer, wann elo géif awer an engem Beräich e falsche Plaffong misst kommen, oder sollt kommen, aus wéi enge Grënn och ëmmer, datt mer dann e Präis do stoen hunn an eng Optioun kënnen zéien. Dat hänkt e bëssen och dovunner of, wéi e Projet evoluéiert. Natierlech, mir wëssen net wéi eng Präisser mer elo erakréien, wa mir elo d'Méiglechkeet hunn, verschidde Saachen ze verbesseren, da maache mer dat, wa mer dat net mussen, da loosse mer dat natierlech sinn. Dat ass e Standard, dee mer probéiert hunn unzedenken, wou awer net onbedéngt gesot gëtt, mir wëllen dat elo zéien. Dat heescht, wa mer elo wéilt zéien, dann hu mer eng Iddi, e Präis dran. Wa mer elo net wéilt zéien, da loosse mer en natierlech sinn. An dat si wierklech Optiounen, déi mir elo gesot hunn, déi brauche mer elo am Moment wierklech net. Mee wann elo méi Leit do géingen Tennis spillen, da musse mir dat akustesches verbesseren, normalerweis net, dat misst duergoe mat der Konstruktioun wéi se elo ass. Wann sech elo géing erausstellen, datt et wierklech elo immens néideg wier, dann hu mer e bestëmmten Optiounspräis do, fir dann ze soen, datt mer da kënne reagéieren, mee déi Optiounen sinn do net derbäi, et ass elo net fir eppes ze verstoppen, mee et ass einfach esou, datt mer eng Indikatioun hunn, wann dann d'Gemeng wéilt eppes do zéien, fir dann ze wëssen, wat de Präis dann ongeféier ass.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci fir dës Stellungnam.

**TESSY ERPELDING (DÉI LÉNK):** Jo, Merci, Här Buergermeeschter, ech soen och natierlech de bedeelegte Büro Merci fir dës Presentatioun, et ass déi drëtt Kéier, wou ech se héieren hunn, méi oder manner laang, soudass ech mengen, dass ech de Projet méttlerweil e bësse kennen. En Dënschden hate mer jo den informelle Gemengerot, et bréngt engem de Projet awer ëmmer méi no wann een deen erkläert kritt, wéi wann een e just op de Pläng gesäit. Ech soen och eng Kéier Merci, dass mer déi Pläng all detailléiert, grouss um Pabeier kritt hunn. Och dat mécht villes méi einfach, fir et ze kucken. Et ass prinzipiell e flotte Projet an et héiert een och eraus, dass sech ganz vill Gedanken gemaach ginn ass doriwwer. Déi Saach mat deem Daach, deen am Himmel verschwënnt, kann ech mer nach net esou richtig virstellen. Den Tuerm op der Cloche d'Or hunn ech

net gesinn, vläicht ebe well ech en net gesinn. Ech vertrauen dann do mol den Architekten, déi wëssen, vu wat se schwätzen, well ech denken, op de Biller gesäit dat gutt aus, bon, do loosse mer eis dann iwwerraschen, wéi et herno ass.

Suerge mécht mer och e bësselchen déi laang Mauer, ech weess, mir hu gesot kritt, et ass keng einfach Mauer, déi ass aus Holz, dat ass mat Fotovoltaik. Bon, ech mengen, et kann een net ëmmer alles vermeiden a jiddereen zefriddestellen, et ass och elo net ganz schéin, op eng blechen Hal ze kucken, fir d'Noperen, dovun ofgesinn, voilà, et kann een net ëmmer alles vermeiden do. Dann hunn ech awer e puer Froen, just e puer kleng Froen zum technesche Beräich. Mir wëssen, dass um Daach iwwert der Athletikshal, op der hënneschter Fassad Fotovoltaikpanneauen installéiert sinn. Ech wollt awer froen, firwat op deenen zwee Diecher eben, déi am Himmel verschwannen, do keng Fotovoltaikpanneauen virgesi sinn? Gëtt et vläicht eng konkreet Ursaach dofir? Voilà, ech wollt dat einfach nëmmen eng Kéier nofroen, fir ze kucken, wéi vill fräi Fläch een nach kéint benotzen.

Dann hat ech och eng Fro, wéi genee dat Ganzt soll oflafen, wann de Chantier leeft, ëëë, hënnert dat net awer d'Leit, déi do wëlle Sport maachen, gi vläit Saache mateneen ofgerappt oder bleift en Deel stoen, zum Beispill d'Tennishal gëtt méi spéit ofgerappt an ech mengen, och den Terrain während der ganzer Zäit, kann dee wierklech benotzt ginn, och wann do circuléiert gëtt? Ech denken, villäicht ginn et Phasen, wou dat vläicht net esou méiglech ass, da ginn ech dovunner aus, wann dat sollt esou sinn, dass d'Veräiner och mat Zäit informéiert ginn. Dann hunn ech e puer Froen un de Schäfferot. Jo, eng Fro hat ech eben zu der Fotovoltaikanlag, mee den Här Buergermeeschter huet dat jo scho gesot, dass déi Méiglechkeet duerchaus kann envisagéiert ginn, dass d'Leit sech kënne bedeelegen. Dat muss ee jo och net haut decidéieren. Dat ass jo och ganz richtig. Dann hat den Här Bob Claude d'Fro opgeworfen Dënschden, déi ganz berechtigt war, wéi déi Hal ka genotzt ginn am Schoulsport, zum Beispill d'Briller Schoul, déi elo net esou gutt Infrastrukturen huet? Do war d'Äntwert relativ vag, et war gesot ginn, wann ech mech gutt erënneren, et kéint genotzt ginn vun der Briller Schoul, och vum Lycée, awer net permanent. An ech wollt just einfach nach eng Kéier nofroen, wat dat heescht, net permanent. Ass dat just sporadesch oder kann dat trotzdem awer wierklech stonneweils regulär an de Sportsplang agebaut ginn? Dann hat Dir gesot, dass am Virfeld mat de betraffene Veräiner, CAD, Tennis, American Football a Rugby geschwat ginn ass, wat wierklech gutt ass, wat awer och iergendwou selbstverständlech ass, well ech mengen, et ass haut scho gesot ginn, et sinn d'Veräiner, déi wësse genee, wat se brauchen, a wien de Sport net bedreift, dee kann dat dann einfach net esou genee wëssen. Mee mat de Leit ronderëm, déi ronderëm wunnen, ass net geschwat ginn am Virfeld, wat hir Doleancé wieren, an, voilà, do huet sech d'Kommunikatioun just op d'Versammlung vu gëschter Owend beschränkt, op déi kommen ech elo direkt.

Och wann d'Gemengerotsmemberen net op dës Informatiounsversammlung fir d'Leit, déi ronderëm wun-

nen, agelueden waren, war ech mir dat awer gëschter unhéieren, well ech eben och wollt wëssen, wat d'Doleancé vun de Leit sinn. Et waren net ganz vill Leit do, ronn eng Dose, wa mer d'Vertrieder vun de Veräiner ofrechnen, do war eng länger Diskussioun, déi een awer warscheinlech hätt kéint vermeiden, wann een éischter a perséinlech sur place iwwer d'Situatioun mat de Leit geschwat hätt an do huelen ech net den Architektbüro an d'Verantwortung, mee awer de Schäfferot. Wann ee virdru mat de Leit geschwat hätt an och mat de Leit geplangt hätt, an net eréischt déi Versammlung gemaach hätt, een Dag virum Vott hei am Gemengerot, dann wär dat awer eng aner Situatioun gewiescht an da wier dat mat de Leit wierklech gewiescht, an net se einfach virun d'Tatsaache gesat.

Et hunn sech elo net vill Leit beschwéiert, ech hunn op alle Fall net esou vill matkritt, sou dass de Wee net esou wierklech falsch ass, mee et geet einfach ëm d'Manéier, wéi een dat mécht. Eng Fro hätt ech just, et ass dunno um Enn vun enger Diskussioun vum Architekt ugebuede ginn, eventuell e Lärmschutz z'envisagéieren ënne riets, bei deem Tennisfeld. Bon, dat ass och e bëssen eng komesch Manéier, hätt een am Virfeld mat de Leit geschwat, dann hätt een dat kéinten direkt mat abauen, et hätt een déi Diskussioun och kéint warscheinlech ofkierzen. Ech weess et net, et ass op alle Fall komesch, dass en Dag virum Vott dann op eemol esou en neie Moment abruecht gëtt, voilà. Dann, just eng kleng Klammer op, mir hunn de Moie ganz vill iwwer Chancëgläichheet geschwat, et ass enger Gemeng Dideleng onwürdeg, esou eng Biergerversammlung just op Lëtzebuerg unzufänken, ouni mol ze froen ob och Leit am Sall sinn, déi déi Sprooch net verstinn, an och duerno ass déi meeschten Zäit Lëtzebuergesch geschwat ginn, just Lëtzebuergesch. Den Architekt hat zwar d'Presentatioun op Franséisch gemaach, Merci dofir, a mir mengen, dass bei esou Ulass onbedéngt misst eng simultan Iwwersetzung ëmmer virgesi sinn, voilà, Klammer zou.

D'Madamm Kayser huet och scho ganz viles ernimmt, wou mir hirer Meenung sinn, dat mam PAG, wat am PAG steet, am PAP-Nouveau quartier, bon, ech ginn elo net an d'Detailer, d'Madamm Kayser huet dat gesot an do waarde mer dann op d'Stellungnam vum Schäfferot herno, dat war eis op alle Fall och opgefall, an et ass scho wichteg ze froen, wou si mer do drun a wat ass geplangt vum Schäfferot.

Allgemeng denke mer, dass dës Hal net vu Muttwëll geplangt ass, si ass scho batter néideg fir d'Veräiner, ech mengen, doriwwer muss ee guer net streiden, si brauche besser Konditiounen, virun allem de Liichtathletiksport dat. Et lichter och an, datt déi besteeënd Infrastrukturen, déi elo do sinn, net kënne renovéiert ginn, dass do wierklech muss ofgerappt an nei gebaut ginn, Gewurstelt bréngt jo och näischt. Mir begreifen, datt u Fotovoltaik geduecht ginn ass an dass och verschidde Variante vum Heizsystem a Betruecht gezu gi sinn a mir denken, dass déi, déi zeréckbehale ginn ass, net déi schlechtest ass, op alle Fall. Allerdéngs geet et hei net ëm e puer Euro, mee et geet ëm ganz vill Milliounen, laut Devis 17,4. Genee wéi aner Fraktiounen hei, virun allem d'CSV, hu mer gesinn, dass am PPF 2022

eng Depense vun 10 Milliounen Euro virgesi war. Et ass schonn ernimmt ginn, mat Recetten tëscht dräiandresseg a fofzeg Prozent, jee nodeem wéi d'Raimlechkeete vum CAD agestuuft ginn. Mir hunn och gesinn, dass am PPF 2023 dat verschwonne war, firwat och ëmmer, vergiess ginn, Bick verluer, ech weess et net, an dann op eemol hu mer en Devis estimatif vu 17,4 Milliounen Euro virleien. Bon, mir hunn elo erkläert kritt, dass de Bauindex drësseg Prozent an d'Luucht gaangen ass. Ech war allerdéngs an der Schoul an ech ka rechnen an 30% vun 10 Milliounen si keng 17,4 Milliounen. Bon, mir hu gesot kritt, do sinn nach Saachen elo mat agerechent ginn, zum Beispill Fotovoltaik oder aner Saachen, mee fir eis ass awer e Projet e Projet, an et kann ee jo elo awer net soen, elo maache mer nach dat bäi an dat bäi an dofir ass et méi deier ginn.

War um Ufank net dodru geduecht ginn? Ech weess et net, mee et ass op alle Fall komesch, wa jorelaang an engem Projet, e Projet ass an dann op eemol komme Saache bäi, wou gesot gëtt, déi ware virdrun net mat agerechent. Flott ze héieren ass dann awer, dass den Devis kann agehale ginn, den Dëschden huet den Architekt gesot, domat misste mer auskommen, wuertwärtlech. Haut ass d'Ausso nach e Stéck méi kloer, mir kënnen dee Präis do méi wéi sécher anhalen, wann ech dat richteg alles notéiert hunn. Dat héiert ee gären, d'Beispill vun der Toilette muss ech net méi ernimmen an och esou Aussoe wéi Pi mol Handgelenk, déi mer schonns emol hei héieren hunn, net vun lech, mee vu Säite vun der Gemeng, hoffe mer dann net méi müssen ze erlieden. Ech denken awer, dass den nächste Gemengerot oder déi nächst Gemengerotsmembere wäerten sech och nach an zwee an en halleft, dräi oder véier Joer drun erënneren an da si mer mol gespaant. Voilà. Ech mengen ech ginn elo net méi am Detail an, op wat déi zéng Milliounen Euro sech baséiert hunn, et ass scho vill doriwwer geschwat ginn, firwat se am PPPF vergiess gi sinn, do muss mer och net méi sou genee drop agoen. Dann zu de Recetten, do stoung 33 bis 50% Subsid, den Här Buergermeeschter hat um Ufank gesot, dass mer bis elo bei fënnfandresseg Prozent sinn, ech wollt dann awer wëssen, wéini do decidéiert gëtt, ob mer méi héich ginn, wéi de regionale Charakter festgeluecht gëtt a wat dat da fir eis bedeit, wann et e regionale Charakter huet. Muss d'Hal da gedeelt ginn, wéi leeft dat da konkret of, do weess ech net, wéi dat geet. D'Madamm Ahmedova hat dat jo och gefrot.

Last but not least muss ech dann alt erëm awer widderhuelen, wat déi Lénk hei am Gemengerot ëmmer erëm bei Projekte vun esou enger grousser Envergure soen: Esou Projekte müssen detailléiert an der Finanzkommissioun virgestallt an diskutéiert ginn, éier se am Gemengerot solle gestëmmt ginn. Leider stelle mer all Joer nees fest, dass eis Finanzkommissioun hei zu Diddeleng just eng Pseudofunktioun huet, wou jeeweils eng Stënnchen iwwer de Budget am Hierscht geschwat gëtt, am Detail ass dat net méiglech, well d'Memberen d'Dokumentatioun zwee bis dräi Deeg virdu kréien, an dann nach eemol eng hallef Stonn am Februar iwwert de PPF, wou och d'Dokumentatioun net detailléiert virläit. Dat kann et net sinn, an dat ass och an anere Gemengen nach laang net iwwerall esou.

Entschëllegt, mir feelt meng lescht Sait, mee vläicht kann den Här Architekt eppes soen zu der Fotovoltaikanlag op den Tennisfelder.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Et ass gutt, ech menge mir kënnen schonn op déi technesch Punkten agoen, bis Dir dann de Schluss vun Ärer Ried fannt. Merci.

**NICO ENGEL (ARCHITEKTEBÜRO BENG):** Dat dote waren elo vill Froen, ech hu mer se elo net allegueren opgeschriwwen, ech probéieren elo mol, déi eng oder déi aner, wann ech eng vergiessen, da sot mer se, och elo vun der Fraktioun vun de Gréngen, an ech probéieren op déi Fro fir d'éischt mol ze äntweren. Déi éischt Fro war jo déi mat der Durabilitéit vun de Materialien, et ass ganz kloer, dass mer ëmmer méi an déi Cradle-to-cradle-Geschicht do kommen an dat sinn och Käschtepunkten, déi elo an der nächster Zäit ëmmer méi op eis duerkommen, dat heescht e Gebai muss kënnen esou ofgebaut ginn an opgebaut ginn, ouni datt et elo schwierig Situatiounen sinn, wou d'Materialien net méi kënnen genotzt ginn. Dat heescht dee Prinzip hu mer natierlech, esouwäit et nëmme geet, dat ass ënner honnert Prozent, ech géif soen, eist Gebai ass zu achtzeg Prozent demontabel a recuperabel, dat heescht mir baue mat stole Strukturen, mir baue mat hëlze Wänn, mir hu Panneauen, déi demontabel sinn, mir hunn eng hëlze Fassad, déi demontabel ass, dee Kär do natierlech, deen am Bëtong ass, deen Haaptkär, wou d'Vestiairé sinn, dee muss natierlech dann an deem Fall ofgerappt ginn, wann deen dann eng Kéier géing ofgerappt ginn. Also, wéi gesot, et ass schonn esou, d'Durabilitéit an d'Craddle-to-cradle-Situatioun ass kloer dra virgesinn.

Wat elo de Chantier ubelaangt, et ass esou, datt mer de Chantier jo esou kloer organiséieren, datt mer ee Chantier maachen an ee Baufeld hunn an d'Benotzung vun den Terrainen niewendrun ass ouni Weideres garantéiert. Et verlagert sech e bëssen, d'Aktivitéite wäerten sech e bësse méi an dese Beräich verlagere, well do dann de Container ass a mir de Chantier ronderëm zoumaachen, mee d'Pist ganz ronderëm ass ëmmer nees benotzbar an och ronderëm d'Grondlinn. Dat heescht, méi Aktivitéite wäerte elo hei stattfannen an deen heiten Deel wäert natierlech do e bësse méi ewechfalen, dat ass kloer, an d'Installatioun vum Chantier ass dann an deem Deel, mir hunn en Accès hei a mir kënnen dee ganze Chantier dann och do bedreien. Et gëtt an engem Stéck ofgebaut an et gëtt an engem Stéck gebaut. D'Delaien hu mer elo mol esou geschätzt, datt mer mengen, datt mer vläit an engem Joer kënnen ufänke mat bauen, nämlech d'Ofrappen, d'Installatioun vum Chantier an da kucke mer, wéi wäit mer an de Préfabriquée kënnen goen, fir datt mer méi séier nach kënnen bauen, dat sinn elo nach Situatiounen, déi mer nach müssen ausschaffen. Dat kënnt bei der Soumissioun eraus.

Wat waren elo nach Froen, déi ech do hunn? Jo, also firwat hu mer keng Fotovoltaik op den Daach gemaach? Dat ass aus deem einfache Grond vun de Surchargen. Dat ass eng grouss Portée an déi ganz Konstruktioun ass scho komplex vun der Struktur hier, an dofir hu mer ganz kloer virgesinn, do keng Fotovoltaik op den Daach ze maachen, hei just wéinst dem Gewiicht. Dat ass eng

Kéier d'Gewiicht, d'Eegegewiicht vun de Panneauen, déi gliese Panneauen, an dann ass et och esou, wann Aarbechten do virgesi sinn, datt do zwee, dräi Leit musse kënnen drop schaffen, fir den Entretien ze maachen, dofir hu mer elo mol op alle Fall virgesinn. Mir kënnen hei awer eng Kéier ausrechnen, wat dat elo géif ausmaachen, wa mer géifen do e Fotovoltaikpanneau dropsetzen oder net dropsetzen, also dat ass keng Diskussioun, dat ass eng Saach vu Käschten.

Just nach ganz kuerz, Dir hat nach dat mat deem Budget, déi 400.000 Euro, also, déi Fotovoltaikanlag brauche mir hei fir eist Gebai net. Dat musst Dir wëssen. Mir brauchen et vum CP hier net an och net vun der Energie hier. Dat heescht u sech, dee Budget vun dee-ne 400.000 Euro, do muss ee jo héichrechne mol eent Komma dräi, mat der TVA a mat den Honorairen derbäi sidd Dir béi engem Budget vu 700.000 bis 800.000 Euro, déi u sech d'Gebai net brauch. Dee Budget ass awer elo virgesinn, fir datt mer déi Saach kënne maachen, mee se gëtt net gebraucht an deem Sënn fir d'Gebai, well d'Fotovoltaik ass wierklech just d'Kiischt um Kuch drop, also wierklech méi ass et net, an dofir musst Dir elo doriwwer diskutéieren, ob dat elo aus dem Budget erauskënnt oder drableift, dat ass eng aner Diskussioun an ech mengen, et ass awer wichteg fir eis, fir lech ze soen, datt dat och e Facteur ass, wat awer bal véier, fënnf Prozent vum Ganzen ausmécht, ne, vum Chiffer hier, dofir wëlle mer lech dat awer matdeelen. Da sinn nach e puer esou Optiounen, déi derbäikomm sinn, déi sinn u sech nice-to-have an déi sinn och mat dran. Dat war nach eng Fro. Ech mengen, elo hunn ech lech all d'Fro beäntwert elo oder ass nach eppes, wat ech vergiess hunn?

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Um technesche Plang, mengen ech, si mer duerch. Madamm Erpelding, wann Dir nach gären de Schluss maacht vun Ärer Interventioun, dann ass elo de Moment.

**TESSY ERPELDING (DÉI LÉNK):** Jo, ech entschëllege mech. Ech hu mäi lescht Blat fonnt, et ass och net méi vill, ech war bei der Finanzkommissioun an ech wollt ebe soen, dass d'Finanzkommissioun, dat wär déi richteg Plaz, fir am Virfeld informéiert ze ginn an d'Méiglechkeet ze hunn, driwwer ze schwätzen, wann esou e Projet ausgeschafft gëtt an eier e fäerdeg um Dësch läit, wou näischt méi oder net méi vill ka geännert ginn. Mir haten zwar am Virfeld en informelle Gemengerot, wou dësse Projet virgestallt ginn ass, mee dat geet net duer. D'Dokumentatioun hunn d'Membere vum Gemengerot freides owes gemailt kritt, dëschdes owes ass d'Virstellung vum Projet a freides soll driwwer ofgestëmmt ginn, fir 17,4 Milliounen Euro z'engagéieren op Basis vun engem Devis estimatif. Wou bleift do d'Zäit, sech anstänneg mat engem Projet auserneezenesetzen, virun allem, wann ee weess, dass de Schäfferot sech jo scho jorelaang domadder auserneeetzt an d'Majoritéit an d'Oppositionsparteien hunn einfach dann nëmmen e puer Deeg an dat geet net duer. Wou bleift do d'Zesummenaarbecht mam ganze Gemengerot?

Zesummen, war mol esou e Slogan vun enger Partei, zesumme mat wem? Mat sech selwer. Dat ass net

transparent, dat ass net demokratesch, dat maachen déi Léink esou net mat, dofir enthalten mir eis bei dësem Vott. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, sinn nach weider Stellungnamen?

**ROBERT CLAUDE (LSAP):** Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Häre vum Schäffen- a Gemengerot, de 17. Mee 1953 ass eng Tennisterrainsanlag an de 26. Juni 1954 ass deen neien Athletikterrain ageweit ginn. Säit ronn 70 Joer gëtt also am Quartier Brill vill Sport gedriwwen. Besonnesch an der Enceinte vum J.F. Kennedy-Terrain hu legendär Liichtathletiksmeetingen, Basketball- a Feldhandballmatcher awer och national an international Fussballmatcher oft e grouss Publikum ugezunn. Och eng Rei Schoulsportsfester an aner Manifestatiounen, ewéi en internationale Majorettë-Festival, bleiwen a menger Erënnerung. Mat de Joren huet sech villen geännert. De Basketterrain ass verschwonnen, eng Tennishal ass bäikomm an de Fussball ass duerch den American Football ersat ginn. Dee grouss Public ass lues a lues ausbliwwen, an déi grouss Tribün war oft zimmlech eidel. Och dee jëtzege Schäfferot huet a senger Erklärung fir d'Period 2018 bis 2023 de Wëllen ausgedréckt, fir weiderhin an eis Sportinfrastrukturen ze investéieren. Dobäi ass de Bau vun enger Liichtathletikshal op der Plaz vun der Tribün an der Tennishal an Optrag bruecht ginn. Rechtzäiteg virun de Gemen-gewale leien elo dem Gemengerot d'Pläng an den Devis estimatif vir.

Wéi dat Ganzt wäert ausgesinn, si mir de leschten Dëschde mat enger flotter a preziser Presentatioun villen gewuer ginn, an och déi vill Froe vun de Membere vum Gemengerot sinn op eng befriddegend Manéier beäntwert ginn. Dofir seet och d'LSAP-Fraktioun den Häre vun den Architekten- an den Ingenieursbüro villmools Merci. Wichteg ass, datt déi zwee betraffe Veräiner, den CAD an den Tennisclub, beim Ausschaffe vun de Pläng ëm Rot gefrot gi sinn. An deem neie Sportkomplex ass e grouss Liichtathletikssall mat enger Pist fir de 60-Meter-Sprint mat oder ouni Hürden, eng Héichspronganlag an eng Staffhéichspronganlag, eng Ulafspist an eng Sandkaul fir Wäit- an Dräisprong, sou wéi e Krees fir Kugelstoussen, virgesinn. Och wann dës Sall haaptsächlech fir den Training virgesinn ass, kann ech mer awer gutt virstellen, datt och deen een oder anere Concours spéider do wäert stattfannen. Ech war en Dëschdeg frou ze héieren, datt och Schüler aus der Grondschoul an aus dem Lycée geleeëntlech vun deem Sall profitéiere kéinten. Besonnesch d'Schüler aus der nogeleeëner Brillschoul hätten hei eng gutt Geleeënheet, op enger vill méi grousser Fläch ewéi an hirem Turnsall uerdentlech dech Schoulsport ze driiwen. Net feele fir d'Sportler därer de Muskelatiounsraum.

Ganz interessant fannen ech déi sougenannt Salle d'arbitrage mat enger Kontrollkamera, déi op der Héicht vun der Ligne d'arrivée vun der 100-Meterpist läit. D'Umeldungen op engem Meeting kënnen do gemaach ginn an och d'Journalisten an de Stadionsspriecher fannen do Plaz. Um éischte Stack, wou och e Lift hiféiert sinn 2 Tennisterraine fir Training an national Matcher virgesinn. Dräi ënnerschiddlech grouss Häre- an Damm-

evestiairen, mat Dusch a Sanitären, e Kältebad, eng Infirmerie, eng Portiersloge a genuch Stockageraim sinn ageplant. Eng Buvette däerf an enger Sportanlag net feelen. Si befënnt sech ganz lénks am Gebai a 50 Leit kënnen do Plaz huelen. Ouni an d'Detailer anzegoen, muss ech soen, datt och do un alles geduecht ginn ass. Bâi guddem Wieder, elo komme mer no baussen, kann eng kleng Terrass ageriicht ginn. Um J.F. Kennedy-Terrain selwer kommen eng Rei Ännerungen. Sou gi beim fréiere Basketsterrain zwee Tennisterraine mat synthetescher Terre battue ageriicht, den Tennisclub verfüügt dann iwwer véier Baussenterrainen, well zwee Terrainen an der aktueller Anlag bestoe bleiwen.

Och 2 iwwerdeckte Paddle-Terraine kommen op déi aner Säit vum Kennedy-Terrain. De Paddle-Sport gëtt vu Joer zu Joer weltwäit ëmmer méi populär a wäert an deenen nächsten 10 Joer olympesch ginn. Et kann een roueg behaupten, datt d'Stad Diddeleng eng Virreiderroll an dëser Sportaart hei am Land spillt. Flott ass, datt eng kleng Tribün mat 167 Plazen an dat neit Gebai integréiert gëtt. Praktesch ass, datt genuch Stockageraim vu bausse vun de Veräiner CAD an Tennisclub, mee och vum American Football Club a vum Rugby Club benotzt kënnen ginn. Ech wëll mech bei den techneschen Detailer kuerz halen, net well dat net wichteg wär, am Géigendeel, ech sinn zouversichtlech, datt déi verschidde Baumaterialien esou ausgewielt gi sinn, fir datt en nohaltege Bau entsteet. Och bei den techneschen Aariichtunge sinn déi optimal Léisunge gesicht ginn, fir d'Käschte vu Stroum, Heizung a Waasserverbrauch a Grenzen ze halen. De Bau selwer wäert mat senger origineller Form gutt an d'Landschaft passen. Alles an allem hu mir hei ee flotten, innovativen a gutt duerchduechte Projet mat engem Devis estimatif vu 17.380,000 Euro. D'LSAP-Fraktioun wäert dësen Devis-estimatif guttheeschen. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci Här Claude, sinn nach weider Stellungnamen?

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Villmools Merci, also, dat ass jo alles super mat deem Projet do, mee et sinn e puer Wieder gefall, déi mer net esou gutt gefall hunn heibannen an ech wollt déi just eng Kéier uschwätzen, an eng kloer Stellungnam vun eiser Verkéiersschäffin dann awer och kréien, well wa gesot gëtt, datt de Vëlofuerer vläicht net helleg ass, da gleewen ech lech dat, mee wann awer geschwat gëtt, datt aus engem Vëloswee soll e Shared Space soll ginn, esou wéi et gesot ginn ass, musse mer dat awer vläicht wierklech kloerstellen hei, well dat ass nämlech net dat, wat erwünscht ass, op alle Fall net vun eiser Partei, an ech mengen, och net vun anere Parteien. Wa Stroossen do sinn, wou Auto fueren an do draus mécht een e Shared Space, dat hu mer ëmmer ënnerstëtzt, dat fanne mer gutt, mee wann e Vëloswee do ass, wou mer da soen, mir géifen och gär a Richtung Shared Space goen, do kann ech meng Kanner awer net méi sécher mam Vëlo zum Beispiil op den Tennistraining schécken. An do hätt ech gär e ganz kloer Statement, wéi dat do soll ausgesinn a wéi dat geet, well mir hu trotzdeem nach ëmmer eng Entrée déi aner Säit, wou s de och bis elo ganz gutt mat denge Camionnetten eran- an eraus konnts fueren, wann eng Ambulanz muss kommen, déi fiert driwwer, do

diskutéiere mer guer net driwwer, oder wann eng Kéier d'Gemeng muss kommen, fir d'Hecken ze schneiden, do diskutéiere mer och net driwwer, ganz kloer, mee wann awer Wieder fale wéi Shared Space, dass dat ëmgeännert gëtt, da brauche mer awer schonn ee kloer Statement, fir dass dat kloer ass. Villmools Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, Här Martini. Ech kucken hei nach an d'Ronn ob nach aner Stellungname sinn, dat ass net de Fall. Technesch hu mer - mengen ech - alles ofgedeckt, vun de Froen, déi gestallt goufen, sou datt mer dann elo kënnen op dee politeschen Deel iwwergoen an do wäerten dann esouwuel d'Claudia Dall'Agnol wéi och de Loris Spina an ech selwer drop agoen.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Ech hu just ee Saz, et ass ni vu Shared Space rieds gaangen, ech mengen, de Shared Space ass dat wat mer am Duerf hunn, dat Wuert hunn och weder ech gebraucht, nach iergendee vun eise Servicer. Dat huet den Här Engel gebraucht an dat eenzezt, wat hien domadder wollt soen, ass dat, datt do eis Servicer mussen kënnen driwwerfueren, net de Grand public, a mir schwätzen hei och net vun engem Kilometer Vëloswee, ech mengen, wéi vill sinn et der, 40 Meter, 50 Meter maximum, dat muss den Architekt, respektiv de René Tessaro, eis nach eng Kéier a Meteren ausdrécken a méi ass et net a mir wäerten dann och nach eng Kéier kucken, wann de Projet bis steet, datt dat dann och esou wäert bleiwen.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, Claudia Dall'Agnol. De René Tessaro hu wollt drop riichten.

**RENÉ TESSARO (SERVICE TRAVAUX NEUFS - BÂTIMENTS COMMUNAUX):** Jo, deen Eck do, wou de Parking ass, dat ass jo och Gemengenterrain, dee Parking, do ass och nach vill Plaz, do fanne mer och nach eng Léisung, déi Entrée mat de Reie a mat de Kurve vun de Gefierer, fir dat propper ze léisen. Also, et ass net, dass mer do wierklech nëmmen dräi Meter Passage hunn, do ass vill Plaz. Deen Eck, do kréie mer dat gutt geléist, well do ass Wach, do ass Plaz, fir déi zwou Saachen ze léisen.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, dem René Tessaro.

**LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN):** Jo, Merci Här Buergermeeschter. D'Fro war opkomm, vun deene Gréngen an och vun deene Lénken, wéi dat mam Schoulsport soll fonctionéieren. Also, et ass net esou, dass déi elo permanent Plagë géinge besetzen am Virfeld. Ech mengen, hei ass et änlech wéi am Centre sportif René Hartmann an an de Schwämmen, wéi mer et maachen, am Virfeld hält d'Schoulpersonal Kontakt op mat eisem Service des sports, bezéiungsweis mat deene betraffene Veräiner, an da ginn déi Plagen definéiert, wou de Schoulsport kann dovunner profitéieren. Dat ass natierlech d'Schoul Brill, déi net wäit ewech ass, an awer ass se wäit ewech, wann ee bedenkt, dat ass eng Schoulstonn, ronn fofzeg Minutten hunn ech fir mäi Sport ze maachen, wann ech mech do am Wanter misst deplacéieren, bis ech dann ugedoen, fortkomm an do sinn, mech

dann an d'Trainingsgezei geheien an herno erëm matzäite muss an der Klass sinn, da gëtt et - mengen ech - e bësse sportlech a knapp, soudass dat wierklech am Virfeld muss geplangt ginn, wéi een déi Plagen optimal kann ausnotzen an natierlech ofschwätze mam Veräin. Déi meescht Membere vum Veräin, soen ech elo mol, déi si jo dann éischter aktiv no der Aarbecht, no der Schoul, sou dass do manner Konflikt wäert entstoën, an änlech ass et mam Lycée an ech mengen, den Här Buergermeeschter geet herno nach drop an, dann ass och nach e bëssen ee Kritär, wa mer vu fofzeg Prozent Subside wëlle schwätzen, dass wann de Lycée déi Plagen änlech wéi bei der Hal an an de Piscinnen nach eng Kéier kann notzen, och do gëtt dat natierlech ofgeschwat, wéini zu wéi engem Moment si vun deenen doten Infrastrukture kéinte profitéieren.

Madamm Erpelding, de Voisinage, bezéiungsweis dat franséischsproochegt Element, datt dat gëschter gefeelt huet, ech mengen, dat klénkt extreem negativ, wann Dir dat esou sot. Ech mengen, Dir wat gëschter dobäi, et war eng Persoun, eng Persoun, déi konnt bal kee Lëtzebuergesch an déi Persoun war am Virfeld gebrieft ginn, well dat ass eng, déi de Rugby vertrueden huet, déi huet de Projet relativ gutt kannt an déi huet nach gläichzäiteg, wéi dat eben esou ass am Sport, huet den Tennis, deen huet do probéiert, déi eng oder déi aner Saachen nach ze erklären, déi souzen nienteneen, ganz bewosst, well se sech esou eens gi sinn am Virfeld, falls eppes net kloer wier op Lëtzebuergesch, da géifen déi dat iwwersetzen. Also, et ass net esou dramatesch, wéi dat elo hei eriwuer komm ass, oder jiddwereen, deen am Sall war, huet dat verstanen, wat gesot ginn ass. Wéi gesot, et war eng Persoun, déi bal nëmmen Franséisch konnt an déi hat awer den Traducteur organiséiert, bezéiungsweis huet de Projet am Virfeld kannt.

Ech wollt nach eng Kéier drop agoen, wat d'Madamm Kayser och gesot huet, déi schwätzt dann ëmmer esou ganz streng vu Rigueur a Kontroll. Also, Dir kënnt déi dräi Büroen eng Kéier froen, iwwer de Präis hu mer ganz vill debattéiert, net nëmme mir als Schäfferot, mee och eis Servicer hunn do richteg, richteg Drock gemaach, fir dass mer do natierlech d'Besoin vum Veräiner an natierlech d'Besoin vum Voisinage an awer och all déi aner Oplagen, déi mer hunn, energieetescher Natur an anerer, an trotzdeem hu mer allegueren ëmmer de Präis am A behalen an och do hunn se misse ganz, ganz vill Efforte maachen an dofir ass dee Präis erauskomm, dee mer elo de Moien hei presentéiert kritt hunn.

Ech wëll awer an deem Sënn positiv ofschléissen, den Här Claude huet am Fong geholl e ganz flotte Resumé gemaach, wat mer do virun allem sportlech op de Wee ginn an dat ass wierklech hei fir déi betrafte Veräiner, géing ech elo mol soen, e Quantesprong, well dat ass wierklech eng Verbesserung, dass se hir, hir, hir Qualitéit, hir Trainingseinheiten, hir Technik, hir Ausdauer, hir Kompetenzen och kënnen iwwer de Wanter esou opbauen, dass se wierklech als Athletin an Athleeten extreem Progrès kënnen maachen. Also, dat ass en extreem flotte Projet fir den Diddelenger Sport. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

Merci dem Loris Spina fir déi doten Erklärungen. Ech géif dann och nach op e puer Punkten agoen. Ech géif klassesch mam Finanzvolet dann ufänken. Hei ass e puer Mol gesot ginn an dat ass an där Ausféierung net richteg, dass deen heite Projet am PPF 2020 net virgesi gewiescht wier. Dat ass net richteg, en ass effektiv dran am PPF, dee mer 2023 diskutéiert hunn, de PPF ass eng Saach, de Rapport ass eng aner Saach. Wann een sech op de Rapport berëfft, effektiv, ech mengen, war dat vläicht en Oubli, dass en net dra war, mee am PPF, an den Zuelen, déi mer un de Lëtzebuurger Staat geschéckt hunn, déi dann op Bréissel geschéckt ginn am Kader vum PSC, wou mer virun dräi Deeg nach an der Chamber driwwer geschwat hunn, do sinn déi Chiffrer dran an ech mengen, et ass dat, wat zielt, well et ass dat, wat dat offiziellt Dokument ass. Also, hei ze soen, dass et en Oubli ass, dass am Plan pluriannuel financier, den Hall net dra war, ass am Fong net richteg an effektiv, dat heiten esou am Raum stoen ze loossen, ass effektiv net richteg. Dofir wëll ech dat hei ganz kloer nach eng Kéier preziséieren. D'Erklärung par rapport zu den Zuelen, déi hutt den Här Engel lech och ginn, ech mengen, ech hätt dat net besser kéinte maachen.

Jo, d'Madamm Kayser - den Här Spina ass kuerz drop agaangen - mécht dann ëmmer den Appell, dass mer Kontroll an Akribie sollen hunn. Ech hu nëmmen d'Impressioun, wann ech CSV héieren, dass Diddeleng, par rapport zu deenen honnertzwou Gemengen hei am Land, eng Insel wär, an ech soen lech hei nach eng Kéier, sou wéi ech et och schonn a viregte Gemengeréit gesot huet, schwätzt - well ech mengen, Dir hutt et nach ëmmer net gemeet - schwätzt mat de Buergermeeschteren, déi Ärer Partei méi no sinn, déi déi selwecht Funktioun hunn ewéi ech, wéi si mat hire Projekten ëmginn. Wa mer iwwert d'Haussé schwätzen, wann een iwwer Kontroll schwätzt, wann een iwwer Akribie schwätzt, da gesitt Dir, dass deen Appell, deen Dir hei un de Schäfferot maacht a puncto Kontroll a Rigueur an Haussen och eng Realitéit ass an deene Gemengen, wou d'CSV um Rudder ass. Dat par rapport zu de finanziellen Ausféierungen.

Dann, par Rapport zu deem Volet wat de Schéma directeur ugeet, dee richteg hei ugeschwat och gouf, do war et virgesinn am PAG, dee mer gestëmmt hunn, dass mer do wou effektiv elo de Moment d'Tennisterrainen drop sinn, dass mer déi ganz Surface do géifen huelen, baussen, fir abordabele Wunnraum ze kreéieren. Dat ass och elo nach ëmmer de Fall. Ech mengen, wat mer hei elo musse maachen, ech mengen, dass mer déi doten zwee Terrainen nach weider baussen zeréckbehalen hunn, an ech mengen, dat ass jo grad dat flottst hei un deem heite Projet. Mir hunn dat mat de Veräiner jo zesummen diskutéiert, dee Projet huet evoluéiert, an de Veräin huet eis selwer gesot, hei déi lescht Joren hu mir awer groussen Zouwuess, mir wëllen eis net effektiv och nach eis Méiglechkeeten hypothekéieren. Si woussten, si hunn eis kannt, si hunn eis Intentioun kannt, dass mer do abordabele Wunnraum wëlle maachen, et war awer och den Appell vum Veräin, vum Tennisveräin, besteet eng Méiglechkeet awer, déi zwee Terraine do ze halen, fir effektiv d'Championnater, fir net d'Evolutioun vun eisem Veräin ze hypothekéieren, an do-

fir si mer higaangen an hu gesot, OK, da maache mer am Fong hei de Kompromëss, dass mer déi zwee Terrainen effektiv hale baussen, wou der d'Championnater kënnt maachen, wou der och nach kënnt dann trainéieren, wou och d'Jugend kann trainéieren, well effektiv do Zoulaf ass an op där anerer Säit hale mer dann awer Terrainen a Richtung Pasteur Strooss, wou mer dann och abordabele Wunnraum maachen, wat mer jo och souwisou musse maachen, ech mengen, dat ass jo dann och en neie Moment gewiescht beim Veräin, mee dofir ass dat am Kader vun der Diskussioun, vun der Evoloutioun an och vum Projet a vun de Besoinen, déi de Veräin huet, fir och deem kënne Rechnung ze droen, wa mer elo effektiv nach eng Kéier eng Mopo musse maache vum PAG an do si jo eng ganz Rei Elementer, déi nach wäerte kommen, wou de Gemengerot wäert saisiert ginn, da wäerte mer hei natierlech de Schéma directeur och dann deementspreechend upassen, wou mer dann net méi déi ganz Fläch, mee en Deel vun der Fläch effektiv wäerte weider fir abordabele Wunnraum halen a wou een dann och deementspreechend d'Densitéit och ka weider upassen, wat deem dote Volet ugeet. Ech sinn amgaang nach meng Ausféierungen ze maachen, Här Gangler, an da kritt Dir och ganz gären d'Wuert - wat deem dote Volet ugeet, Voilà, dat ass par rapport zu deem Volet vum Schéma directeur.

Dann, mengen ech, war och déi Demande komm par rapport zu der Fotovoltaik, wat d'Bedelegung vun de Leit ugeet, do kann een an eng Richtung goen, zum Beispill vun enger Kooperativ, sou wéi mer dat awer och am Stade Aloyse Meyer gemeet hunn. Also, wéi gesot, dat ass vum Prinzip hier, fir effektiv déi kënne an d'Weeër ze leeden, ech mengen, dee Prinzip kann ee festhalen, d'Ëmsetzung kann ee jo zu engem spéideren Zäitpunkt och maachen. Dann, wat de Plan quinquennal ugeet, jo, dee Plan quinquennal geet am Fong fënnef Joer, also vun 2023 bis 2025, dat ass de Moment e Projet de loi, dee virläit, an do ass de Projet jo och mat dran, déi heite Montante sinn do mat dran, awer dass mer eis net falsch verstinn, am Plan quinquennal, do ginn et déi kllassesch Subsiden, hei wieren dat fënnefandresseg Prozent, déi si jo garantéiert, dann, wann et regional, da sinn et fofzeg Prozent a wann et national ass, da sinn et der natierlech méi, mee wann et en nationale Projet ass, dann ass ganz oft och deelweis de Staat de Bauhär, während bei anere Projeten éischter d'Gemeng de Bauhär ass an da staatlech Subside kritt. Dofir, fir dass mer eis net falsch verstinn, d'Madamm Kayser hat dat ugeschwat mam Paddle, ob een do en internationale Subsid kritt, mir musse jo hei national, respektiv international Normen erfëllen, virun allem international Normen, sief dat am Tennis, sief dat am Paddle, dat heescht awer net, dass mer Subside hunn, déi international sinn. Déi ginn et d'ailleurs net am Plan quinquennal, et ginn dann national Subsiden, regionaler oder wéi gesot da lokaler, mee dofir musse mer engersäits Normen anhalen, dat ass zum Beispill och bei der Leichtathletik de fall, do musse mir, fir datt iwwerhaupt Kompetitioun do ka gemeet ginn op engem nationale Plang, op engem europäesche Plang, international Normen, wéi gesot, anhalen, an dann ass natierlech ze kucken, wéi eng Orientatioun kritt dee Projet. Bon, hei hu mer eng Rei Argumenter dem Sportsministère duergeluecht. Engersäits krute mer jo e regionale Subsid fir de

Centre sportif René Hartmann deemools. Mir hunn och gesot, e regionale Subsid, well mer natierlech och eng Gemeng sinn, déi regional Aufgaben huet.

Een Argument ka sinn, natierlech de Lycée, de Loris Spina ass drop agaangen, dass de Lycée dat dote kann notzen, am Lycée sinn Diddelenger Jugendlecher, mee awer och Jugendlecher aus der Regioun, an natierlech och, an dat ass eng Diskussioun, déi een nach muss weiderdreiwen, dat hu mer nach net gemeet, dass wann een och nach e regionale Subsid kritt, da mussen zwou Gemengen dovunner och concernéiert sinn, oder Nopeschgemengen, dass déi net en änlech gelagerte Projet an hirer Gemeng ëmsetzen. Ech ka mer virstellen, do ginn et Gemengen, déi keen änlech gelagerte Projet an hirer Gemeng wëllen ëmsetzen. Dat ass jo eng Saach vum Terrain, dat ass eng Saach och ob een e Leichtathletikveräin huet, respektiv en Tennisveräin huet, dat ass dat eent. An dat anert ass, wann een natierlech an déi dote Richtung geet, dann ass dann och ze kucken, wat d'Besoinen vun der Notzung vun deem dote Veräin sinn, mee wat awer ëmmer de Fall wäert sinn, dass am Fong déi Gemeng, déi dann och de Bauhär ass, och bei engem regionale Subsid, deem awer d'Prioritéit, ech wëll net soen, d'Primautéit, mee awer d'Prioritéit huet, wat awer d'Notzung ugeet, mee dass een natierlech dann awer och kuckt, déi Besoinen ofzedecken an der Regionalitéit, well minimum zwou Gemengen musse concernéiert sinn. Ech mengen, et ass dat, wat hei och dee Projet de loi a senger Definitioun och ausseet. Dee Projet de loi, wéi gesot, ass de Moment net gestëmmt, mee bon, wann e gestëmmt gëtt, mengen ech, dass dat awer, wéi gesot, d'Ausrichtung.

Dann, war nach dee Volet, dat wollt ech awer hei nach soen, vum Bau selwer, éier ech dann dee ganze Volet vun der Informatioun uginn, ech mengen, wann dee Projet hei gestëmmt gëtt, do wäerte mer e gutt Joer an der Prozedur sinn, bis ugefaange gëtt mat schaffen, an da kann ee rechnen, datt mer awer gutt zwee Joer ënnerwee wäerte sinn, mat deem ganze Bau vum Projet. Dann, déi Demande, déi hei komm ass, dass een hätt sollten d'Finanzkommissioun mat abannen, ech mengen, mir sinn hei dee Wee gaangen, wou mer en informelle Gemengerot gemeet hunn, a mir hu jo d'Sportskommissioun - dat heiten ass eng Sportsinfrastruktur, mir hunn eng Sportskommissioun - mat bäigezunn, a mir wollten - ech hätt mer kéinten d'Diskussioun hei virstellen, wa mer d'Kommissioun par rapport zur Envergure vun deem heite Projet virgezunn hätten an de Gemengerot net consultéiert hätten, wat mer dann eng Diskussioun hei gehat hätten, wou Dir gesot hätt, déi Leit, déi net gewielt sinn am Gemengerot, hunn d'Informatioun am Virfeld kritt, a mir, déi am Fong iwwer de Projet hei musse befannen an ofstëmmen, kréien dat eréischt duerno. Dofir si mer jo grad dee Wee gaangen, en informelle Gemengerot ze maachen an d'Sportskommissioun mat bäizezéien, effektiv an den Delaien, déi mer och hei hunn an effektiv dann och lech déi néideg Informatiounen ze ginn, well deem Dossier hei zimmlech komplex ass, dat mierkt een och haut erëm, an déi ganz Envergure, déi en huet, fir dat virzeschalten, fir effektiv dann och déi konsultativ Kommissioun.

Natierlech kann een driwwer diskutéieren, mir hätten och kënnen d'Finanzkommissioun huelen, mee op alle Fall hu mer hei d'Sportskommissioun, wat eng Sportsinfrastruktur ass, mat bäigezunn, fir dass si och kann Abléck an deem heite Projet kréien. Ech mengen ech wier op alles agaangen, wat hei e bësse méi politesch ass.

**JEAN-PAUL GANGLER (CSV):** Jo, Merci Här Buergermeeschter, dat war an deem Kontext ebe vun deem Schéma directeur. Éischtens soen ech mer, da musse mer jo warscheinlech awer och, wéi mer et bei deem Terrain vis-à-vis vun der Butschebuerger Schoul gemaach hunn, dee BEP-PS Projets sociaux änneren, well et ass jo esou, wann een esou e BEP huet, da muss ee jo och d'Bestëmmung do richtig ugin. A wann een e BEP-PS huet, dann däerf ee just nëmmen do soziale Wunnensbau, fir et mol esou auszedrécken, maachen. A wann dann awer elo nach d'Sportsterrainen drop sinn, da kritt dee jo och eng aner Determinatioun, dee BEP. An dann déi aner Fro, dat läit mer awer e bessen um Häerz, wa mer elo do d'Hallschent nëmme vun deem Terrain als Wunnensbau realiséieren, do kann een elo jo nach keng richtig Pronosticke maachen, mee geet et dann a Richtung, dass mer awer probéieren, fir déi Hallschent vun de Wunnengen, déi da verluer ginn, och vläit en anert Konzept ze maachen, zum Beispill, méi héich ze bauen oder esou oder méi dense ze bauen oder esou, dat wier awer interessant ze wëssen, wa mer eis mat eisem PAG eng Envergure ginn hunn, wat mer vu Wunnenge kënnen schafen, da wëllt een awer och wëssen, wann duerch zwee Terraine Wunnengen ewechfalen a wat fir eng Richtung dass mer dat kompenséiere kéinten. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci fir déi dote Fro, ech mengen, ech ka ganz gärren drop agoen. Dat ass jo och en zimmlech rezente Moment gewiescht, wou de Veräin eis gesot huet, fir déi doten zwee Terraine wëllen ze halen, wou mer och deem da Rechnung droen. An natierlech, ech sinn net am Detail drop agaangen, Dir hutt dat ganz gutt gemeet. Ech hu gesot, mir mussen de Schéma directeur am Kader vun enger Modifikatioun vum PAG adaptéieren, da geet een natierlech an déi doten Richtung, auswäerts iwwert wat engersäits d'Ausrichtung vun der Zon ugeet, wat do méiglech de Moment ass an net méiglech ass, dass mer effektiv deem Rechnung droen, mat deem Projet, dee mer hei stëmmen, an da kann een natierlech an deem dote Kontext och nach eng Kéier iwwert d'Densitéit schwätzen. Mir komme jo zu engem neie Moment par rapport zum besteeënden Moment, dee mer hunn um Niveau vum Schéma directeur an um Niveau vum PAG a vu, dass souwiso eng Mopo vum PAG muss gemeet ginn, kann een dat heiten och bei déi aner Elementer, déi mer schonn hunn, mat bäizéien an effektiv dann och déi néideg Adaptatiounen maachen. Si soss nach weider Froen? Dat ass net de Fall.

Gutt, da géif ech vläicht deem heite Projet ofschléissen an ech géif awer vläicht op den Akt iwwergoen, well mir hunn jo am Fong hei d'Presentatioun virgezunn, fir awer de Projet virzestellen, mir hunn awer och den Akt, an déi zwee sinn natierlech liéiert a reng prozedural gesinn, och wann d'Presentatioun vir ass an den Akt un zweeter Stell, musse mer als éischt zu den Akt stëmmen an

dann eréischt de Projet, well et ass am Fong duerch déi Terrainen, déi mer kréien, wou mer och de Projet kënnen realiséieren. Anerwäerts geet et net, dofir mengen ech, géif ech awer elo nach eng Kéier hei op den Akt agoen, dass ech deem nach eng Kéier presentéieren, dass mer iwwer deem diskutéieren an dass mer dann den Akt fir d'éischt stëmmen an dann de Projet.

### **5.3. Approbatioun vun engem Kontrakt mam Här Jean Pierre Valerius a senger Fra Jeanne Berchem, fir de Kaf vun Terrainen an der Pierre Krier Strooss.**

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Ech mengen et ass jo virdru schonn ugeklungen, dass mer am Kader hei vum Projet vun deem Neibau och nach Terraine brauchen. Ech mengen, Dir hutt de Plang virunlech, dat ass ganz lénks an dat sinn Terrainen, déi dem Här Valerius an der Madamm Berchem gehéieren, dat ass an der Pierre Krier Strooss, dat sinn 12 Ar 60 Zentiar, déi mer kafe wëllen, fir e Präis vun 66.150 Euro. Do orientéiere mer eis un de Präisser, déi mer och scho bei änlech gelagerte Projeten haten. Ech mengen, dass dat deem heite Projet jo dann afléisst an eng BEP-Zon, also eng Zone de bâtiments et d'équipements publics. Mir hunn, wéi gesot, d'lescht Joer am Hierscht mat den Diskussiounen ugefaangen, fir dat heite kënnen ze finaliséieren, an ech wëll awer och hei, souwéi et och am Akt steet, ganz kloer soen, dass jo och op där doter Fläch en PAP läit, en PAP Nouveau Quartier.

Deen hu mer jo och am Kader vum Schéma directeur, am Kader vum PAG erageschéckt, dat ass Rue du Berger, Rue Alexandre Fleming, bon, deem an der Prozedur ass an egal ob de Projet realiséiert gëtt oder net realiséiert gëtt, wann et an der Prozedur ass, ass jo klaschesch bei engem PAP déi ganz Diskussioun ronderëm déi Cessioun vu 25% an, wéi gesot, wann et och manner wéi 25% ass, an dat wier hei de Fall, da kann een och eng Soulte froen a wann een déi Soulte freet - ech mengen, mir hate jo schonn änlech gelagert PAPen - da muss natierlech déi Soulte geholl ginn, fir direkt an der Proximitéit e Projet ëmzesetzen, dee mam PAP ze dinn huet, an an der Ausrichtung vun deem dote PAP, deem an der Prozedur ass, ass dat, wéi gesot, net de Fall.

Dofir renonciéiere mer hei op d'Indemnité compensatoire, Dir kennt lech erënneren, dass mer am PAP deemools an der Bierenger Strooss déi selwecht Situatioun haten an och mam PAP, wou mer elo driwwer nach eng Kéier schwätzen, mam PAP Rue Dominique Lang, ech mengen, dat sinn déi zwee leschte Projeten, wou mer do op eng Soulte renonciéiert hunn, well mer, effektiv, wa mer se gefrot hätten, an der direkter Proximitéit keng Infrastruktur haten, wou een se kéint ëmsetzen, an dat ass och hei, wéi gesot, de Fall. An d'Utilité publique gëtt hei awer geholl am Akt, well et effektiv an de Parcellaire afléisst vum Stade J.F. Kennedy. Dat zu den Erklärungen, wat dësen Akt ugeet.

D'Diskussioun ass op. Dat ass net de Fall, da géif ech proposéieren, zum Vott iwwerzegoen.

Wien ass mat deem Akt, sou wéi en hei virläit, averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci. **Da gi mer iwwer op den Devis fir d'Liichtathletikshal a fir den Tennis, déi ronn 17,4 Milliounen Euro. Wien ass mat deem Projet, respektiv dem Devis averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun deene Gréngen, der LSAP, der CSV an eisem onofhängege Member. Wien ass dogéint, wien enthält sech, dat sinn déi Lénk.** Villmools Merci, fir engersäits d'Diskussioun, awer och eisen Invitée fir d'Presentatioun an och d'Erklärungen zu deem heite Projet. Merci fir Är Zäit.



#### 5.4. Zoudeele vun ausseruerdentleche Subsiden

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Da gi mer op den nächste Punkt iwwer an dat sinn d'Subsiden. D'Sécurité routière, déi kréien all Joer 750,00 Euro an deene wéilte mer dann och dëst Joer e Subsid gi vun 750,00 Euro. Ass de Gemengerot mat deem Subsid averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

### 6. APPROBATION VUN DER PROPOSITION FIR D'ÄNNERUNG VUM DEELBEBAUUNGSPLANG „DOMINIQUE LANG STROOSS“.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Eng kleng Modifikatioun. Dir gesitt, mengen ech, hei der Deliberatioun, dass eng Procédure allegée hei entaméiert gouf, den 10. März 2023 hei vum Schäfferot, dass den Inneministère den 11. Abrëll 2023 déi Procédure allegée hei approuvéiert huet, dass et och konform ass zum PAG, dass natierlech och alles ausgehaange gouf vum 15. März bis de 14. Abrëll 2023, dass och keng Objektioun komm ass, sou dass een och de Feu vert hei ka ginn. Ëm wat geet et? Am Fong ass dat deen heite PAP an der Rue Dominique Lang, wann ee kuckt, dee gouf 2014 hei am Gemengerot gestëmmt, dat ass scho voll am Bau, et sinn och scho Leit do ugemellt, déi do wunnen, an hei war awer op Demande vun de Leit, dass een déi Carporten, déi virgesi waren, dass déi um Lot 9, deen Dir och op de Pläng fannt, a Garagen ëmgewandelt kënne ginn.

De Lot 5 huet se op sengem eegene Site. Dat ass déi kleng Modifikatioun, déi hei och gemaach gouf, dass am Fong déi Carporten a Garagen ëmgewandelt ginn. Den Innenminister ass domat averstanen, et goufe keng Objektiounen, sou dass ech hei dem Gemengerot proposéieren, dass een deem Rechnung dréit well effektiv hei Leit Demandeure waren, fir déi Modifikatioun ze maachen. Dat sinn d'Erklärungen zu där Procédure allégée. Si Froen oder Stellungnamen dozou? Neen, da kënne mir doriwwer ofstëmmen: Wien ass mat där Procédure allégée averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

### 7. APPROBATION VUN ENGER ÄNNERUNG AN DER ZESUMMESETZUNG VUN ENGER GEMENGEKOMMISSION

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Da komme mir op d'Modifikatiounen vun der Kompositioun vun de Kommissiounen an do ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

**RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):** Et ass esou, dass eise Mataarbechter Patrick Hoss, dee Member war vum Klimateam, am Laf vum Joer an d'Pensioun gaangen ass a vu, dass déi Leit nominativ ernannt sinn, musse mir deen ersetzen a mir proposéieren, dass mir géingen den Daniel Hurt, och Mataarbechter am Gréngen Haus, deen och d'Relève iwwerholl huet, an deem Domän do dann als Expert an dat Klimateam nominéieren.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Ass de Gemengerot mat där Nominatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.



## 8. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER- A SCHÄFFEROT

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):**

Ënner dësem Punkt komme mer zu de Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot. Ënner dësem Punkt an der ëffentlecher Sitzung ass eng Fro vun der Madamm Erpelding, also vun deene Lénken. Et geet dobäi ëm de Wunnengsbau hei zu Diddeleng, wou si eng Rei Froe stellt. Wéi vill Wunnengen aktuell vun der Gemeng u Privatstéit fir Wunnzwecker verlount ginn a wat de Bestand ass vu Wunnengen am Parc immobilier communal? Dat ass déi éischt Fro, déi sech drop ausriicht, dass de Logement e wichtege Aspekt jo och ass hei zu Lëtzebuerg. Do kann ech lech drop äntweren, dass de Moment hei zu Diddeleng also d'Gemeng Propriétaire ass vu 55 Wunnunitéiten, dovunner sinn 10 Wunnengen an der Gestion locative sociale, ech maachen elo hei Abstraktioun vun där Gestion locative sociale, wou den Office social jo selwer geréiert, mä hei si 55 Unitéiten, déi der Gemeng gehéieren an dovunner 10 an der Gestion locative sociale, déi den Office social eben huet.

Da freet d'Madamm Erpelding ob Wunnenge vun der Gemeng eidel stinn a wa jo, wéi vill an och firwat? De Moment hu mer eng Wunneng, déi eidel steet an déi mer och eidel loossen als Logement d'urgence fir wann eng Kéier e Brand wier oder soss en Noutfall, fir dass een och do Leit ënnerbrénge kann.

Dann ass d'Fro, wéi vill Wunnengen am Bau sinn oder ëmgebaut ginn? Do kann ee soen, dass jo de Moment am Bau sinn, dat sinn déi 5 Haiser op Lenkeschléi, déi 5 Maison-unifamilialen, déi sinn an der Phase de finition, et sinn der schonn 2 fäerdeg, 1 ass bewunnt an déi aner sinn um Punkt, fäerdeg gestallt ze ginn. An da sinn der natierlech eng ganz Rei an der Planifikatioun, notament PAP A Bëlleg, do sinn et esouwuel Haiser wéi och Appartementer, dat ass jo am Kader vun der Konventioun festgehalten an dann natierlech och – an dat hate mer schonns hei am Gemengerot - dee Projet an der Rue Nic Bodry, dat sinn och Haiser, déi an der Planifikatioun sinn, respektiv och am Eecherdall, do hate mir jo och de Schéma directeur am Kader vum PAG. Dat sinn déi, déi de Moment an der Planifikatioun sinn. Och an der Planifikatioun sinn déi wou mer jo am leschte Gemengerot Terraine kaf hunn op der Lëtzebuerger Strooss.

Dann ass d'Fro gewiescht wéi vill Terraine mir hunn. Mir hunn och vir all Fraktioun hei Tableaue preparéiert mengersäits fir déi Wunnengen, déi der Gemeng gehéieren,

dat deele mir all Fraktioun aus. An natierlech, och déi Terrainen, déi der Gemeng gehéieren a wou laut dem neie PAG Wunnenge kënnen gebaut ginn, dat sinn Terrainen, déi mir schonn am Kader vum PAL, also dem Plan d'action logement, schonn diskutéiert haten, déi och Bestanddeel dovunner sinn. Mir hunn lech dat op en Tableau gemaach wou mir lech och ausdeelen, fir datt Dir dat kënnt visualiséieren. Dat sinn déi Schéma-directeuren, déi am Kader vum PAG sinn, dat sinn 19 Stéck, wou d'Gemeng dann och deelweis Propriétaire ass vu Parzellen, respektiv awer just e klengen Deel vu Parzellen huet well PAP Nouveaux quartiers sinn, wou Privatileit Developpeur sinn a wou mir als Gemeng Co-Lotisseur sinn, wou mir och vun de Privaten ofhängeg sinn, wat d'Entwécklung vum PAP ugeet a wou mir dee klengsten Deel vun Terrainen hunn, par rapport zum PAP, respektiv zum Schéma directeur.

Deen Tableau deele mir lech aus, wou Dir ganz kloer gesitt wat déi gesamt Surface ass, wat d'Surface ass, déi d'Gemeng huet a wat d'Surface ass, déi de private Propriétaire gehéiert an dann natierlech och d'Astufung PAP-Nouveaux quartiers oder eng ZAD, esou wéi dat dann och de Moment am PAG dran ass. A fir dat och kënnen ze veranschaulichen, deele mer dann och all Fraktioun e Plang aus - och dat hate mer schonn am Kader vum PAL gemaach, deen Exercice, also keen neie Moment - wou Dir nach eng Kéier gesitt, wou déi verschidde Sitte sinn, wou mer och déi Parzellen hunn am Kader vun deene Schéma-directeuren, dat gëtt engem dann eng besser Vue d'ensemble. Dat sinn also 9 verschidde PAP-Nouveaux quartiers, respektiv ZADen, sou wéi et an eisem PAG, deen en vigueur ass, verzechent ka ginn.

An da war jo d'Fro, wat sinn d'Ursaachen, firwat nach net geplangt, respektiv, gebaut ka ginn? Ech mengen, ech hunn lech schonn d'Änwerte ginn, mir sinn zwar Co-Lotisseur, mä vu datt mir déi klengste Surface hu par rapport zu de gesamte PAPen, wou déi privat Leit hei sollen developpéieren, hu mir natierlech sécherlech d'Méiglechkeet, matzeschwätzen, wann de PAP developpéiert gëtt, vu datt mer Co-Lotisseur sinn, mä mir sinn ewéi gesot net à l'initiative well mer net déi meeschten Terrainen hunn. Eng vun Äre Froen hunn ech och scho virdru beäntwert, wéi vill Logement-d'urgence mer hunn? Mir hunn effektiv eent, dat mer fräi halen, wann effektiv wierklech e Brand ass, zum Beispill, dat huet ee jo gesinn an eiser Nopeschgemeng, wann een där keng huet, ass een natierlech op anerer ugewisen. Fir eis wier et kee Problem wa mer och do kënnen dat mat Solidaritéit léisen, mir haten e Logement d'urgence an dat ass elo fräi ginn an dat behale mer elo och weiderhi fräi fir dann och Leit kënnen do opzehuelen.

Da war eng Fro, kënnen mer do eng detailléiert Lëscht kréien? Dat maache mer, dat schéisse mer elo no, dann hutt Dir dat.

An da war déi lescht Fro, wou Dir gesot hutt, laut dem Pacte Logement huet d'Gemeng d'Méiglechkeet, pro Dausend Awunner:innen zwou Wunnengen um fräie Marché ze lounen an se dann zu engem bezuelbare Loyer weiderzevelounen, dat wiere fir d'Diddelenger Gemeng 44 Wunnengen. Firwat notzt d'Gemeng Diddeleng dës

Méiglechkeet net? Do muss ech soen, d'Gemeng Diddeleng notzt déi Méiglechkeet net well et déi Méiglechkeet tout court net gëtt. Ech hunn am Gesetz vum Pacte Logement nogekuckt, eis Servicer hunn dat nogekuckt, eise Service Architecture et Domaines an eise Conseil Logement drop gesat, mir hunn am Logementsministère nogekuckt a menges Wëssens an hires Wëssens, a mir hunn dat nach eng Kéier nogekuckt gëtt, gëtt et esou eng Dispositioun am Gesetz net. Also kënne mir déi Méiglechkeet net notzen, wann d'Gesetz esou eng Dispositioun net virgesäit.

Dat ass d'Äntwert, déi ech op Är Fro à ce stade ka ginn. Wann iergendeng Kéier d'Gesetz esou eng Méiglechkeet géif virgesinn, wann et géif geännert ginn, da kann een op Är Propos zeréckgräifen, mä d'Gesetz, dat deen Ament en vigueur ass, gesäit dat wat Dir hei gefrot hutt, net vir. Esou eng Dispositioun gëtt et net. Dat d'Ausféierungen zu Äre Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot. Wéi gesot, mir hunn hei en Dossier préparéiert, dee mir lech dann och gären ausdeelen, dann huet jiddereen déi néideg Informatiounen heizou. Dann hätten ech – mengen ech – alles beäntwert wat ze beäntwere wier par Rapport zu Ärer Fro. Ausser Dir hätten nach eng Präzisiounsfro, da kënnt Dir déi natierlech stellen, dat ass dem Auteur oder der Autrice vun der Fro ëmmer gestatt.

**THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK):** Jo, Merci fir déi Äntwerten, et sinn elo keng Detailer ze froen, a wa mer dann elo och d'Lëscht kréien, soen ech op alle Fall villmools Merci, well mir haten déi jo scho gefrot fir dass mer e bësse wëssen, wou mer dru sinn. Zu der leschter Fro, dann hunn ech do eng falsch Informatioun, déi ech kritt hunn, ech kucken dat dann och nach eng Kéier no, mä wann Dir dat alleguerten nogekuckt hutt ... ech hu mech do op eng Ausso verlooss an ech muss soen, dass ech se net am Detail kontrolléiert hat. Gutt, maachen dat dann och nach eng Kéier. Merci fir all all d'Äntwerten.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci och, da kënne mer elo d'Séance publique zoumaachen an an de Huis clos iwwergoen.



# FÊTES ET MANIFESTATIONS

## FESTE UND VERANSTALTUNGEN

**22.06.  
-09.07.**



### KERMESSE D'ÉTÉ

SOMMERKIRMES

Place Fohrmann

**01.07.**



### FAIRES FRÜHSTÜCK

PETIT DÉJEUNER ÉQUITABLE

Place de l'Hôtel de Ville / 9h-11h

**02.07.**



### MARCHÉ DU MONDE

Place de l'Hôtel de Ville / 11h-18h

**09.07.**



### SUMMER SPILL A SPAASS

Parc Le'h / 11h-18h

**13.07.**



### OVATION DES CHAMPIONS

EMPFANG DER SIEGERTEAMS

Hôtel de Ville / 19h

**14.07.**



### SUMMERSTAGE

SYMPHONIC ROCK SHOW

Parc Le'h / 20h30

**15.07.**



### EAT, BEAT & CULTURE

FOODTRUCKS, DJ'S & WORKSHOPS

Place Thierry Van Werveke, NeiSchmelz / 11h-01h

Le collège des bourgmestre et échevins / Das Bürgermeister- und Schöffenkollegium

Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister

Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen

**#**  
**maville**

DUDELANGE,  
ON DIRAIT  
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

**INFOS**



www.dudelange.lu  
> AGENDA



# Hobby- moart

marché artisanal



INFOS

**Sa 26.08.2023 - 11h-18h**  
**Place de l'Hôtel de Ville**

**N'HÉSITEZ PAS À PARTICIPER! MACHEN SIE MIT!**

**#**  
**maville**

**DUDELANGE,  
ON DIRAIT  
LE SUD**

LIÈWE WÉI AM SÜDEN



BP 73 L-3401 Dudelange  
T 516121-1  
ville@dudelange.lu  
www.dudelange.lu  
blog: www.ondiraitlesud.lu

**SERVICE FÊTES  
ET MANIFESTATIONS**  
T 516121-3430  
fetes@dudelange.lu